

Ordre du jour

- 1. Communications
- 2. Composition de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports
- 3. Ordre du jour
- 4. 5029 - Projet de loi concernant les relations entre l'Etat et l'enseignement privé et portant abrogation des articles 83 à 87 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire
(Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Amendement - Vote - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)
- 5. Dépôt d'une motion par M. Nicolas Strotz relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre
- 6. 4942/5032 - Projet de loi modifiant la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire
(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Anne Bras-seur, MM. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres; M. Jo-seph Schaack, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1. Communications

1) En date du 13 mai 2003 a été re-mise la pétition N° 250 «Fir méi Lie-wensqualitéit zu Schengen - Jo zu der Tankstell op der Saarauto-bunn».

2) A la demande de Monsieur Hen-ri Grethen, Ministre des Transports, Monsieur François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 13 mai 2003 le projet de règlement grand-ducal N° 5127 portant transposi-tion de la directive 2001/16/CE du Parlement européen et du Conseil du 19 mars 2001 relative à l'in-teropérabilité du système ferroviai-re transeuropéen conventionné.

Monsieur Henri Grethen, Ministre de l'Economie, a déposé en date du 14 mai 2003 le projet de loi N° 5128 modifiant 1) la loi du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données, et 2) la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention.

2. Composition de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

An engem Schreiwes vun haut deelt d'CSV-Fraktioun mat, dass den Här Marco Schank sech aus der Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Trans-ports zrëckzitt. E gëtt duerch den Här Lucien Clement ersat.

Ass d'Chamber domat averstanen? **(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

3. Ordre du jour

Wat eis Sitzung vun haut ube-laangt, huet d'Präsidentekonferenz de Moie beschloss, de Projet de loi 5082 iwwert d'Ersetze vun de Schoulmeeschteren a Léierinne vun Ordre du jour erofzehuelen, well den Text modifizéiert gëtt.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5029 iwwert d'Bezéi-ungen tëschent dem Stat an der

Privatschoul. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgesat. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Asselborn, Meisch, Colombero, Garcia, Urbany, d'Madame Nick-laus, déi Hären Zanusso a Scheuer.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Agny Durdu.

4. 5029 - Projet de loi concernant les relations entre l'Etat et l'enseignement privé et portant abrogation des articles 83 à 87 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'orga-nisation de l'enseigne-ment primaire

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la For-mation professionnelle et des Sports

Mme Agny Durdu (DP), rap-portrice.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut analyséieren, ass am Fong geholl déi ganz kloer Ëmset-zung vum Accord de coalition, deen dës Regierungsparteien am August 1999 ofgeschloss hunn, an deen ech elo ausdrécklech wëll agangs hei zitéieren: „Le gouver-nement entend modifier la loi de 1982 concernant l'inscription dans la loi de la possibilité pour l'Etat de participer dans une mesure à défi-nir au fonctionnement des infra-structures immobilières nécessai-res au fonctionnement des écoles privées, notamment lors de nouvel-les constructions, d'agrandisse-ment ou de la rénovation des bâti-ments.“ E bësse méi wäit: „L'aug-mentation de la participation de l'Etat dans le financement du fonc-tionnement des écoles privées. Il est entendu que l'ensemble de ces mesures en faveur de l'enseigne-ment privé ne change aucunement la priorité de l'engagement du gou-vernement en faveur de l'école pu-blique.“

Ënnert dës Viraussetzungen ass also dës Projet de loi vun der Re-gierung ausgeschafft ginn. Mir hunn en de 5. März déi éischte Kéier an eiser Kommissioun analy-séiert. Mir sinn och konfrontéiert gi mat engem Avis vum Statsrot. Beim Avis vum Statsrot konnte mer fest-stellen, datt mer en Avis majoritaire kritt hunn, awer och zwee Avis mi-

noritaires. Een Avis minoritaire ass strikt géint dësé Projet de loi mat folgenden Argumenter:

Déi héich Kierperschaft fäert, datt dat heite Gesetz géif de privaten Enseignement am Fong geholl fa-voriséieren, an dat au détriment vum Enseignement public. Et ass d'Angscht, datt d'Ecole publique géif an hirer Unicitéit gestéiert ginn. Et ass d'Iwwerzeegung, datt déi Autonomie, déi d'privat Schoul-gebaier bis elo hunn an och viru wäerten hunn, am Fong geholl e Besoin ass, deen och fir déi öffent-lech Schoulgebaier misst unbe-dingt recherchéiert ginn. Et ass na-tierlech esou, datt dëst Gesetz wäert eng Partie finanziell Mëttelen zur Verfügung stelle fir de privaten Enseignement. Et ass och d'Angscht, datt déi wierklech e bëssen héich wären. Eng weider Angscht ass déi fir ze soen, datt am Fong geholl d'Schoul riskéiert e Commerce ze gi wéi een aneren, woumat si natierlech guer net konnt averstane sinn.

Deen zweeten Avis minoritaire vum Statsrot ass am Fong geholl mat de Mesuren, déi virgesi sinn, aversta-nen, och mat de Critères de subsi-diation kann e sech nawell identi-fi-zéieren, mä en huet awer zwee aner Problemer opgeworf, nämlech datt ee seet, déi Elteren déi Kanner a Privatschoule schécken, déi musse virun e Minerval bezuelen. Dat ass eng Diskriminatioun vun deenen Elteren, well déi bezuelen dann am Fong geholl zweemol, eng Kéier an hirer Eegenschaft als Steierzueler, an eng aner Kéier als déi Elteren, déi hir Kanner wëllen a Privatschoule schécken.

Déi zweet Diskriminatioun ass déi, datt an dësem Gesetz effektiv eng Distinction gemaach gëtt të-schent deene Schoulen déi de Lët-zebuerger offizielle Schoulpro-gramm utiliséieren an deenen ane-ren.

Deen drëtten Avis, den Avis majori-taire vum Statsrot, ass positiv zu dësem Gesetzesprojet agestallt, huet en och a senger ganzer Lar-gesse gedroen. Et ass och dofir deen Avis op dee mer eis an eisen Aarbechten an der Chamberskom-missioun berufen. Déi textlech Än-nerungen, déi de Statsrot a sen-gem Avis majoritaire virgeschloen huet, déi hu mir integral iwwerholl. Deen Avis hat och eng Opposition formelle gemaach op engem Punkt, op deen ech wäert spéider agoen.

Op all déi Bedenken, déi an deen Avis minoritaires vum Statsrot ausgedréckt gi sinn, wäert ech am Laf vu mengem Rapport agoen. Et ass wichteg, wann een iwwert dëst Gesetz schwätzt, datt een awer ge-säit wéi d'Ausgangssituatioun mo-mentan vun de Privatschoulen ass.

Déi éischte Kéier ass am Intérêt vun de Privatschoulen den 31. Mee 1982 léigiféiert ginn. Deemools sinn am Fong geholl folgend Prinzi-pien zrëckbehalte ginn:

Et soll all Eltere méiglech sinn datt si fräi decidéiere kënnen, ob si hir Kanner elo an eng öffentlech Schoul oder an eng Privatschoul schécken. A wann dee Besoin 1982 an der deemoleger Lëtze-buerger Gesellschaft do war, ass en haut, menger Meenung no, nach vill méi prononcéiert a mir sol-len deem och nokommen.

Et si ganz kloer deemools well Kritäre festgehalte ginn ënnert wat fir enge Konditiounen een eng Pri-vatschoul ka grënnen a wéi se muss gefouert ginn. Et ass de Stat, deen e Contrôle pédagogique vun deene Schoulgebaier organiséiert, an da ganz kloer d'Oplag un d'Pri-vatschoulen, datt se sollen op qua-lifizéiert Personal zrëckgräifen, wat deemools fir méi wéi eng vun dee-

ne Schoulen eng richtig Eraus-fuerderung war. De Stat bréngt am Kader vun deem Gesetz seng Sub-sidiatioun nëmme fir de Fonc-tionnement vun de Schoulen. De Subside gëtt berechent no der Zuel u Kanner, déi present sinn an der Schoul, an nom Alter vun de Kan-ner. Da weider op der Bais vun der Qualifikatioun vum Personal an der Zuel vum Personal.

Dat Gesetz vun 1982 huet folgend Schoule viséiert: Marie Consola-trice zu Esch, d'Ste Elisabeth zu El-wen, Ste Sophie an der Stad, de Fieldgen an der Stad, Ste Anne zu Ettelbréck, Notre Dame de Lourdes zu Dikrech, d'Doctrine chrétienne zu Diddeleng an de Lycée techni-que privé Emile Metz zu Dummel-deng. Wéi ee gesäit sinn et essen-tiellement deemools Congrèga-tiounsschoule gewiescht ausser dem Institut Emile Metz.

Zënter 1982 ass eis Privatschoul-gesellschaft évoluéiert an huet sech och geännert. Dräi Schoulen hunn zougemaach: déi zu Elwen, déi zu Diddeleng an déi zu Dik-rech. Et sinn och eng Partie inter-national Schoule bäikomm, beson-nesch d'International School, ob-schonn déi schon an engem ge-wësse Mooss present war, iwwert d'Dupont Primary School, déi zën-ter 1962 hei am Land ass, an d'American International School. Mä 1984 koum dunn de Lycée Vau-ban, d'Ecole Waldorf, St. Georges School an d'Ecole maternelle et primaire française derbäi.

Obschonn et keng regelrecht legal Basis gouf fir dës Schoulen ent-géint ze kommen, esou hunn awer all d'Regierungen zënter 1984 zwar keng Èmännerung vum Gesetz vun 1982 gemaach, mä hu se awer deene Schoulen ënnert d'Aerm ge-graff op déi verschiddenst Aart a Weisen. Ganz dacks goufen deene Schoule Schoulinfrastrukturen zur Verfügung gestallt. Dat beschte Beispill ass elo d'International School, déi um Gesseknäppchen e ganz neien Doheem fonnt huet. Doriwwer eraus gëtt et awer och eng Décision du Gouvernement, déi festhält datt Privatschoulen d'Kommunaltaxen, hir elektresch Fräen, hir Heizungsfräe vum Stat gedeckt kréien, an et ass an anere Regierungsdécsiounen festgehalte ginn, datt eng Partie Schoulen awer nach ee Subsid pro Kand kréien. Dat ass ënner anerem d'Ecole Waldorf. Wat awer och feststellen ass, datt esouguer nach Congrégatiounsschoulen iw-wer d'Limité vun deem Gesetz vun 1982 eng Ènerstëtzung kréien. Dat ass ënner anerem Ste Sophie, wat de Primärschoulberäich be-trëfft.

Wann een dann elo gesäit, datt vun eiser Schoulpopulatioun vun 2001, an déi Chiffre sinn nach ëmmer richtig, ongeféier eng 12% am Pri-vatschoulberäich rëmfanne sinn, wann ee gesäit, datt eise Stat on-geféier 32 Milliounen Euro pro Joer an déi Schoulen investéiert, dann ass et vläicht emol wichteg eng Kéier opzeléschte wéi vill Subsidia-tioun an der Moyenne pro Schoul-gebai erausgeet. Do sinn et fir de Lycée technique Emile Metz 11.379 Euro. Fir de Fieldge sinn et 7.081 Euro. Et si 5.912 Euro fir d'In-ternational School. Fir d'Waldorf-schoul sinn et 1.804 Euro.

Déi nei Regierung, déi ugetrueden ass fir an dësem Beräich ze lé-giférieren, wéi am Accord de co-alition festgehalen, huet sech e puer Kritäre ginn no deene se wëllt fir de Privatschoulberäich agéie-ren.

Éischters huet se sech als Zil ginn e Système de subsidiation ze fan-nen, dee kloer Kritären, kloer Limi-ten a Grenze festsetzt. Ech ren-voyéieren hei expressiv verbis op d'Artikelen 1, 2, 3 vum Projet de loi, a besonnesch op den Artikel 15. Ech erkläre mech. An dësem Projet de loi ass festgehalen, wat fir eng Konditiounen d'Privatschoule mus-sen erfëllen, fir iwwerhaupt an de

Genoss vun der Subsidiatioun ze kommen. Si mussen natierlech ge-wësse Sparten ëmraissen, an do mécht dëst Gesetz eng Ouverture andeems et seet, et gëtt net nê-mme méi de Postprimaire viséiert, mä och de Primaire. Dat ass ganz kloer an dësem Gesetz viséiert, mä doriwwer eraus muss awer all Schoul eng Partie Konditiounen er-fëllen. Ënner anerem musse se eng Autorisation ministérielle hunn, fir iwwerhaupt e Kontrakt en vue vun der Subsidiatioun ofzeschlësse mat der Regierung, a fir iwwer-haupt déi Autorisation ministérielle ze kréien, mussen d'Schoulen eng ganz Partie Qualifikatiounen mat-brënge wat hiert Personal betrëfft, wat den Zoustand vun hire Gebaier betrëfft, etc., etc.. Déi sinn op-gelëscht am Gesetz an ech wollt elo net weider dorop agoen.

Gläichzäitg gëtt de Minister sech awer och d'Méiglechkeet fir kë-nen ze sanctionnéieren an ze kon-trolléieren. Fir d'éischt kontrolléie-ren, wa se hir Autorisation ministé-rielle ginn, respektiv ier se de Kon-trakt esouguer ofschlëssen. An och wann de Kontrakt ofgeschloss ass, gëtt nach ëmmer eng Kontroll gemaach. A wann et esou ass, datt eng Schoul sengen Obligatiounen net méi nokënn, dann ass et ganz kloer esou, datt de Minister kann d'Autorisation ministérielle zrëck-zéien, mä hie kann och d'Subsidia-tioun natierlech zrëckzéien an do-riwwer eraus si Sanctions pénales virgesinn, esou datt mer an der Kommissioun zur Konkusioun komm sinn, dës Regierung huet sech eng Rumm ginn ënnert där se déi Subsidiationskritäre ganz kloer festsetzt an d'Regierung huet sech déi néideg Moyene gi fir kë-nen ze subsidiéieren, mä och fir d'Subsidiationskritären, fir ze soen, si sinn net méi erfëllt a fir dann och d'Subsidiatioun zrëckze-zéien.

Ech wëllt awer och nach signaléie-ren, wann ee vu Privatschoule schwätzt, et si bestëmmte Regimer déi net viséiert sinn an dësem Ge-setz. Dat ass ënner anerem déi Ausbildung, déi intern an de Betri-ber offréiert gëtt. D'Education dif-férenciëe ass net viséiert, de post-sekundären Unrecht ass net viséiert, an och d'Unië sinn hei ganz kloer ausgeschloss.

Den zweete Kritär, dee sech dës Regierung zougeluecht huet, ass, datt se gesot huet, mir maachen eng Distinction tëschent de Schou-len, déi de Lëtzebuerger Schoul-programm applizéieren, an deene Schoulen, déi en net applizéieren.

Do kann ee sech natierlech d'Fro stellen: Firwat gëtt et dann am Fong geholl dës zwou Kategorië vu Schoulen? Déi eng déi se appli-zéieren an déi aner net. Ech men-gen, do geet et am Fong geholl do-mat duer, datt een e bësse kuckt wat fir e Genre Schoulen hu mer a wat fir enge Besoinen entspreche se.

Déi Schoulen, déi de Lëtzebuerger Schoulprogramm net applizéieren, si grosso modo déi Schoulen, déi ech virausser ugeschwat hunn, déi international Schoule sinn, déi an en internationale Réseau agebon-ne sinn. Firwat gëtt et déi dann iw-erhaupt bei eis am Land? Majo ganz einfach, mir sinn e Land wat seng Roll ze spillen huet op inter-nationale Plazen, an et ass ganz kloer esou, datt och an eise Land international Institiounen sinn. Et sinn aner Länner bei eis repre-sentéiert iwwert d'Ambassaden. Doriwwer eraus hu mer eng inter-national Finanzplaz, déi jo net déi allerschlechtst ass, an et ass nun emol einfach esou, datt eis Wirt-schaft och déi ass, datt e ganze Koup Kaderen hei bei eis an d'Land schaffe kommen.

Mä déi dräi Kategorië Leit déi do schaffen, dat sinn der ganz dacks, déi net aus eise Land kommen, déi da bei eis an d'Land kommen. Vlächit fir zwee Joer, vlächit fir dräi Joer, muenchmol och fir zéng Joer.

Mä et ass jo normal, datt déi Leit, déi heihinner kommen, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, fir hir eege Carrière ze ënnermaueren, och aus finanzielle Grënn, déi kommen awer net nëmme wann et hinne perséinlech hei am Land gutt geet, mä wa si och sécher sinn, wat geschitt mat eise Kanner, wa mir an en anert Land ginn a wat geschitt do virun allem dann, wa mir hei fort ginn an an en anert Land ginn. Do fir ass de Réseau vun esou internationale Schoule wichteg, an et ass och extrem wichtig datt dës Schoulen an eisem Land present sinn, an dofir musse mer eis fir déi Schoulen asetzen. Ech mengen, do ass jo och e Konsens an dem Sënn present - wéi ech virauser opgeworf hunn -, et si jo elo ewell finanziell Ennerstëtzen an déi Schoule gaangen oder zumindest hu se Mesuré kritt, Gebaier zur Verfügung gestallt kritt, esou datt een net ka soen, et wär en Dissentiment present hei am Land fir déi Schoule virun ze ënnerstëtzen.

A wéi gesäit et da mat deene Schoulen aus, déi de Lëtzebuerger Schoulprogramm applizéieren. Do sinn eng ganz Partie Argumenter wou ee seet, majo, déi gëtt et aus deenen an deene Grënn. Déi si vum Statsrot opgeléscht ginn op eng ganz gutt Aart a Weis an ech bräicht déi a mengem Rapport am Fong geholl nëmmen erëm ze huelen. Éischtens hu se eng ganz laang Tradition. Et si Schoulen, déi ewell extrem laang bestinn, déi ganz dacks déi éischt woren, déi hei am Land d'Education iwwerholl hunn a besonnesch am Interêt vun de Meedercher agéiert hunn.

Zweetens ass et esou, datt dat gewéinlech Schoule waren, déi gutt fonctionnéiert hunn, esou datt se sech hir eege Clientèle gezillt hunn - wann ech dat däréif esou soen -, well de Mère en Fille fënnt een do ganz dacks déi nämlecht Famillje present erëm. Dann ass et esou, datt ganz dacks déi Schoulen en Internat derbäi hunn. An hei wollt ech och ganz kloer verweisen op de Statsrot, deen do festhält: „Le Conseil d'Etat voudrait à cet égard encourager les autorités compétentes à trouver à brève échéance des solutions au manque actuel d'internats publics.“

Deem kënne mir als Kommissioun an deem kann ech perséinlech nëmmen zouflichten. Mir bräichten onbedéngt öffentlech Internater an eisem Schoulbetrib a mir hunn der jo well eng Partie. Wann ech un d'Hotelschoul denken, an ech denken un den Ackerbaulycée, dann ass zu Réiden en Internat virgesinn, mä doriwwer eraus ass nach eng ganz Partie Schoulen hei am Land, an ech mengen déi allermeescht vun eisen öffentliche Schoulen, déi keng Possibilitéit vun Internat hunn. Ech mengen, datt do e Besoin ass.

Dann ass et natierlech och esou, datt déi Privatschoule ganz dacks méi eng kleng Struktur hunn, wou et also och den Direkteren oder dem Personal vläicht éischter méiglech ass fir op déi speziell Besoiné vun hirer Schoulpopulatioun anzegoen. Si hunn och vläicht méi en direkte Kontakt mat der Schoulpopulatioun an den Elteren. A vill Eltere graifen op Privatschoulen zréck, well se do deen Encadrement fannen, vläicht och well se fälschlecherweis der Meinung sinn, datt dat an öffentleche Schoulen net de Fall ass.

Nichts desto trotz seet dann den Avis minoritaire vum Statsrot: „Elle se démarque de l'enseignement public par plus de souplesse et de capacité d'adaptation aux besoins des enfants scolarisés. Or, ces besoins existent également pour l'école publique. En effet, un enseignement public plus rigide et traditionnel serait d'avance perdant dans une concurrence avec un enseignement privé, etc.“

Ech sinn zwar net der Meinung, datt weder mat dem Gesetz vun '82 nach mat deem Jëtzen eng unlauter Konkurrenz wäert ent-

stoen tëschent der Privatschoul an der Ecole publique, mä nach deelen ech den Avis minoritaire vum Statsrot wann e seet: Majo, och öffentlech Schoule brauchen eng gewëssen Autonomie, déi brauchen eng gewësse Méiglechkeet fir sech ze organiséieren, op hir Populatioun anzegoen.

Also, ech deelen déi Approche an ech freeë mech dann och drop, wa mer an der Kommissioun, hei an der Plénière iwwert d'Autonomie vun de Schoulgebaier wäerten diskutéieren. Ech mengen, da misst sech eng large Majoritéit an deem Haus am Interêt vun eise Schoulen erauskristalliséieren.

Da sinn nach zwou aner Kategorie Kriticken ëmmer opgeworf ginn, déi mer an der Kommissioun analyséiert hunn. Déi eng, déi seet, déi dote Kategorie vu Privatschoule sinn esou organiséiert, datt do nëmmen eng gewësse Kategorie vu Leit kann dohinner goen, datt et fir déi Besservdiener ass, op gutt Lëtzebuergesch gesot.

Mir hunn eis Chiffere komme gelooss vun de Privatschoulen an ech mengen, d'Chifferen, déi stroofe Ligen déi Aussoen, déi soen, datt déi Schoule sech nëmmen un eng bestëmmte Clientèle hei am Land adresséieren. Et stëmmt net!

Ech wollt lech do kuerz Chiffere soen: Fir d'Schouljoer 2002-2003, an Dir fannt déi op de Säite 6 a 7 vu mengem Rapport, do kënne mer festhalen, datt zum Beispill d'Ecole Notre-Dame, dat heescht St. Sophie, am Schouljoer 2002-2003 833 Schüler hat. 9% Aarbechter, 19,6% vun de Professions libérales an dann hunn déi dote Schoulen eng Ennerkategorie gemaach tëschent Employé an der Carrière inférieure, moyenne a supérieure. Do fënnt ee bei der Carrière inférieure 17,6%, moyenne 27% a bei den Employéen aus der Carrière supérieure 9,4%.

Aner Zuele schwätzen nach vläicht méi däitlech. D'Ecole privée Marie-Consolatrice zum Beispill zielt 588 Elëven. 68,54% kommen aus dem Aarbechtermilieu. Ech mengen, dat beseet villes.

Beim Fieldgen ass d'Schülerzuel nach méi héich, 1.415 Elëven. Do kommen 39% aus dem Aarbechtermilieu an 9% aus dem Fräiberuflermilieu, wat jo och nach ganz Bänn schwätzt.

D'Ecole privée St. Anne zu Ettelbréck huet 632 Schüler. 56,33% kommen aus dem Aarbechtermilieu. Ech brauch also net weider op déi dote Chifferen an op déi Argumentatioun, déi heiansdo ugefouert gëtt hei am Land, anzegoen.

Am nämlechten Ootemzuch ginn dann och déi Schoule kritiséiert an dann heescht et: Jo, mä do si gewësse Leit, déi organiséiere sech elo e Garde-fou, an et gëtt e bëssen ugespillt op Lëtzebuerger, déi sech vläicht net wëllen ënnert d'Ausländer mëschchen an da soe se eben, d'Unicitéit vun der Schoul gëtt a Fro gestallt.

Wann een dann awer kuckt, wéi d'Zuelen, an hei sinn d'Chifferen och ganz kloer, bei der Ecole Notre-Dame sinn. D'Schouljoer 2002-2003, déi huet 668 Lëtzebuerger, 160 Ausländer an dovunner 49 Portugisen. D'Ecole privée Consolatrice 361 Lëtzebuerger, 227 Ausländer an dovunner 61 Portugisen.

De Fieldgen huet 1.026 Schüler, dovunner 389 Ausländer an dovunner sinn der dann 237 Portugisen.

Beim St. Anne ass et nach méi kloer. 427 Schüler, 205 Ausländer, an dovunner 145 Portugisen, esou datt een elo wierklech net ka soen, datt déi Schoule géifen integréieren, a gewéinlech ass hire Minerval och nach net héich. Deen dréint tëschent 300 an 350 Euro, dat sinn nach ëmmer 300 an 350 Euro, mä ech mengen, an eisem Land, esouguer Leit, déi méi e moderat Akommes hunn, kënnen do nach ëmmer mathalen.

An deem Kontext wëllt ech och nach eng Kéier hiweisen op d'Sanktiounsméiglechkeeten an op d'Evaluatiounsméiglechkeeten, déi de Minister huet, ier en eng Schoul subsidiéiert, a wou ganz kloer festgehalen ass, datt d'Conditions de recrutement eng Konditioun ass fir iwwerhaupt eng Autorisation ministérielle ze kréien als Privatschoul, fir därfeen hei am Land als Privatschoul ze fonctionnéieren an de Subsid ze kréien.

Da kënnt natierlech d'Häerzstéck vun deem Gesetz. Dat ass deen dee festhält wéi de Subsid dann elo ausgesäit. An do war et ganz kloer esou, datt dës Regierung gesot huet, bis ewell sinn et d'Frais de fonctionnement déi subsidiéiert ginn, an am Accord de coalition stoung kloer, mir setzen déi Subsidatioun erop a mir breede se aus op eng Hëllef fir den Entretien vun de Gebaier a mir weide se virun allem aus beim Bau vun neie Gebaier, déi dës Schoule wäerte mat gréisster Wahrscheinlechkeet och an der Zukunft envisagéieren.

Op dem Tableau synoptique op de Säite 7 an 8 vu mengem Rapport gesidd Der och wéi dës Subsidatioun ausgesäit. Am Fong geholl gëtt hei eng Distinction gemaach tëschent Primaire a Post-primaire, mä virun allem tëschent deene Schoulgebaier déi déi Lëtzebuerger Schoulprogrammer applizéieren an deenen aneren. Am Fong geholl ass d'Haaptdistinction déi bei de Frais de fonctionnement, wou da festgehalen gëtt datt Schoulgebaier, déi de Lëtzebuerger Schoulprogramm applizéieren, eng Subsidatioun vun 40 bis 90% maximal kënne fannen, an déi, déi net de Lëtzebuerger Schoulprogramm applizéieren, kréien dann eng maximal Subsidatioun déi bis 40% geet. Wichtig ass dann awer hei ze soen, déi 40% vu wat par rapport zum Maart. Zu wat? Dat si 40% par rapport zum Coût moyen, wat e Schüler de Stat an engem öffentleche Schoulgebaier kascht, dat ass wichteg fir dat ze soen.

(Interruption)

Okay. Et ass wichteg, fir dat ze soen, wann en herno nach aner Kriticken opwerft oder wann ech iwwer aner Kriticken nach diskutéieren, déi gemaach gi sinn.

Da bei den Aides à l'investissement an den Aides à l'immeuble, do ass et sou dass sou gutt bei deenen enge wéi bei deenen aneren d'Aide à l'entretien des meubles vum Stat iwwerholl gëtt, zwar awer och nëmme bis zu enger bestëmmter Limite, déi am Gesetzestext zréckbehalen ginn ass. An d'Aide à l'investissement, dat ass natierlech déi ganz grouss Neierung, wou gesot gëtt, 80% vun deem wat déi nei Gebaier betrëfft wäerte vum Stat iwwerholl ginn. An och hei muss ech soen, 80% vu wat, an dat ass och par rapport zu der Moyenne vun deem, wat de Stat a seng eege Schoulgebaier, deen nämlechte Genre Schoulgebaier, géif investéieren.

Elo stellt sech natierlech d'Fro: Jo, wou kommt der dann iwwerhaupt un déi 80%, wann et heescht Aide au financement an Aide à l'entretien des immeubles? Do hat de Stat probéiert - dat hu mer vun der Regierung esou erkläert kritt - eng Referenz-Subsidatioun ze fannen am Lëtzebuerger System, op wat fir eng Aart a Weis se subsidiéieren. Do ass sech referéiert ginn op d'ASFP-Gesetz, wat normalerweis e largen Appui hei am Land bis ewell nach ëmmer fonnt huet, an dat schéngt jo och relativ gutt ze fonctionnéieren, sou dass also déi 80% hir Basis an der Philosophie vum ASFP-Gesetz fannen; dat war eng Approche, déi mir an der Kommissioun konnten noverfollegen. Well ech mengen et ass gutt, dass ee sech och als Stat kloer an transparent Kritäre gëtt, wou jidderee

sech kann erëm fannen, an et ass net gutt, wann ee bei deem Thema bal déi eng Referenz, bei engem aneren Thema eng aner Referenz hëlt. Et ass jiddefalls sou, dass mer eis konnten domat identifizéieren.

Dann ass natierlech d'Argument ugefouert ginn: Majo, Dir hëlleft deenen elo wierklech op eng extrem Aart a Weis, do ass awer de Risiko, dass do Sue verluer gi fir den öffentleche Secteur an dass de Privatsektor wäert ausgebaut ginn an den öffentleche Secteur dorënner wäert leiden.

Éischtens, dës Regierung - an dat hunn ech a mengem Rapport geschriwwen, an d'Chiffere spriechen och do Bänn - huet sech prioritär nach ëmmer fir den Enseignement public engagéiert, a wann een d'Chiffere vun eiser Education nationale kuckt, dat schwätzt Bänn. 1999 hate mer do en Engagement vu 502 Milliounen Euro, an 2002 sinn et well 622 Milliounen Euro déi engagéiert ginn. Et kann een also net soen, dass dës Stat iergendwéi am Enseignement knéckt, fir dat emol op déi Aart a Weis auszedrécken.

An da sinn ech och der Meinung, wann een d'Analys mécht, dass bei deene Kritären, déi hei festgesat ginn, et net esou ka sinn, dass d'Privatschoule subsidiéiert ginn au détriment vun der Ecole publique. Et ass net fir näischt, dass ech gesot hunn déi Prozenter, déi sinn ëmmer par rapport zu eppes. De Stat selwer huet jo eng Evaluatioun vun deem, wat hien a seng Schoul investéiert.

A wann elo eng Privatschoul zum Beispill kënnt a seet: Ech bauen elo en neit Schoulgebaier an dat kascht X, da sinn déi praktesch Kontrollen déi gemaach gi folgend: Déi Pläng an déi Devisen, an herno natierlech och d'Décompten, gi fir d'éischt an de Ministère des Travaux publics, an da gëtt gekuckt, wou läit dann an der Moyenne den Investissement deen de Stat gemaach hätt, wann en déi do Kategorie Gebaier an där Gréisst do gebaut hätt. Wann dann d'Privatschoul vill méi héich läit wéi de Stat géif leie wann en déi Aarbechte géing maachen, da kritt déi Privatschoul nëmmen déi Hëllef bis zu deem Quantum wou de Stat fir seng eege Schoulgebaier d'Ennerstëtzung krut hätt. Läit d'Privatschoul natierlech wäit ënnert deem Taux, gëtt si nawell ëmmer nëmme subsidiéiert mat deenen 80%, par rapport zu deem wat si selwer subsidiéiert.

(Interruption)

Dat ass een Thema wat absolut däréif diskutéiert ginn, mir wieren natierlech dankbar wa mer eng adequat Hëllefstellung ganz dacks géinge fannen, an ech mengen Dir sidd dee richtege Mann, fir dat der Regierung mat op de Wee ze ginn.

■ **Une voix.**- Awer eréischt an där nächster Regierung.

■ **Mme Agny Durdu (DP), rapportrice.**- Dat gesi mer, ob Der dee Moment dee richtege Mann sidd.

(Interruption)

Sou dass also menger Meinung no eng automatesch Brems ageluecht ass, sou dass een net ka soen, d'Privatschoulen, déi fänken elo un ze iwwerdreiwen.

(Interruption)

Sou dass ech also der Meinung sinn, dass do Bremsen ageluecht sinn an dass d'Privatschoule garantéiert net wäerten iwwert d'Strengt schloen, a wa se driwwer schloen, ass et à leur propre détriment. An dann ass et natierlech och esou, wann een déi dote Grenze festsetzt, wann dann de Stat vill a seng Schoulen investéiert, jo da profitéiert och vläicht eng Privatschoul dovunner, bei deenen Ausrechnungen vun deene Prozenter, awer wann de Stat seng Participatioun erofsetzt, da geet et och au détriment vun der Privatschoul, sou

dass ëmmer nach eng Corrélatioun zwëschent dem Privatsektor an dem öffentleche Secteur ass, deen absolut an de Limité bleift.

Dann ass natierlech och ganz kloer, dass d'Aiden évaluéiert ginn. Da wor eng Diskussioun, déi och nach gefouert ginn ass, an am Gesetzesprojet ass do eng Spezialdispositioun virgesinn an dat muss een och wierklech sou unerkennen. Et ass sou, dass mer jo alleguerter konnte feststellen, dass an de leschte Joren e Boom an der Schülerzuel hei am Land wor, de Stat hat relativ vill Problemer fir do ze reagéieren, mä et muss een awer feststellen, dass besonnesch d'Privatschoulen extrem gutt reagiert hunn an extrem séier reagiert hunn. Déi Schoulen, déi hu sech awer elo natierlech e bësse verausgabt, par rapport zu anere Privatschoulen, a fir do erëm en Equilibre zwëschent deenen engen an deenen aneren ze kréien a fir se och op déi nämlecht Ausgangspositioun ze setze mat hiren anere Kollegen aus dem private Schoulberäich, ass festgehalen ginn, dass fir déi Privatschoulen, déi de Lëtzebuerger Schoulprogramm applizéieren, d'Investissementskäschten, déi an de leschten zéng Joer gemaach gi sinn, den Amortissement zu 80% vum Stat wäert iwwerholl ginn.

Den Avis majoritaire vum Statsrot ass net weider op dës Argumentatioun vun der Regierung agaan. Mir konnten op alle Fall an der Chamberskommissioun déi Argumentatioun verstoen a si huet och deementsprechend eis Zoustëmmung fonnt.

An dat sinn am Fong geholl elo déi direkt Diskussiounen déi a puncto Subsidatioun gefouert ginn. Da wollt ech awer och nach op een Argument äntweren, wat ugefouert ginn ass a wou gesot ginn ass: Dir subsidiéiert awer elo d'Privatschoule massiv, da wäert et jo och elo sou sinn, dass dat e ganz gutt Geschäft ass, wann ee sech dozou komme léisst a sech an d'Privatschoulen engagéiert, an déi déi do si wäerten dann hiert Geld domadder verdéngen.

Ech mengen deem ass garantéiert net esou. Mir kruten dat och vun de Beamten aus dem Ministère de l'Education nationale erkläert, sou gutt beim 1982er Gesetz wéi bei deem zukünftege modifizéierten 1982er Gesetz ass et ganz kloer sou, wann eng Privatschoul hir Décompten, vum éischte Frang respektiv elo vum éischte Cent un, virleet, fir Subsidien ze kréien, a wa se Benefiss sollte maachen, dann ass d'Subsidatioun gestrach.

An ech menge wann een den Artikel 17 vun deem Gesetzesprojet elo liest, do ass jo ganz kloer eng vun de Konditiounen déi virgesäit, dass, fir eng Subsidatioun ze kréien, e Kontrakt muss ofgeschloss ginn tëschent der Schoul an tëschent der Regierung, oder tëschent dem Ministère de l'Education nationale besser gesot, do ass eng Dispositioun déi virgesäit, d'Schoulen déi dee Kontrakt maachen, sollen eng A.s.b.l. sinn, an ech mengen, wa se eng A.s.b.l. solle sinn, dann ass et ganz kloer, dass et kee But de lucre ass, sou dass also genuch Garantien och an deem Beräich do sinn. Well ech mengen effektiv dass d'Schoulen net sollen de Beräich si wou Commerce bedriwwen gëtt, dat ass garantéiert net den Enseignement dee sech an deem Land gewünscht gëtt, vu kenger Partei, an duerfir si mir där Meinung gewiescht an der Kommissioun an hu mer och déi néideg Garantien an deem Gesetz erëmfonnt.

Ech hat virauser gesot gehat - an dat wäert dann elo d'Ofschlossremarque sinn -, dass de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet. Am Kader vun deem Gesetz ass virgesinn, dass eng Commission do contrôle agefuert gëtt, déi setzt sech aus sechs Leit zesummen, an den initiatle Gesetzesprojet hat hei virgesinn, dass hei e

Member wär vun der Cour des Comptes. Hei huet awer de Stats-rot eng Oppositoun formelle gemaach, well hie seet, dat ass onméiglech fir d'Cour des Comptes am Fong geholl op zwou Aart a Weisen an de Contrôle vun de Finanzen anzebauen, eng kéier well mam But, dass se hei am viraus kontrolléieren an dann herno nach eng kéier, wa se de Ministère kontrolléieren. An dofir hu mir eis deem Avis, deen absolut richteg ass, raliéiert. Et sinn also elo bei där Commission de contrôle sechs Leit present, dräi kommen der aus der Education nationale an dräi kommen der aus dem Budgetsministère, an da misst normalerweis dee Contrôle och gutt an effikass regléiert ginn an, wéi gesot, mir als Chamber hunn dann iwwert d'Cour des Comptes eng Méiglechkeet.

(Coups de cloche de la Présidence)

Voilà, dat ass den Text, esou wéi ech en ze presentéieren hunn. Ech konnt vläicht net op all Problemer, déi sech stellen, ausféierlech äntwerten. Ech stinn also nach gare Ried an Äntwert wann eppes sollt sinn. Mä op Base vun deenen Argumenter, déi ech opgefouert hunn, hu mer an der Chamberskommission diskutéiert an et huet eng lescht Majoritéit decidéiert, dass dëse Gesetzesprojet gutt wär, sou dass ech elo am Numm vun där Kommission d'Plénière invitéieren dëse Gesetzesprojet ze stëmmen.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als éischte Riedner ass de Claude Wiseler agedroen. D'Wuert huet den Här Wiseler.

Discussion générale

■ M. Claude Wiseler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ufänke wéi ëmmer an der Rapportrice, der Madame Agny Durdu, merci soen. Si huet an allen Detailer dëse Projet erkläert. Si huet dat wéi ëmmer gutt gemaach, an ech wëll och net déi technesch Detailer widderhuelen, déi se alleguerten hei virgeluecht huet.

Dëse Projet huet kloer en eminent politeschen Aspekt. Et sinn och vill Argumenter ausgetosch ginn, an deene leschte Wochen, deene leschte Méint an der Zeitung, op der Televisioun, a well ech elo deen éischte vun de Riedner hei sinn nom Rapporteur a well a sech d'Oppositoun nach net geschwat huet, muss ech mech dorobber beruffe fir e weénege meng Argumentatioun hei ze ënnerleeën a fir e weénege mat deenen Iddië mech ausereneezesetzen, mä ech denken datt d'Oppositoun jo och wäert datselwecht haut de Mëtte soe wéi se et d'lescht Woch an der Pressekonferenz gesot huet.

(Interruption)

Een Deel vun der Oppositoun. Här Gibéryen, Dir hutt Recht dat ze preziséieren.

Dës Diskussioun, esou wéi se dobause scho gefouert ginn ass, kann een a sech an zwou separat Diskussiounen andeelen. Éischstens eng Diskussioun iwwert de Prinzip selwer vun de Privatschoulen, zweetens eng Diskussioun ëm Textëmännerungen, déi um Gesetz vun 1982 gemaach ginn. Ech wëll ufänke mat der éischter Diskussioun, déi vun dem Prinzip vun de Privatschoule selwer.

Ech hunn do mat Intérêt déi ganz Debatten nogelies, déi 1982 gefouert gi sinn, wat déi argumentativ Positiounen vun deenen engen a vun deenen aneren déi Zäit waren, an och wat der CSV hir Positioun déi Zäit war. An ech wëll kloer an daitlech soen, datt haut déi Positioun, déi mer 1982 ausgedréckt hunn, nach genau déiselwecht ass, eng Positioun déi berout um Prinzip vun der Fräiheet, déi d'Elteren hu

fir d'Education vun hire Kannereraus ze wielen.

Zweetens eng Positioun, déi um Prinzip berout an an der Obligation vun Stat, déi doranner besteet datt déi Fräiheet, déi mer um Pabeier hunn, net nëmmen eng Fräiheet ass déi um Pabeier besteet, mä déi sech och an der Realitéit kann ëmsetzen.

Drëttens e Prinzip vun der Responsabilitéit vum Stat fir d'Qualitéit vum Enseignement, wou och ëmmer, ze garantéieren. „Les parents ont, par priorité, le droit de choisir le genre d'éducation à donner à leurs enfants.“ Dat ass en eminent wichtige Saz. Et ass nämlech en Extrait aus der Déclaration universelle des droits de l'homme, aus dem Mënscherechtsartikel 26.3. Och eng Citatioun aus der Déclaration des droits de l'enfant: Den Artikel 29 beschreift, wéi d'Education an de Länner no de Kannerrechter ze sinn huet. Da gëtt extra um Punkt 2 vum Artikel 29 e wesentlechen Ajout hannendru gesat, dee seet: „Aucune disposition du présent article ou de l'article 28 ne sera interprétée d'une manière qui porte atteinte à la liberté des personnes physiques ou morales de créer et de diriger des établissements d'enseignement, à condition que les principes énoncés au paragraphe 1 du présent article soient respectés et que l'éducation dispensée dans ces établissements soit conforme aux normes minimales que l'Etat aura prescrites.“

Fir eis ass et kloer, et ass ee Prinzip vun de Mënscherechter fir den Elteren zouzegestoen d'Education vun hire Kanner erauszewielen. Am Fong en elementaart Mënscherecht. A mengen Aen eng elementar Fräiheet, an eng Fräiheet, déi eis ënnerscheet vun totalitäre Staten, wou d'Dréien duerch déiselwecht Mille vun alle Kanner duerch eng Politschoulung a sech dat ass, wat mer an totalitäre Staten an an integristesche Staten uprangeren, wou alles duerch déiselwecht Schoul geet, awer wou de Stat decidéiert wat geléiert gëtt.

D'Schoulfräiheet ass e wesentleche Bestanddeel vun de Fräiheete vun deem Eenzelven. An dat ass fir eis ganz kloer: Eng pluralistesche Gesellschaft, wéi mer eng sinn, verlaangt e pluralistesche Schoulsystem.

(Interruption)

Loosse mer emol d'Iwwerleeung hei fäerdeg maachen, lauschtert bis zum Schluss. Dir hutt Zäit fir ze äntweren.

De Stat huet deeselwechten Optag vis-à-vis vun all senge Bierger, muss also fir all seng Bierger déiselwecht Fongen investéieren. E Stéck Fräiheet - an et ass gutt wann een heiandsdo iwwer d'Grenze kuckt, an ech hunn dat gemaach - wat an all de Länner, déi an der Europäescher Unioun sinn, deene 15, verbreet ass.

An deene meeschte Konstitutiounen steet explizit oder sous-entendu d'Fräiheet fir Privatschoulen dran. Dat ass net de Fall a Schweden, an England an zu Lëtzebuerg. England huet jo keng Konstitutioun geschriwwen. Véier Länner vun der Europäescher Unioun gi méi wäit: Spuenien, Frankräich, Irland, Holland. Do steet d'obligatoresch Finanzéierung als konstitutionelle Prinzip festgeschriwwen. An deenen anere Länner ass déi Finanzéierung e gesetzleche Prinzip. Iwwerall hu mer Léislatiounen, an allen europäesche Länner, woubäi mer dräi Zorte vu Léislatiounen müssen ënnerscheeden. Länner, déi déiselwecht Gesetzgebung hu fir de Public a fir de Privé: d'Belsch, Frankräich, Finnland an Irland, wou et sech ëm eng an déiselwecht Texter handelt, déi déi eng an déi aner musse respektéieren. Da Länner wou mer eng spezifesch Gesetzgebung hu fir de Public an eng spezifesch Gesetzgebung fir de Privé, wou awer Elementer vun deem engen an Elementer vun

deem aneren aneneegräifen. Dat ass zum Beispill de Fall fir Däitschland, Lëtzebuerg, Schweden. A Länner, déi eng ganz separat Gesetzgebung hunn, wéi Griichenland, Eisträich a Portugal.

An da stellt ee sech d'Fro, wann ee kuckt, wat fir eng Problemer ginn dann an deene Gesetzgebungen ugeschwat, a wat soen an deene Länner, déi mat eis an der Europäescher Unioun sinn, d'Gesetzgebungen.

Mä fir d'éischt steet emol dran, wat fir eng Konditiounen festgehele si fir d'Opmaachen a fir d'Finanzéiere vun de Privatschoulen. Well wat ass dem Stat seng Pflicht? Dem Stat seng Pflicht ass Qualitéit ofzesécheren, ass ze garantéieren, datt dat, wat an deene Schoule gebuede gëtt, och deem entsprécht wat d'Kanner brauche fir duerno hir Zilsetzungen am Liewen ze erreechen.

Zweetens, déi staatlech Kontroll gëtt geregelt, souwuel déi finanziell Kontroll engersäits wéi déi pedagogesch Kontroll anerersäits. A Länner wéi Griichenland, Frankräich, Irland, Italien, Holland, Portugal, Finnland, Schweden an England, do fanne mer eng global Responsabilitéit vun den Unterrichtsministären erëm, déi meeschtens iwwert den Inspektorat, net ëmmer iwwert den Inspektorat, mä meeschtens iwwert den Inspektorat geregelt gëtt.

Drëtte Punkt, deen an den europäesche Léislatiounen ugeschwat gëtt, ass dee vun de Programmer, den Examen, den Equivalenzen. An do fanne mer eng ganz Diversitéit vu Länner. Do sinn der, déi ganz déiselwecht Programmer virschreiwen, an et sinn der, déi just grosso moddo déiselwecht Zilsetzung, déiselwecht minimal Norme virschreiwen, an dann awer en autonomen, e pedagogesche Choix iwwerloossen. Bei den Equivalenzen, do ass et esou datt déi europäesch Gesetzgebunge kloer geregelt hunn, wéi déi Equivalenze sinn, a bei deenen allermeeschte Länner ass einfach eng Equivalenz zwëschent dem privaten an dem öffentleche Schoulsystem festgeschriwwen.

Véiertens, wat de Statut vun den Enseignanten ugeet, gesi mer an Europa verschidde Modeller, meeschtens ginn déiselwecht Qualifikatiounen gefrot, a ganz oft a ville Länner gëtt och déiselwecht Pai virgeschriwwen. Fir dat och emol eng kéier kloer ze ënnersträichen. A ville Länner ass de Passage vun Enseignanten zwësche Privatsektor an dem Sektur public en normalen, a méiglech och nach ouni Perte vun Anciennetéit an esou weider. Et ass a ganz ville Länner esou geregelt.

Wat d'Investitiounen an d'Gebaier ugeet, do fënnst ee Modeller tëschent guer kengen Investitiounshëllef an 100% Investitiounshëllef. Wat de Minerval an Droit d'inscription ugeet, do sinn d'Prinzipien och an deenen europäesche Gesetzgebunge kloer festgehalen. Wat d'Hëllef un d'Elteren ugeet, do gi verschidde Gesetzgebunge méi wäit wéi mir, well se se och virschreiwen, an deene Gesetzgebunge selwer, an dat Ganz ass meeschtens drop higebaut, eng Gerechtegkeet ze schafen an ze soen, datt jiddfree muss a jiddfree soll kënnen och vum Privatschoulunterricht benefisséieren, an datt et net kann esou sinn, datt just déi eng sech kënnen eng Privatschoul erlaben, an déi aner net, an déi Zilsetzung ass a villen europäesche Léislatiounen ginn.

Et sinn also genau déiselwecht Froen déi an europäesche Léislatiounen sech erëmfannen, wéi déi déi mir 1982 am Gesetz geregelt hunn. Déi Äntwerten, déi mer gesinn, déi mer ginn hu sengerzäit,

an déi Äntwerten déi mer haut ginn, déi leien an der europäescher Moyenne, tëschent Griichenland, wou ganz weénege Privatschoule sinn, an Holland, wou déi Gläichheet vum Finanzement e konstitutionellt Recht ass.

D'Zilsetzung ass also Qualitéit ze garantéieren. D'Zilsetzung ass fräi Wahl zu enger reeller fräier Wahl ginn ze loossen, an net eng Wahl just vun de Suen doraus ze maachen.

Et ass u sech wéi mat der Pressefräiheet, et kann een de Prinzip vun der Fräiheet déclaréieren, mä dat bedréit och, datt een d'Konditiounen am Land schaaft, datt déi Fräiheet sech kann entwéckelen, datt déi Fräiheet ka bestoen, an datt een de Pluralismus duerch de Finanzement garantéiert. Dat gëtt an deem Sektur, dat gëtt och an anere Sektoren esou geregelt.

An d'Gesetz vun 1982 huet deene Kritären entsprach, huet e groussen Deel vu sengen Zilsetzungen erreecht. Et schreift sech also am europäesche Kontext an, wou dës Fro an deenen Diskussiounen, déi an anere Länner gefouert gi sinn, u sech vill manner ideologiséiert gëtt wéi dat hei zu Lëtzebuerg war, a wa se ugeschwat gëtt, wéi zum Beispill 1984, 1985 a Frankräich, wou déi sengerzäit sozialistesche Regierung wollt géint d'Privatschoulen agéieren, do hutt Dir gesinn, wéi vill honnertausend Leit dee Moment op d'Strooss gaange sinn, fir déi elementar Fräiheet ze verteidegen.

Interessant war et déi Debatte vun 1982 nozeliesen. Déi hu jo dräi Deeg gedauert. Dat ass exceptionnell mat eisen Zäitlimiten, mä déi Zäit hu se dräi Deeg iwwert den Text vun 1982 geschwat. Et ass och vill gesot ginn. An et ass also an deem Sënn emol interessant ze kucken, wat ass déi Zäit gesot ginn, a wat ass aus deenen engen an deenen aneren hiren Aussoen entstanden. Et huet mir schrecklech Plëséier gemaach. Dofir muss ech och e puer Zitatiounen maachen, n'en déplaît aux uns et aux autres.

Déi éischt Zitatioun ass déi vum Här Kréier. LSAP, steet hei hannendrun. An dee seet lëschtengerweis: „Dir Dammen an Dir Häre vun dëser rücksichtsloser Majoritéit, mat deem Projet hei versënnegt Der lech op enger fierchterlecher Manéier un 92% vun der Lëtzebuerger Jugend. Mat Äre reaktionären a protektionistesche Moosnamen zu Gonschte vun enger Entreprise, déi souwisou, pedagogesch gesinn, hoffnungslos hannendra läit. Mat deene kuerzfristege Moosname blutt Der déi öffentlech Schoul aus an Dir féiert eist Land ganz sécher a belsch Zoustänn eran.“ An e weénege wieder: „Dir selwer setzt de Schoulfriden op d'Spill, Dir kommt engem vir wéi e Grupp vu Vandalen, déi hiert Mandat mat engem Fräiheitsbreif verwisselen, fir déi öffentlech Schoul muttwëllegerweis a mat brutaler Force futti ze schloen.“

Dat war an dem Här Krier senger äit.

(Interruptions)

Lëschteng ass et, wann een 20 Joer duerno gesäit wat d'Realitéit bruecht huet.

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Do gesäit ee wéi gutt d'Lëtzebuerger Schoulpolitik ass.

■ M. Claude Wiseler (CSV).- Doraus schléissen ech wéi staark d'Visiounen sech an d'Realitéit ëmgesat hunn, well ech ka mer net virstellen...

(Interruptions)

Loosst mer emol déi aner Situatioun fäerdeg maachen, da kommen ech nach eng kéier dorobber zrëck. Well déi ass nämlech och lëschteng.

(Interruptions)

Jo, ech hunn nach esou eng, nach eng besser. Den Här Berg seet, d'Gebaier déi mer hunn an déi mer am öffentlechen Unterrecht nach amgaang sinn ze bauen oder fir déi mer d'Plange scho fäerdeg hunn, géife muer zu enger gudder Partie eidel stoen, wann d'Ufuerderung aus dem privaten Unterrecht net esou weider unhält, wéi mer dat säit Jore kennen. Dat ass u sech eng Ausso, déi och lëschteng ass, wann ee kuckt wéi d'Schoulgebäier haut eidel stinn, déi vum Public, vu datt mer d'Gesetz vun '82 gemaach hunn.

Mä ech wëll awer och do kengem eppes virwerfen, well et konnt ee jo déi Evolutioun déi mer haten, dee Boom an de Schoulen, vläicht net esou virgesinn. Ech wëll awer domadder just soen, datt déi Leit, déi eis säit dräi, véier Jore reprochéieren, vill méi grouss Previsiounen hätte missen am Schoulsektor walten ze loossen, fir dat alles virauszegesinn, datt déi nämlech Leit, oder déi nämlech Partei 1982 zumindest och net virausgesinn hat, wéi déi Situatioun et hei beweist.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Ma, Här Wiseler, deemools sinn d'Zuele vun de Schoulkanner erofgaangen. Déi si bis uganks den 90er Joren erofgaangen. Dat ass kee Witz dat do. An Dir hat nach ëmmer, och säit den 90er Joren, d'Responsabilitéit!

■ M. Claude Wiseler (CSV).- Mä ech hu just nach déi Reprochen am Ouer, déi dës Majoritéit gemaach kritt, respektiv d'CSV gemaach kritt, well se net visionär genuch war.

Hei hunn ech elo eng Situatioun, déi a sech genau datselwecht seet an déi visionär Kraaft vun de Sozialisten kloer ënnersträicht. Dir hutt also vill méi wäit gesinn.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Wann dat stëmmt, da wësst Der jo wou Der dru sidd, Här Wiseler. Dir sidd jo Chef vun der Primärschoul an der Stad Lëtzebuerg!

■ M. Claude Wiseler (CSV).- Ech weess wat mer an der Stad Lëtzebuerg an deene leschten dräi Joer gemaach hunn.

■ M. le Président.- Haalt Är Ried, an déi aner sollen nolauschteren! Déi sinn alleguerten agedroen, déi nach hei eppes ze soen hunn. Dir sollt net de Riedner dauernd ënnerbriechen!

■ M. Claude Wiseler (CSV).- Wat ass a Wierklechkeet geschitt, wëll ech da froen? Vun deene Privatschoulen, deenen aacht, déi d'Madame Durdu virdrun opgezielt huet, a wou u sech gesot ginn ass, wann dat Gesetz vun '82 kënnt, da kréie mer eng Explosioun vun de Privatschoulen. Wat ass a Wierklechkeet geschitt? Mä dräi vun deene Privatschoule vun deemools, Dikrech, Diddeleng an Elwen, hu missen zoumaachen, well se awer net iwwert d'Ronne komm sinn, an den Institut Emile Metz, trotz deem Gesetz, ass zu enger Fondatioun ginn, wou zousätzlech staatlech Finanzen erafléissen, zousätzlech zu deem wat aner Privatschoule kréien iwwert d'Gesetz vun 1982, well soss wär et net duergaangen. Och dat wollt ech eng kéier einfach soen, well dat ass och d'Realitéit.

Do gesi mer wat mat deem geschitt ass, wat deen een oder anere gesot huet. Ech wëll awer och nach eng kéier Zuelen hei huelen. 82-83 hate mer 1.943 Schüler, ronn 8% vun de gesamte Kanner an de Privatschoulen, op engem Total vun 22.500 Schüler, 92% déi also am Public waren.

Am Appel fir d'öffentlech Schoul, wat eng Rei vu Leit och ënnerschriwwen hunn, déi och hei am Sall sëtzen, quasiment déi sämtlech - ech hunn zwar elo net nogekuckt -LSAP-Fraktioun. Do steet dran: „In Luxemburg sind es jetzt

bereits 12%“, an et sinn der 11,3 wat d’Zuele vum Ministère ugeet, mä wéi wann déi Evolutioun a méi wéi 20 Joer vun 8% op 11,3% awer eng riseg Katastroph gi wär, an do fir déi grouss Evolutioun géing gësin, déi op Basis vum Gesetz vun ’82 déi Privatschoule kannt hunn.

An do muss ee wëssen, ech wëll och nach eng Kéier d’Zuelen hei soen, haut huet d’Agedoc 2.066 Schüler, d’Marie-Consolatrice zu Esch 545, d’Notre-Dame 518, den Emile Metz 504, an da komme jo déi nei Schoulen déi gegrennt gi sinn nach derbäi, Waldorf 70, op der International School 244 an 286 am Lycée Vauban, op en Total net vun 22.505, mä vun 32.059 Schüler vun haut.

D’Gesetz vun 1982 huet also sécherlech keng Explosioun vun de Privatschoule bruecht, mä den Drock op d’Privatschoulen zur Extensioun, zum Wuessen, wat haaptsächlech an den 90er Joren entstan ass, war grad esou grouss wéi den Drock op d’öffentlech Schoulen. An d’Privatschoulen haut, déi hunn hiren Deel dozou bäigedroe fir op dësen Drock ze äntwerten, fir dësen Drock opze-fänken. An et ass gutt dat si et ge-maach hunn, et ass och gutt dat si mat an där Extensioun, mat an där Evolutioun gewuess sinn. Well wann dat net geschitt wär, dann hätt de Public och nach deen Drock missten opfänken, an et kann ee jo net maache wéi wann et esou wär, datt déi Responsabilitéiten, déi d’Privatschoulen hei iwwer-holl hunn, näischt wäeren.

Déi Kanner, wa se net am Privé wäeren, hätte missen am Public ënnerbruecht ginn, hätten do och eng ganz Rei Finanze kascht, an déi Suen, déi een de Privatschoule gëtt, sinn an deem Sënn sécherlech net dem Public verluer, well wann déi Kanner net am Privé wäeren, wäere se am Public a géinge proportionell mindestens datsel-wecht kaschten, wann net méi, wéi dat am Privé ass.

Déi Textännerung vum Gesetz vun 1982, fir dann elo op déi ze kommen, a wann den Text vun 1982 esou gutt war, kann een d’Fro stellen: Firwat musst Der dann haut änneren a firwat musst Der haut dat Gesetz vun 2003 maachen? Mä ganz einfach well eist Land geännert huet a well eis Besoinen och geännert hunn. D’Situatioun an d’Ufuerderunge sinn anescht ginn, de Schoulsystem public, privé, deen een an deen aneren, hu geännert, an dofir mussen an dem Text och Ännerunge kommen, net um Prinzip, mä un de Modalitéiten.

Haut ginn tëschent 40 an 80% vum Coût de l’élève ausbezuelte u Privatschoulen. Dat mécht am Duerchschnitt tëschent 65 a 70% vum Käschtpunkt wat en Elève am Public kascht, wat eng Privatschoul als Subsid vum Stat kritt. Net 80%, mä an der Realitéit tëschent 65 an 70%. Elo gëtt dat eropgehuewen, fir dat brevetéiert Personal, dat an deene Schoulen ass, vun 80 op 90%. Et muss ee kucke wat d’Realitéit ergëtt, mä dat wäert dann am Prinzip en Duerchschnitt vu 70 bis 80% ginn, deen an Zukunft wäerten déi Privatschoule fir de Coût de l’élève kréien. Dat heescht, wann een et vergläicht mat der Ecole publique, 70 bis 80% vun deem wat e Schüler am Public kascht. Domat ass sécherlech e Schrëtt gemaach, zumindest wat dat Finanziellt ugeet, woubäi een awer nach wäit vun der Konkurrenzfähgkeet an der finanzieller Konkurrenzfähgkeet ewech ass, well do sinn nach ëmmer 20 bis 30% manner déi de Privé kritt wéi de Public. Mä et ass sécherlech e Schrëtt dee finanziell gemaach ginn ass, fir datt d’Privatschoule besser kënne mathalen.

Wat d’Participation aux frais d’investissements ugeet, ass et an eisen Ae ganz kloer, datt d’Uspréich och an deene leschte Jore méi grouss gi sinn, datt déi imposéiert Norme fir de Public an de Privé och an deene leschte Jore méi grouss

gi sinn. Well de Privé muss sech jo selbstverständlech un dëselwecht Normen hale wéi de Public, an datt d’Besoinen an deene leschte Jore méi grouss gi sinn. A wann ee wëllt datt d’Privatschoule solle kënne liewen, dann ass et evident datt een de Privaträger och muss d’Finanze ginn, déi se net vu sech selwer hunn, fir hir Schoulgebaier der Realitéit vun haut unzepassen, well ouni dat geet et einfach net. Et ass an deem Secteur d’selwecht wéi an anere Secteuren.

Ech erënneren drun, well hei och Spezialiste vun anere Secteuren setzen, un de Secteur vun de Kliniken, dee vun de Fleegeheimer, dee vun den Altersheimer, mä och un dee vun de Kannerheimer, un den Haiser fir handicapéiert Leit an esou weider. Wie mécht dann do d’Aarbecht? Zu engem ganz groussen Deel mécht de Privatsecteur d’Aarbecht, zu engem ganz groussen Deel gëtt hei och de Privatsecteur finanziert mat Mëttelen, déi aus dem Statssäckel kommen, an do hu mer eng ganz Rei Législative geschaaft, Législative déi och zu engem groussen Deel vun dëser Chamber vun alle Parteien ënnerstëtzt gi sinn. D’Krankekeese kommen dofir op, d’Fleegever-sécherung kënnt dofir op, de Spidolsplang finanziert dee Secteur. Mir hunn en ASFT-Text gestëmmt, deen de konventionéierte Secteur regelt, wou esouwuel de Fonctionnement wéi d’Investissementen an déi staatlech Ënnerstëtzung am Fonctionnement, wéi an den Investissementen dra geregelt sinn. A wéi déi Texter gestëmmt gi sinn, do si keng Remarque gemaach ginn, a just déi puer, déi natierlech alles wëlle verstaatlechen, mä där ginn et der Gott sei Dank net vill hei an dëser Chamber.

Am ASFT-Text ass eng Feelbedarfsfinanzéierung agefouert ginn, bei deemselwechte Loun wéi am Public, well do ass eng Equivalenz tëschent de Léin am Gesetz fest-gesat ginn an et ass gesot ginn, déi Feelbedarfsfinanzéierung deckt bis zu 100% vum Feelbedarf vun deem wat feelt, fir de Secteur fonctionnéieren ze loossen. A bei den Investitiounen an déi Investitiounsméiglechkeeten, déi hei an den Text ageschriwwen ginn, soen, datt bis zu 80% ka bezuelt ginn. Dat kënnt aus dem ASFT-Text aus engem anere Secteur einfach eriwir. An deem Text steet awer, datt de Stat net nëmme bis zu 80 mä esouguer a verschiddene Secteuren bis zu 100% ka matfinanzéieren.

Wann een d’Privatschoule wëllt liewe loossen, da muss een hinnen och d’Méiglechkeet gi weider ze finanzéieren. Si mussen mat deem Text nach 20% aus Eegekaptal opbréngen, an och dat ass net evident wann ee wëllt modern, wann ee wëllt uerdentlech a wann ee wëllt korrekt Schoulgebaier hunn, déi och déi Schüler zegutt hunn.

An datselwecht géllt fir den Amortissement vun de Gebaier an deene leschten zéng Joer, wat jo och vill contestéiert gi war. Well déi Gebaier, déi an deene leschten zéng Joer gebaut gi sinn, déi awer praktesch Neibaute sinn. Hei muss ee sech d’Fro stellen: Wat wëllt een? Hei sinn Investissementen gemaach ginn, héich Investissementen déi Endettementen fir déi Association iwwer Joren, iwwert déi nächst zéng, 20 Joer bedeuten, well déi hu sech verschëlt fir déi Investissementen kënne ze maachen. An dës Garantie gëtt hinnen d’Méiglechkeet fir eventuell an Zukunft och Gebaier ze erneieren, ze moderniséieren, ze adaptéieren a fir esou hir Schoulinfrastrukturen op engem Standard ze behalen, wéi d’Schoulinfrastrukture mussen sinn. A si mussen jo nach ëmmer 20% aus privater Hand bäileeën, och bei den Amortissementen.

D’Gesetz vun 1982 gesäit vir, datt déi Privatschoule finanziert ginn, déi sech un de Programm halen. Déi Zäit ass dat vu kenger Partei a Fro gestallt ginn. Déi Zäit ass souguer éischter gesot ginn, datt a

sech déi Marge de manoeuvre vun dräi Stonne Fräiheet, déi se hätten, awer eppes wär, wou se net esou frou domadder sinn, an et léiwer gehat hätten et wär genee datselwecht an de Schoulen...

(Interruption)

Déi Gréng waren déi Zäit hei nach net esou present, fir an där Diskusioun do deelzehuelen.

■ **Une voix.**- Da brauche mer haut kee Slalom ze fueren.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Voilà, da braucht Dir haut kee Slalom ze fueren, dat ass richtig.

D’Situatioun huet awer an Zwëschenzäit geännert, och d’Situatioun zu Lëtzebuerg huet geännert. Mir sinn eng Europahauptstad, mir hunn eng international...

(Interruption)

Richtig, mir waren déi Zäit och schonn eng Europahauptstad. Mä et ass awer kloer, wann ee kuckt, Här Fayot, wéi an deene leschten 20 Joer d’ekonomesch Evolutioun vun eise Land sech gemaach huet, d’Presenz vun Net-Lëtzebuier, vun Ausländer an eise Land, datt hei e Besoin ass, deen och a sech keen a Fro stellt. A wa mer deem och wëllen ekonomesch begéinen, wa mer wëllen e Plus économique schafen, dann ass et kloer datt mer fir déi Kanner och musse Schoule kréieren, Schoulen ubidden, déi deem wat se brauchen, wa se nëmme dräi, véier Joer hei am Land sinn, och entsprechen.

An, an dat ass kloer, mir hunn och aner pedagogesch Besoinen hei am Land, an et ass richtig, mengen ech, an deem Text, datt déi och haut a Betracht gezu ginn, an d’ailleurs huet de Stat dat an deene leschte Joren souwisou gemaach, an et huet och jiddferen dat normal fonnt, an ech sinn och deen éischten, deen dat normal fënn.

Mä et war net am Kader vum Text vun 1982 vun der Finanzéierung vun de Privatschoule wou hätt kënne gemaach ginn, an de Conseil d’Etat dee seet do: „...dont l’un des objectifs du présent projet de loi consiste à régulariser des situations de fait fort disparates qui ont été créées au fur du temps et dont certaines risquent de s’avérer d’une légalité douteuse.“ Et ass also eminent wichtig, datt dat gemaach gëtt, an de Besoin ass och kloer do.

An déi Wichtigkeet krute mer nach eng Kéier ënnerstrach duerch eng Rei Bréiwer, déi eis vun den ausländesche Commerce-Kummere geschéckt gi sinn an der Alfi, dat heescht där Organisatioun, déi sech ëm Fonds d’investissement bekëmmert. A mat deem Text gëtt do d’Zefriddenheet kloer an daitlech ausgedréckt an ënnerstrach. An deem Zusammenhang ass et a sech lëschteng fir festzustellen, datt an der Pressekonferenz - ech mengen et war leschten Donneschden -, déi d’LSAP gehalten huet, datt do gefrot...

■ **Une voix.**- Mir hu vill Lëschtenges entdeckt!

■ **Une autre voix.**- Et ass ëmmer lëschteng.

(Hilarité et interruptions diverses)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Här Krecké, ech kann och een aneren Ausdrock wéi lëschteng gebrauchen, mä ech hunn dat elo dee feinste fonnt, dofir hunn ech deen emol gebraucht.

(Hilarité)

Do gëtt gefrot, datt déi konfessionell Schoule sollen integréiert ginn - wann ech dat richtig verstanen

hunn - an d’öffentlech Schoul, an et gëtt Versteesdemech fir den alternative Modell vun der Waldorfschoul ausgedréckt, wat dann deen eenzege soll sinn, deen iwert de private System weider an Zukunft finanziert gëtt.

Ech fannen dat komesch, well ech hunn a sech festgestallt, datt an deene Jore virun am Fong de contraire gesot ginn ass, datt do drop gehale ginn ass, datt genau datselwecht gemaach géng gi wéi an der Ecole publique. An ech liesen lech an deem Appel fir d’öffentlech Schoul, deen ech schonn zitéiert hunn, vir, an da kënnt Dir mir jo Är Interpretatioun doraus ginn. An do steet: „Auch Privatschulen, die nicht an das öffentliche Lernprogramm halten, sollen mit öffentlichen Geldern unterstützt werden. Dabei entfällt nicht nur eine Qualitätskontrolle des Unterrichts, sondern jeder Einblick in die vermittelten Inhalte, die Gewährleistung ideologiefreier pädagogischer Ansätze ist so nicht mehr sichergestellt.“ Et ass also hei kloer - Dir hutt dat mat ënnerschriwwen - eng Onzufriedenheet doriwwer zum Ausdrock bruecht ginn, datt dee System elo esou funktionéiert.

Dofir froen ech mech, ma wéi ass et dann elo, et ass eng Kéier esou, et ass eng Kéier anescht, ech gësin do net kloer, wat déi definitiv Positioun ass, an Dir kënnt mir se jo dono erklären.

Wéi ass et dann och - an déi Fro stellen ech mer och - wann zum Beispill d’konfessionell Schoulen elo géinge soen, mä mir wëllen en anert Ugebot maachen, mir wëllen eis och net un d’Programmer halen, a mir wëllen eppes anescht lech ubidden. Ass dann déi Meenung, déi Dir do ausgedréckt hutt, och nach ëmmer déi richtig, a stidd Dir do hannendrun?

An hei an deem Text gëtt gesot: „...dabei entfällt nicht nur eine Qualitätskontrolle“, wa mer dat géinge maachen, „des Unterrichts, sondern auch jeder Einblick in die vermittelten Inhalte.“ Vun alle Leit, déi hei op menger lénker Säit setzen, ënnerschriwwen.

Ech liesen awer just gären de Gesetzestext, dee mer haut stëmmen, vir, wann „jede Einsicht“ a „jede Qualitätskontrolle“ entfält. Den Artikel 2 vun deem Projet - ob se finanziell ënnerstëtzt géinge ginn oder net, ass souguer hei egal -, dee seet: „Les organismes d’enseignement privé sont soumis au contrôle et à l’inspection pédagogique du Ministre ayant l’éducation nationale dans ses attributions.“

Den Artikel 3, dee seet: „Nul ne peut créer, ouvrir ou faire fonctionner un établissement d’enseignement préscolaire, primaire ou postprimaire privé, s’il n’est muni d’une autorisation délivrée par arrêté grand-ducal, pris sur proposition des ministres, qui examinent...“, elo kommen eng Rei Punkten, Punkt d) ass: „...les buts, les programmes et les méthodes d’enseignement.“

Den zweete Punkt vum Artikel 3 seet: „l’autorisation est refusée si les conditions prévues par la loi ne sont pas remplies, ou si dans un ou plusieurs domaines visés, l’organisation projetée de l’enseignement est de nature à porter gravement préjudice, aux intérêts matériels ou moraux des enfants.“

An dann dat Gesetz vum 30. Juni 2002 iwwert den Inspektorat, wat mer gestëmmt hunn, an dee Règlement grand-ducal, deen déi Zäit an der Chamber annexéiert war, gesäit d’ailleurs kloer an daitlech am Artikel 1, Punkt 2 vir, datt den drëften Arrondissement, dee Lëtzebuerg 3 heescht, och Privatschoulen - d’Ecole privée Notre-Dame Ste Sophie, steet explicite do drënner - ënnert de Ressort 3 vun dem Inspektorat fällt.

Da kann ee jo awer net soen, datt all Qualitéitskontroll hei net méi méiglech ass, an iwwerhaupt

näischt géng kontrolléiert ginn. Et ass kloer an de Gesetzestexter virgësin an ech wollt dat kloer an daitlech hei soen.

(Interruptions)

Voilà. Ech erënneren d’ailleurs och drun, datt - ech weess net méi wien et war, mä ech mengen et war den Här Scheuer an den Här Zanussi sengerzäit, wéi mer de Bac international gestëmmt hunn - se eng ganz grouss Skepsis iwwert de Bac international ausgedréckt hunn, datt se déi Zäit gesot hunn, d’Primautéit vun der Lëtzebuerger Première, mir kréieren eng zweet Klassegesellschaft an esou weider. Mä ech soen och elo, de Bac international ass zwar net d’Waldorfschoul, mä et ass awer och en alternative Modell. Wann een alternativ Modeller ënnerstëtzt, da kann een awer net nëmme déi eng, da muss een awer och déi aner ënnerstëtzen.

(Interruptions diverses)

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Eng Ecole internationale ass net fir Schüler déi hei duerch en normale System gaange sinn.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Et ass en anere Modell, deen hei ugebuede gëtt, Här Krecké, et ass en anere Modell, deen hei ugebueden ass.

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech froe mech, firwat dass dee Modell do hierhale soll. Dee soll deene Leit, déi expatriéiert sinn, erlaben, datt hir Kanner, well se oft musse wiesselen, och an anstännege Konditiounen nach en Enseignement kréien. Et ass fir déi Kanner geduecht a fir keen aneren.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech soen lech, et ass een aneren alternative Modell, a wann ee se fir dat eent, da muss ee se och fir déi aner...

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).**- Si mussen 600.000 Frang Schoulgeld bezuelen, Här Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, dat ass richtig, do komme mer jo awer och nach eng Kéier duerno drop zrëck. Firwat maache mer dësen Text, Här Scheuer? An dat soen ech lech dann duerno, firwat an anere Schoulen d’Minervälé méi bëlleg sinn. Genau dat ass jo de Sujet iwwert dee mer haut schwätzen.

(Interruption)

Genau dat. Jo, et ass en Deel. Ok.

Wann elo gesot gëtt, et wär onge-recht, wann déi eng nëmme 40%, an déi aner tëschent 40 an 90% kréien, da soen ech zwou Saachen. Éischten, et stellt een aner Konditiounen un déi eng wéi un déi aner, an da fannen ech et och logesch, wann déi eng sech beméien an all Efforte maachen, fir aner Konditiounen, de gesamte Schoulprogramm, de ganze System och esou an d’Realitéit ëmzesetzen, datt een hei d’Konditiounen vum Finanzement deem adaptéiert.

An da muss een och kucken, datt dat Ganz geschichtlech anescht gelaf ass. Déi, déi sech un alternativ Modeller halen, déi kréien um Fonctionnement 40%, mä si kréien awer och scho säit laange Joren d’Gebaier zur Verfügung gestallt. An Ärem Exposé des motifs, do hutt Dir eng Ausrechnung wat den Amortissement vum Gebai, respektiv wat d’Loyere vun de Gebaier als indirekte Subsid un déi eng an un déi aner sinn.

Do gesitt Dir, datt a sech déi klas-sesch Ecole privée ronn 9.500 Euro par Schüler kritt an datt a sech déi alternativ Modeller, mat deem Finanzierungsmodell 40 a 40/90, op där enger Säit 4.650 par élève kritt. Dat wär also manner. Mä do muss een awer, wann een dat korrekt rechent, dobäi rechnen, datt wann een den Amortissement vu Gebaier, déi elo do stinn, net vun neie Gebaier, vun der International

School nach géing dobäi rechnen, da wären dat nach eng Kéier plus 5.912 Euro, bei der Vauban 2.105 a bei der Waldorf 1.804, da muss een de Calcul vun den direkten a vun den indirekte Subsidien awer och ganz duerchféieren, an déi Zuelen och ganz matenee vergläichen.

Dann ass d'Fro, d'Primärschoulen? Do soen ech ganz kloer, wa mer vun engem Recht vu Schoulfräiheet schwätzen, da gëtt et kee Grond fir nëmmen de Secondaire domat ze nennen, da gëtt et kee Grond fir de Primaire doeraus auszuschléissen. An dofir ass an deem Text och deeselwechte System virgesinn, 40 bis 90% fir déi déi sech un d'Programmer halen a 40% vum Fonctionnement fir déi déi en alternative Modell virschloen, plus d'Subventionne fir de Bau.

Mä wat ech awer wëll kloer an daitlech dobäi soen, dat ass datt déi 40 an 90%, respektiv déi 40%, sech awer nëmmen op deen Deel vum Stat bezéien, dat heescht op déi 66%, déi vum Stat bezuelt ginn. Et sinn also tëschent 40 an 90% vu 66%, wat duerno heescht datt déi maximal Subvention, déi un de privat Primärschoule maximal 40 bis 50% vum Coût global wäert sinn. An dat wollt ech och eng Kéier kloer an daitlech soen, oder kloer stellen.

D'LSAP seet, datt et anormal wär - dat war den Här Di Bartolomeo -, datt d'Privatträger méi géinge bevirdeelegt gi wéi d'Gemengen, wat de Bau ugeet, net wat de Fonctionnement ugeet, well beim Fonctionnement hu mer jo kloer gesot, datt d'Gemege méi vum Stat kréien, mä da muss ee sech awer virstellen, datt elo hei einfach e Verglach gemaach gëtt zwëschent engem Privatträger an enger Gemeng, wat en Deel vun der öffentlecher Hand ass. Ech kann e Verglach zwëschent engem Privatträger an der öffentlecher Hand, an deem Fall eng Gemeng, net esou en tant que tel verstoen, well dee Verglach Appel mat Bire vergläicht. D'Gemeng ass en Deel vun der öffentlecher Hand. Si kritt Recetten iwwer Steieren. Si kritt Sue vum Steuerzueler a vum Stat, an dofir soen ech déi Comparaisoun do, déi geet einfach net, well déi zwou Saachen onvergläichbar sinn. A wann ee gesäit wat d'Gemege-schoule kréien, da kréie se aus der öffentlecher Hand iwwert deen een an iwwert deen aneren 100%.

(Interruptions)

A wann een elo diskutéiert, ob da vum Stat d'Gemege genuch, net genuch a schnell genuch hir Sue kréien, dat ass eng Diskussioun déi ech mat lech gäre féieren, mä déi huet awer näischt mat de Privatschoulen ze dinn. Dat ass eng ganz aner Diskussioun, an déi muss gefouert ginn.

(Interruption)

Iwwert déi aner Saache sidd Der just bereet ze diskutéieren. De deux choses l'une. Entweder mir maachen op där enger Säit an op där anerer Säit vergläichbar Spillregelen oder mir halen op. De deux choses l'une.

Mir hunn eng Diskussioun iwwert d'Privatschoulen, an hei gi Vergläicher opgestallt déi net stëmmen, well een e Privatträger mat enger öffentlecher Hand net ka vergläichen. De Finanzement vun de Gemengen iwwert de Stat an d'Subsidien, déi eng Gemeng vum Stat kritt, dat ass eng aner Diskussioun an déi muss gefouert ginn an där Diskussioun, déi an der Virbereedung ass zwëschent de Kompetenze Stat a Gemengen. Do féieren ech se ganz gäre mat lech, mä déi zwou Diskussiounen hunn a mengen Aen iwwerhaapt näischt mateneen ze dinn.

(Interruptions)

Ech hu gesot, datt an deem Fall dee Vergleich einfach net machbar wär an datt een net soll dat eent mat deem anere vergläichen. Wéi

d'Systemer an anere Secteurs sinn, do kann een d'Prinzipie matenee vergläichen. Do kënnen aner Systemer sinn, där déi sech gläichen, net gläichen. Dat huet a sech an där Verglachsmethod hei am Fong näischt mateneen ze dinn. Ech gesinn net, firwat datt Der dat eent an dat anert matenee sicht.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Ech wëll lech just soen - ech war do derbäi -, déi privat Spideeler hunn 80% kritt, well d'öffentlech Spideeler 80% kréien. Do war d'Argument just ëmgedréint.

M. Claude Wiseler (CSV).- De groussen Ennerscheed tëschent deem engen an deem anere Secteur ass, datt all Gemeng Primärschoulen huet an all Gemeng muss Primärschoule maachen. Eng obligatoresch Pflicht vun de Gemengen ass, eng Primärschoul zur Verfügung ze stellen, an dat ass awer menge Kenntnisser no nach net de Fall an dem Spidolssecteur, esou datt do déi Dosiere ganz anescht mussen ugaange ginn.

Dëst sinn déi wesentlechst grouss Neierunge vun deem Text. Si entsprechen dem Regierungsprogramm a si entsprechen deem, wat haut an dëser Matière de Besoin ass. Et stinn awer och nach eng Rei Froen am Raum, eng Rei Aussoen, déi an deene leschte Méint gemaach gi sinn. Ech wollt dozou Stellung huelen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Dir Hären, stéiert de Riedner dach net esou. Här Asselborn, Dir sidd jo age droen a kritt d'Wuert direkt nom Här Wiseler.

M. Claude Wiseler (CSV).- Fir d'éischt déi Ausso déi gemaach ginn ass vun der Zweeklassesellschaft. Mir hate se virdrun ugeschwat an dofir wëll ech hei dat Zit nat eng Kéier bréngen aus dem Appel, deen ech schonn e puermol zitéiert hunn: „Das Gesetz steuert damit auf eine Zweiklassengesellschaft zu, in der sich nur finanziell gut situierte Eltern leisten können ihre Kinder von klein auf in besser ausgestattete Privatschulen zu schicken.“

An dann en zweet Zitat vum Präsident vun de Jong Sozialisten: „Schüler, deren Eltern es sich leisten können, werden also in privaten Schulen unterrichtet, der Rest muss sehen wo er bleibt.“

An e véiert Zitat vum Här Zanussi: „Nicht alle Eltern können sich Privatschulen leisten. (...) Dieses Gesetz wird zu einer zusätzlichen Segregation führen.“

Wat ass awer d'Realitéit? D'Realitéit ass e Minerval vun 350 Euro d'Joer. Ech froe mech wéi wäit e Minerval vun 350 Euro d'Joer an der Moyenne zu deene grouss Segregatiounen do kéint féieren. Et gesäit ee jo och, wann een d'Composition vun de private Schoule kuckt, wou mer eng Opschlëssung vun der Schülercomposition hunn - déi all d'Partei kritt hunn -, wou 39% vun de Schüler - ech hunn elo de Fieldgen geholl - aus Famillje kommen, wou de Papp Aarbechter ass, 14% Employés privés inférieurs, 5% Employés privés supérieurs, 10% Fonctionnaires, woubäi een net weess wat fir eng Carriären dat sinn, a 5% liberal Beruffer.

Doraus kann ech just schléissen, datt déi Segregatioun net stattfonnt huet. Datt dat, wat gesot gëtt, hei esou an d'Welt gesat ginn ass. Et geet queesch duerch de Gaart an et ass eng Composition, déi absolut normal ass. Och d'Privatschoule ginn hirer sozialer Mission gerecht.

Elo stellt sech awer d'Fro, an dat ass déi wesentlechst, déi den Här Scheuer virdru gestallt huet: Firwat kënnen dës Schoulen esou e Minerval froe vun 350 Euro? Mä just weinst deem Gesetz, well se eng

staatlech Finanzéierung kréien, well se iwwert d'staatlech Finanzéierung kënne liewen an de Besoin net méi do ass fir e gréissere Minerval ze froen. Well wann déi Finanzéierung vum Stat net géif kommen, jo da misste se den Total vun der Finanzéierung huelen iwwert d'Contribution vun den Elteren. Dofir soen ech, dat Gesetz, wat 1982 gestëmmt ginn ass, bréngt just sozial Gerechtegkeet. Do wou mer keng staatlech Finanzéierung hunn, wéi bei der International School, déi e Minerval froe vun 12.000 bis 15.000 Euro, well déi musse jo aus hire Contributionen, déi se vun den Eltere kréien, hire ganze Finanzement ofsécheren. Dee Finanzement ass enorm. Wa se elo eng Finanzéierung vum Stat iwwert deen neien Text kréien, dann ass et evident datt och wäert de Minerval erofgoen. Dofir soen ech just, dëst Gesetz bréngt eng sozial Gerechtegkeet mat. An ech mengen, am Fong misst Der et applaudéieren, aus deem Grond schonn eleng.

(Interruption)

Dir explizéiert dat herno, Här Krecké.

Déi zweet Ausso, dat ass déi vun den Elite-Schoulen. Do huet den Här Zanussi geschriwwen: „Grob gesagt: Einwandererkinder werden in der öffentlichen Schule untergebracht, während die andern auf Privatschulen zurückgreifen können.“

Ech muss soen, déi classesch Privatschoulen déi existéieren, déi hunn all Ordre d'enseignement, vum Préparatoire bis de Secondaire. Et sinn all sozial Schichte vertrueden. A wann ech dann d'Nationalitéit kucken, da stellen ech fest datt souguer a verschiddene Privatschoule proportionell am Secondaire méi Ausländerkanner si wéi am Public, well do grouss sozial a pedagogesch Efforte gemaach ginn, well do pedagogesch innovativ Projete gemaach gi fir se ze integréieren. De Projet ALLET zum Beispill. A well déi eng gepräegte Sozialorientatioun hunn. Déi aner Behauptunge sinn einfach net richtig a sinn net akzeptabel.

Drëtzens: Eng Ausso déi, wann ech mech däréi esou ausdrécken, awer de Combel ass: Do gëtt da gesot - ech mengen dat ass och den Här Zanussi - an engem Artikel: „Mutiert die DP zum Totengraber der öffentlichen Schule? Im Zusammenhang mit der Kostendiskussion muss man allerdings wissen, dass die Privatschulen bei weitem nicht die finanziellen Aufwendungen bringen müssen mit denen die öffentlichen Schulen operieren müssen, beispielsweise hinsichtlich der zum Teil niedrigeren Gehälter die Privatschulen im Vergleich zur öffentlichen Schule zahlen.“

Dat fannen ech awer de Combel, fir ze soen datt d'Privatschoule méi déif Gehälter bezuelen. Dir gitt hinne jo awer nëmme 70% vun dem Coût de l'élève, an Dir maacht hinnen dann zum Reproche, datt se mat 70% vum Coût de l'élève net déiselwecht Gehälter ausbezuelen. Also esou geet d'Logik awer net. Ech versti se op jidde Fall net. Dat muss ee sech un der Zong unhéieren, wann ech mech däréi esou ausdrécken.

M. Alex Bodry (LSAP).- Op der Zong zergoe loossen.

M. Claude Wiseler (CSV).- Ech weess. Et war ee Wuertspill, Här Bodry.

Do schreift den Här Zanussi, an dat ass kee Wuertspill méi: „Wenn man dann noch die Beiträge der Eltern hinzurechnet, kann das Betreiben von Privatschulen ja fast zum lohnenden Geschäft werden. Eine von der Regierung beabsichtigte Entwicklung?“

Ech muss soen, ech ka mer awer net virstellen, wéi mat 70 bis 80% vum Coût de l'élève a mat kontrolléierte Minervalen dat Ganzt kënnt zu engem lukrative Geschäft ginn, wou een och nach Suen verdéngt. A wann den Här Zanussi mat 80% vun deem, wat e kritt, e Bau ka bezuelen, well dee kascht 100%, 20% nach kann aus senger Täsche bäileeen, an et dann nach fäerdeg bréngt e Boni ze maachen, muss ech soen, da kann ech him nëmme proposéiere fir Budgetsminister ze ginn, och wann den Här Krecké dat net gären huet, mä dann huet hien dat verdéngt. Ech gesi keen aneren hei am Land, deen dat kënnt fäerdeg bréngen. Dat ass esou wéi d'wundersame Brotvermehrung.

Véiert Ausso: „Auf jeden Fall wird dieses Projekt dazu führen, dass die bestehenden Privatschulen ihr Angebot ausbauen und neue private Schulen wie Pilze aus dem Boden schießen werden.“ Dat ass schonn 1982 gesot ginn. Mir hu gesinn, datt vun aacht Schoulen der dräi zougemaach hunn.

An da geet et weider: „Auch solche die sich nicht an das offizielle Lehrprogramm halten.“ Dat war 2002. Haut gëtt jo gesot, datt dat déi eenzeg sinn, déi ee muss ënnerstëtzen.

An dann d'Ausso vun dem Wettbewerbsvorteil, deen déi Privatschoule sollen hunn, Ausso déi och de leschten Donneschden op der Télé gemaach ginn ass. Do gëtt gesot, d'Privatschoule si méi konkurrenz-fäeg. Dat jo sécher net well se méi Sue kréien, well si kréien der jo eng ganz Rei manner. Da gëtt gesot, datt se méi konkurrenz-fäeg sinn, well se méi eng Flexibilität beim Bau, beim Astelle vum Léierpersonal hunn, Autonomie, pedagogesch Innovationen. Ech soen dat net. Et ass gesot ginn op der Pressekonzferenz, datt se méi Flexibilität hätten an dofir e Konkurrenzvirdeel.

Wann een an deem System e Konkurrenzvirdeel hätt, loosse mer mol esou soen, da géing ech jo awer net d'Konklusioun doraus zéien, datt ech da soen, mä deen, deen e Konkurrenzvirdeel huet, deem musse mer deen emol ewech huelen, dee musse mer erfrozeien, dee musse mer integréieren. Au contraire, ech zéien dann d'Konklusioun draus, datt et fir ze analyséieren ass, wouhier kënnt dee Virdeel. Wann dee Virdeel Flexibilität, Autonomie ass, mä da musse mer onbedéngt higoen an der Ecole publique och déi Autonomie ginn, déi se wëllen. Dat ass genau dat, wat mir als Partei virschloen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Den Här Garcia huet hei och eng méi nuancéiert Analys gemaach an engem Artikel, deen ech gär virliesen. Do steet: „Der Antagonismus zwischen der ideologesche begründeten und sicherlich weiterhin berechtigten Verteidigung der öffentlichen Schule als Regelschule für die meisten Schülerinnen und der grösseren pädagogischen Autonomie privatgeführter Gebäude wirft eher ein schiefes Licht auf die staatliche Schule, als dass sie das Gespenst von Privatisierung und Elitebildung glaubhaft werden lässt. So haben sich etliche Linksinstrukturelle der Petition von FGIL und LSAP nicht angeschlossen. Die Grünen zum Beispiel haben halbherzig unterschrieben, möchten jedoch die Diskussion auf das Terrain der Staatsschule zurückbeamen.“

(Interruptions)

Also ech däréi an aller Frëndschaft dem Här Garcia recommandéieren, ier e Saachen hallefhaerzeg ënnerschreift, soll e se vollhaerzeg liesen, da brauch e se net hallefhaerzeg ze ënnerschreiwen.

(Interruptions diverses)

Jo, ech weess dat.

Mä da fiert den Här Garcia a senger Logik weider, an dee Saz ass

och ganz interessant: „Durch mehr Autonomie und gezieltere Angebote in den Staatsschulen würde den Privatschulen mittelfristig das Wasser abgegraben.“

A wann en dat wëllt, a wann dat seng Zilsetzung ass, da fannen ech zumindest, dass d'Logik hei an deem Text richtig ass. Et ass net meng Zilsetzung, mä ech fannen d'Logik richtig an ech fannen et richtig, dass een déi Logik dann och hei zum Ausdruck bréngt. Ech mengen awer, datt de Wee richtig ass an dass méi Autonomie soll an d'Statsschoule mat erakommen. Do huet den Här Garcia scho vollkomme Recht, quitte dass seng Zilsetzung ech net deelen.

An déi sechst an déi lescht Ausso, do steet an deem villzitéierten Absatz: „Dass eine bevorzugte Förderung“ - an ech ënnersträichen bevorzugte, well dat jo gutt gesot ass - „der Privatschule der falsche Weg ist, beweist das Paradebeispiel Finnland. Ein Land das weltweiter Spitzenreiter der PISA-Studie ist, in deem aber nur knapp 3% der Schüler private Schulen besuchen.“

Den Här Zanussi schreift och nach „Das schlechte Ergebnis, das Luxemburg gerade in diesem Punkt der PISA-Studie vorzeichnen musste, wird durch solche Absichten weiterhin untermauert.“

Et gëtt also hei gesot a versicht eng Relatioun tëschent PISA, dem schlechte Resultat vu Lëtzebuerg an der PISA-Studie an dem Bestehen vun de Privatschoulen hierzustellen. Finnland huet nëmmen 3% vun de Schüler an de Privatschoulen, huet dofir e gutt Resultat an der PISA-Studie. Lëtzebuerg huet 11,3 oder 12% vu Schüler an de Privatschoulen an huet dofir e schlecht Resultat an der PISA-Studie. Et ass jo dat, wann ech richtig verstinn, wat hei suggéiert gëtt. Wéi ass dann d'Realitéit?

Éischstens wëll ech soen, dass och Finnland eng Finanzéierung vun de Privatschoule virgesäit, fënnit dat normal, huet dat och a senger Législatioun stoen. Et ginn awer nëmmen 3% vun de Schüler dran, et huet awer näischt mam Gesetzestext dee Moment ze dinn.

Zweetens, wann ech dann un aner Länner an Europa kommen a feststellen, dass an Irland 62,3% vun de Kanner am Secteur privé subventionné sinn, sinn awer déi Zweet am europäesche Verglach an der PISA-Etüd. Wann ech d'Belsch kucken, d'Communauté française, 56,9% am Libre subventionné an d'Communauté flamande 74,72% am Privé subventionné, da muss ech zumindest soen, dass an där Logik een hätt Lëtzebuerg misse wäit virun deenen dräi aner Länner fannen. Et ass awer net de Fall. An ech hätt missen de flämeschen Deel wäit virum wallouneschen Deel fannen, well déi eng 75% an déi aner nëmme 56% hunn. Dat ass awer net de Fall an et kënnt een nach vill aner Länner zitéieren. Dofir soen ech, déi Logik zumindest ass total falsch. Ech soen, et gëtt keen Zesammenhang fir ze soen, wou méi Privé ass, do sinn d'Resultater besser. Dat kann een net herstellen an ech wëll och mat deenen Zuelen, déi ech elo hei genannt hunn, sécherlech keen Zesammenhang hierstelle fir ze soen, wou méi Privé ass sinn d'Resultater besser, well och dat wär grad esou falsch wéi dat éischt. Et hängt net um System vum Subventionnement vum Privé, wéi d'Resultater a PISA sinn.

Zur Konklusioun wëll ech soen, et ass schued dass dës Diskussioun schonn am Virfeld Ulass ginn huet zu Méint a Méint vu Polemik. Meng Partei huet dat an deene leschte Méint net matgemaach. Ech hunn haut probéiert eng Rei Saache richt ze stellen. Ech hunn dës Geleeenheet einfach dofir geholl.

Am Résumé wëll ech soen: Dat hei ass en Text, deen eng Fräiheet ofséchert, deen de Besoinë vun haut gerecht gëtt, deen dem Schoul-

system a senger Gesamtheet gutt deet an deen der öffentlecher Schoul näischt ewech hält, an dofir stëmmt d'CSV-Fraktioun selbstverständlech fir dësen Text.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jean Asselborn agedroen. Den Här Asselborn huet d'Wuert.

M Jean Asselborn (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all Gesetz wat dës Koalitioun an d'Chamber bréngt a Saache Schoul muss sech an eisen Aen dru moosse loossen ob d'Regierung et fäerdeg bréngt d'Schoul ze moderniséieren, se méi leeschtungsfäeg ze maachen, se un d'Gegebenheete vum 21. Jorhonnert ze adaptéieren.

Der programmatescher Ukënnung vun der Demokratescher Partei vun 1999, fir eng besser, fir eng méi performant Schoul zu Lëtzebuerg, eng Schoul déi capabel ass déi méi staark Kanner ze fuerderen an deene méi schwaachen ze hëllef méi staark ze ginn, huet d'Wahlresultat vun '99, esou hunn d'Expäre vun de Wahlresultater et deemools festgestallt, positiv beaflosst. D'DP huet, wéi mer wëssen, den Educationsministère kritt. PISA ass komm mat all sengen Opdeckungen an d'Faillë vun eise System.

Mä d'Demokratesch Partei huet de Choix gemaach. Haut, ee Joer praktesch virun den nächste Wahlen, d'Reform vum Schoulwiesen zu Lëtzebuerg net op d'öffentlech Schoul ze konzentréieren, mä op d'Privatschoulen, doduerch dass se déi staatlech Subventiounen drastesch hei eropsetzt.

Et ka sinn, Här Wiseler, dass Dir an der CSV an och d'Demokratesch Partei am Ufank vun dësem Jorhonnert Recht hunn, dass mer haut an enger Gesellschaft liewen, wou nieft der öffentlecher Schoul eng Rei Bierger am Land extra Wësch hunn a Saache Schoul, an hir Kanner an eng Schoul schécke wëllen, déi als Privatentreprise fonctionnéiert. Wann dëst esou ass, da mussen dës Bierger dovunner Gebrauch maachen, och dofir opkommen. Dat soll selbstverständlech net verbuede sinn, mä et soll déi national Solidaritéit, de Stat also, näischt däerfe kaschten. Well de Stat jo seng eege Schoul esou ze organiséieren huet, dass se optimal an alle Beräicher fir d'Kanner fonctionnéiert.

An dës Schoul, Här President, brauch Reformen, si muss méi flexibel ginn, méi offen, manner diktéieren, méi initiéieren, si muss méi Mëttele kréien, fir déi riseg Uspréich, déi jidderee berechteterweis u si stellt, erfëllen ze kënnen. Dofir hu mer an dësem Land eng Madame Minister vun der Education nationale a mir hu keng Madame Minister vum Enseignement privé.

Här President, dëst Gesetz spigelt am Fong, an dat ass mer elo och confirméiert ginn, wéi ech déi zwee éischt Riedner nogelauschtert hunn, politesch ganz treffend de Geescht vun dëser CSV-DP-Regierung erëm. D'CSV, an ech wäert dat nach eng Kéier méi däitlech widerhuelen, ass eng Partei vun der Droite bliwwen, dëst och am 21. Jorhonnert. Dës CSV huet bis elo méi wéi 90 Joer nom Schoulgesetz vun 1912 ni wëllen akzeptéieren, dat hutt Dir an Ärer ganzer Ramm vun Ärer Ried hei gesot, Här Wiseler, dass d'Education vun de jonke Leit am Land an der Schoul exklusiv de Monopol vum Stat soll sinn. D'CSV an hir Virgängerin, d'riets Partei, hunn ni mat sech spille gelooss an dëser Fro. Haut setzt dës CSV en entscheidend Signal fir hir Positioun an dëser Fro am 21. Jorhonnert ze zementéieren.

D'CSV weist hiert Gesiicht. Et ass e konservatiiv Gesiicht, e Gesiicht vun enger rietser Partei, déi dem Stat a Saache Schoulpolitik kee Fi-

duz schenkt, mä seng eegen Zopp hei wëllt weider kachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz ass e kapitale Réckschlag fir d'Lëtzebuurger öffentlech Schoul, well dëst Gesetz géint de Geescht ass vum grouesse Schoulgesetz vun 1912 a well dëst Gesetz och géint den Artikel 23 vun eiser Verfassung verstéisst.

Ech wëll an dëse puer Minutte vu menger Interventioun hei der grousser Demokratescher Partei, awer och der liberaler Partei, där Partei, deenen hir Virgänger, op déi se jo haut esou houfreg sinn, ganz staark bedeelegt waren, fir dass d'Schoulgesetz vun 1912, ee Gesetz, wat ech net brauch ze widerhuelen, jo de Corselet vun der Klerikalitéit an der Schoul de Lëtzebuurger ausgedoen huet, wëll ech e puer Sätz hei virdroen, déi hinne bestëmmt gefalen. Ech zitieren: „D'Schoulgesetz vun 1912 ass e fundamentale Kompromëss, deen der Primärschoul 75 Joer laang Fridde bruecht huet an deen net därer liichtsënnegerweis a Fro gestallt ginn. Déi wesentlech Eegenschaft vun onser eenzeger öffentlecher Schoul, déi se zu engem onentbierleche Bestanddeel vun onser Lëtzebuurger Demokratie mécht, ass hir Integrationsfunktion. Vun hir hänkt, a mengen Aen, wesentlech d'Iwwerliewensfäegkeet vun onser Gesellschaft of. Sécher gétt mer da gesot, datt och d'öffentlech Schoul d'sozial Ongläichheet am Fong nëmme reproduzéiert, mä si mécht dat och awer op eng manner eklatant an diskriminatoresch Aart a Weis wéi d'Privatschoulen, well se et ënnerléisst Barrière scho beim Zougank opzeiichten.“

An ech fuere weider mat dem Zitat: „Déi eenzeg Gefor, déi der öffentlecher Schoul dreet, ass den Immobilismus an d'Inertie um politesche Plang an déi geziilt Politik vun der CSV, déi versicht d'Privatschoule systematesch ze privilegiéieren an domadder d'öffentlech Schoul an d'Hannertreffe bréngt.

Mir bestätege kloer, däitlech an onmëssverständlech d'Prioritéit, déi mir der öffentlecher Schoul zouerkennen. Et kann einfach net sinn, dass d'öffentlech Schoul géing u Qualitéit an Attraktivitéit verléieren. Et därer net sinn, dass et an onsem Land op eemol zwee Systemer géinge ginn. D'öffentlech Schoul fir déi Aarem, fir déi vläicht manner intelligent a bestëmmt fir déi manner privilegiéiert Kanner an en anert, d'Privatschoule fir déi soi-disant Bessereitskanner. D'öffentlech Schoul droit zu engem bedeiten Deel dozou bäi, dass et an onsem Land kee Klassebewosstsënn an nach vill manner ee Klassekampf gétt. D'öffentlech Schoul ass ee wesentlecht Element vun onser Lëtzebuurger Demokratie.“

Originaltoun vum 23. Oktober 1987 am Kader vum 75. Anniversaire vun der FGIL, also der Léierinnen an der Schoulmeeschterfederatioun, vun der deemoleger Parteipresidentin vun der Demokratescher Partei an heiteger Europadeputéierten, Colette Flesch.

A fir all déi Leit vun eiser Partei, Dir Dammen an Dir Hären, déi net konnten op der Jorhonnertfeier sinn, zitieren ech nach ee formidable Saz vum liberale Rapporteur vum Schoulgesetz vun 1912, dem Maurice Pescatore: „Nous, Luxembourgeois, nous ne voulons pas deux écoles. Nous ne voulons pas la liberté de l'enseignement. Nous ne voulons pas de dualisme. Nous voulons une seule école pour tous. Nous désirons que dans l'avenir tous les Luxembourgeois passent sur les mêmes bancs pour que ministres et ouvriers, pour que grands propriétaires et petits paysans restent camarades dans la vie. Notre esprit d'égalité le veut ainsi.“ De Maurice Pescatore, wéi gesot, liberale Rapporteur vum groussherzogleche Gesetz.

(Interruptions)

Une voix. - Dat war virun 90 Joer, Här Asselborn. D'Situatioun huet awer e weëneg geännert an der Zwëschenzäit.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Dir Dammen an Dir Hären, vill Leit, Liberaler, Fortschrëttlecher...

(Interruptions)

Här President, vill Leit, Liberaler, Fortschrëttlecher...

(Interruptions diverses)

Här President, wann Dir mer net hëllef, da kommen ech net méi un.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Lauschtert dach no.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Lauschtert no, et deet net wéi. Et ass just d'Wourecht.

Vill Leit, Dir Dammen an Dir Hären, Liberaler, Fortschrëttlecher, froe sech, wat dann haut an de Käpp vun der Demokratescher Partei virgeet, dass hir Schoulministesch, d'Madame Brasseur, dass hir Parteipresidentin, d'Madame Polfer, dass hire Generalsekretär, den Här Grethen, dass all hir Deputéierten higin, an d'Madame Colette Flesch, mat enger Rücksichtslosigkeit sonnergläichen, verleeegen. Oder verleegend d'Demokratesch Partei sech selwer, mam Accord vun der Madame Flesch? Wéi ass d'Motivatioun vun der Demokratescher Partei bei dësem Gesetz ze situéieren?

(Interruptions)

Dëst Gesetz, Dir Dammen an Dir Hären, huet d'CSV vun der LSAP 1984, 1989, 1994, all Kéiers an de Koalitionsverhandlungen refuséiert kritt, obschonn d'CSV deemools jo de Ministère vun der Education nationale hat. Dëst Gesetz, d'Madame Flesch huet et gesot, ass ee Gesetz, wat den Dualismus an der Schoul fuerdert, also just de Contraire vun deem, wat d'Demokratesch Partei mat der LSAP ëmmer verteidegt huet, nämlech de verfassungsrechtlichen Optrag, fir dem Stat seng Schoul, d'öffentlech Schoul, als eenzeg Schoul ze fuerderen.

„L'Etat veille à l'organisation de l'ins-truction primaire, qui sera obligatoire et gratuite et donc l'accès doit être garanti à toute personne habitant le grand-duché“. Artikel 23 vun eiser Verfassung. Ech froen déi Dammen an déi Häre vun der CSV a vun der DP: Ass d'Privatschoul zu Lëtzebuerg gratuite? Ass d'Privatschoul gratuite, wéi et an eiser Verfassung steet? Si kann nëmme gratuite sinn an eisen Ae wa se vun der Solidaritéit vun der ganzer Gesellschaft gedroe gétt, also wann d'Steiersuen, d'Infrastrukturen an d'Personal dës Schoul erméiglechen.

Et muss een d'Fro stellen, firwat de Stat beziele muss. Firwat muss de Stat bezuelen? Fir senger eegener verfassungsméiglech obligatorescher Schoul, wéi et an der Verfassung steet, fir all Kanner Konkurrenz ze maachen. Näischt géint international Schoulen, déi, par définition, net kënnen national sinn. Oder och alternativ pedagogesch Modeller, déi hir Preuve, Här Wiseler, gemaach hunn an der EU a kënnen konventionéiert ginn. Mä all déi aner Privatschoule ginn duerch dëst Gesetz als Konkurrenz zur öffentlecher Schoul duergestallt an opgebaut.

(Interruption)

Mir wëllen eng öffentlech Schoul wou pedagogesch Neierungen eng Chance kréien, wou d'Gebaier méiglechst vill Autonomie hunn. Mir wëlle keng steril Gläichmaacherei, keng rigide Uniformitéit an der Schoul an och tëschent de Schou-

len, mä mir wëllen eng grouss staark öffentlech Schoul an der Hand vun engem Ministère, wou d'Kanner, déi jonk Leit all zesummen am Sënn vun der Chancëgläichheet an eis Gesellschaft erawuessen. D'Kohesioun vun eiser Gesellschaft gétt an der öffentlecher Schoul an net nieft der öffentlecher Schoul garantéiert.

Här President, mat der entscheidender Hëllef vun eiser Partei ass d'Diskussioun ëm d'Zweetklassemedezin an de leschte Méint och hei am Parlament ofgewiergt ginn. Mä bei dësem Gesetz iwwert d'Privatschoule gétt de Kär geséint, fir eng Zweetklassegesellschaft a Saache Schoulpolitik zu Lëtzebuerg ze erméiglechen.

Ech hunn et gesot, fir eis Partei ass dëst Gesetz e grouesse Feeler, well de Stat seng eegen öffentlech Schoul diskreditéiert. An ech hu selbstverständlech och opmierksam e Samsdeg de Leitartikel vum Här Zeches am Lëtzebuurger Wort gelies. Wéi ech fäerdeg war mat liesen, hunn ech mech awer gefrot, wou dann den Interesse vun der Droite am Land vun de konventionelle Schoulen eigentlech leie kann.

An der öffentlecher Schoul hunn all d'Kanner d'Méiglechkeet um Reliounsunterricht deel ze huelen. An der öffentlecher Schoul ginn déi nämlech Programmer gemaach wéi an der privater Schoul. An der öffentlecher Schoul ass d'Formation vun den Enseignanten, wat d'Basisstudium ugeet vun hinnen, grad sou garantéiert, dacks nach besser garantéiert, wéi an der Privatschoul.

Dës Regierung huet sech jo och als Aufgab gesat, sou wäit se sech selwer eescht hält, fir d'Structures d'accueil an de Gemengen, an de Schoulen, iwwerall auszubauen. An et soll kee mer hei kommen a soen, dass se d'Privatschoule verteidegt, doduerch dass d'Privatschoule besser kënnen den Accueil assuréieren oder dass d'Privatschoule besser kënnen op déi méi schwaach Kanner zougoen, wéi d'öffentlech Schoulen et maachen. Dat ass nämlech dann d'déclaréiert Faillite vun deenen, déi fir d'Schoulpolitik am Land zoustänneg sinn.

Une voix. - Här Asselborn, hei ginn déi elementar Fräiheete verteidegt, soss näischt.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Firwat de privaten Dualismus sou markant ausbauen? Déi CSV- an DP-Politiker, déi zënter 1979 fir d'Lëtzebuurger Schoulpolitik am Ministère riicht ze stoen hunn, ginn dach haut hei de Lëtzebuurger ze verstoen, dass d'öffentlech Schoul nëmme ka verbessert ginn, doduerch dass d'Privatschoule wesentlich méi gefuerdert ginn.

Dëst Gesetz weist, dass d'Resultater vu PISA der CSV an der DP quietsch egal sinn, soss hätte si dëst Gesetz am Tirang gelooss a si hätte sech op déi wirklech Reformen an der öffentlecher Schoul konzentriert.

Mir als LSAP, Här President, féiere kee Krich vu gëschter an dëser Fro. Mir verteidegen d'Fro...

Une voix. - Vu virgëschter ass et een!

M. Jean Asselborn (LSAP). - Wat Dir net gären héiert, do bläert Dir.

(Hilarité)

Mir als LSAP féiere kee Krich vu gëschter, wéi d'Lëtzebuurger Wort et geschriwwen huet, a Saache Privatschoulen. Mir verteidige ganz kloer d'Roll vum Stat a Saache Schoulpolitik.

D'CSV - an ech kommen elo zu lech - verteidegt eppes anescht. Si verteidegt déi urrege Roll an hir Interessen an der Lëtzebuurger Politik mat dësem Gesetz. Der kathoulescher Kierch wëll ech hei am Numm vun eiser Partei soen, dass

an eisen Aen näischt ze soen ass géint de Prinzip vu konfessionelle Privatschoulen, fir Leit, déi sech hei ugeschwat fillen, an déi dann och des Leschten, als extra Wësch, ze droen hunn.

Falsch ass et awer, aus eiser Siicht, dass d'Allgemengheet, de Steuerzueler, asprange muss, fir dass dës Schoule massiv finanzéiert ginn, souwuel wat d'Gebaier ugeet wéi och wat de Fonctionnement ugeet.

(Interruption)

Här Boden, Dir waart laangt Minister vun der Education. Mat deem doten Argument privatiséiere mer d'Schoulen alleguerten am Land, da komme mer méi bëleg ewech. Dat ass dann d'Argument. Heibäi gétt eng falsch...

(Interruptions)

Här President, Dir hëllef mer guer net, mä ech wollt soen, heibäi gétt eng falsch Interpretatioun...

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural. - ...Wat ass da geschitt an der Zwëschenzäit?

(Interruptions)

M. le Président. - Här Asselborn, ech géif lech bieden, also wat Är Zäit ubelaangt - et gétt jo gesot mir müssen d'Zäiten anhalen - sidd Dir elo schonn amgaangen dem Här Zanussi seng Zäit erof ze huelen, Dir sidd scho fënnf Minuten iwwert déi Zäit déi Dir uginnt hat. Ech wollt lech dat awer soen.

Une voix. - En ass vill ënnerbrach ginn.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Heibäi gétt eng...

(Interruption)

Hätt Dir gären ech soll ophalen, Här President?

(Interruptions diverses et brouhaha général)

M. le Président. - Hei mat deem Ënnerbriechen, dat berout op Géigesäitegkeet. Ech mengen et brauch keen deem aneren hei ee Virwurf ze maachen. Da sidd elo roueg an da lauschtert no! Den Här Asselborn kënnt zu de Schlussfolgerungen an da fuere mer weider.

(Interruptions diverses)

M. Jean Asselborn (LSAP). - Ech kommen zu de Schlussfolgerungen wann ech dat wëll, Här President.

(Hilarité)

Heibäi gétt eng falsch Interpretatioun...

(Hilarité et brouhaha général)

Neen, loosst mech awer elo hei weinstens dat heite fäerdeg maachen.

M. le Président. - Jo, mir loossen lech dat da fäerdeg maachen.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Ech halen awer elo net hei op wann ee mengt, ech soll elo ophalen.

M. le Président. - Neen, mä ech wëll lech drun erënneren un déi Zäit, déi Är Partei uginnt huet déi Dir géift schwätzen, an déi déi aner géife schwätzen.

Une voix. - Loosst e wann ech gelift schwätzen.

M. le Président. - Hei gétt ee behandelt wéi deen aneren an Dir aner sollt roueg sinn a lauschteren, da wier hie scho laang fäerdeg. Also loosst den Här Asselborn schwätzen!

M. Jean Asselborn (LSAP). - Heibäi gétt eng falsch Interpretatioun vum Subsidiaritätsprinzip gemaach. Eis Verfassung schreift dem Stat vir déi öffentlech gratis obligatoresch Schoul ze organiséieren. Dëst am Contraire, Här

Wiseler, zu sozialen Aufgaben am Stat, an der Gesellschaft, wéi zum Beispill d'Betreiung vu jonke Leit oder d'Betreiung vun eelere Leit, vu Kranken, vu Schwaachen, wou de Stat dës Aufgab mat Privatinitiativ deele kann.

D'CSV gesäit och am 21. Jorhonnert an der konventioneller Privatschoul Pépinièrë fir hir politesch Interëten ënnert de jonke Leit ze séinen. D'LSAP traut dem Stat zou...

(Interruptions)

D'LSAP traut dem Stat zou, dass hien, de Stat, den Optrag vum Artikel 23 vun eiser Verfassung erfëlle kann.

■ **Une voix.** - Wéi ass et da mat de Mënscherechter? Wéi stidd Dir dann dozou?

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).** - D'CSV awer war, ass a bleift an dëser Fro eng Partei, déi wéi eng konservativ Partei vun der Droite an der Educationspolitik d'Roll vun de staatlech subventionéierte konventionelle Privatschoulen net aus der Hand wëll ginn.

Folglech muss de Steierzueler dës CSV-Anproche finanzéieren, well den Interêt vun der CSV ass par définition an der chrëschtlech-sozialer Logik ëmmer och mam héijen Interêt vum Land gläich ze stellen.

An ech wëll lech soen, dass dem Här Wiseler - an ech ënnerstellen him elo guer näischt, well ech e respektéieren als Deputéierten - säin Ausdrock, deem hie gesot huet, dass nëmmen totalitär Regimer et fäerdeg brénge fir déi Aufgab, déi eis Verfassung am Artikel 23 virschreift, nämlech d'öffentlech Schoul ze organiséieren, dass dat eng ganz, ganz geféierlech ass. Domadder gi jo dann déi Leit déi sech asetze fir d'öffentlech Schoul, och d'LSAP, an d'Géigend bruecht vun enger totalitärer oder totalitär-agesaltter Partei. Här Wiseler, ech wëll lech just soen, an Dir Hären an Damme vun der CSV, denkt un 1937 an un d'Rietspartei.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Här Asselborn, ech si fir d'öffentlech Schoul mä awer och fir d'Fräiheeten hei am Land.

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).** - D'Demokratesch Partei schwëmmt an hirem Aquarium géint all liberal Stréimunge mat, a géint all hir Prinzipien, Här Rippinger, déi se sech am 20. Jorhonnert an dëser Fro ugëeegent huet.

An dësem 21. Jorhonnert spillen d'Reliounen, wéi de Malraux et iwwerspëtz ausgedréckt huet, eng déterminant Roll wat e friddlecht Zesummeliwwen um ganze Planéit vun de Mënschen ugeet. All Reliounen op der Welt, all, si mäerdersch wa se dem dogmatische Fanatismus fräie Laf loossen. D'Geschicht huet dëst gewisen hei am Westen. Haut gesi mer et a Liewensgréisst op deem ganze Planéit.

Et gëtt ee Wee an eisen Ae fir deem entgéint ze goen an dat Iwwel un der Wuerzel ze paken. An der Schoul mussen déi jonk Leit Toleranz, Respekt virun alle philosopheschen, kulturellen an och reliéisen Opfaassunge virdemonstréiert kréien. Wat ech hei soen ass kee bëllegen a kee fanateschen Antiklerikalismus. Et ass eng Astellung zu enger wierklecher Chancëgläichheet, déi doduerch erreicht gëtt dass all Kanner, all jonk Leit, déi an eiem klengen Land eropwuessen, zesummen an därselwechter grousser öffentlecher Schoul, déi gratis ass, déi obligatoresch ass, ouni Viruerteeler an ouni Parti pris eropwuessen.

Dës Koalition, an dat ass meng Konkusioun, dës Regierung och, sinn net capabel gewiescht, dës kapital wäitsichteg Thematik richteg anzegesinn. Den Asaz fir d'öffentlech Schoul ass am 21. Jorhonnert aus eiser Siicht nach méi wichteg wéi am 20. Joerhonnert fir

de jonke Leit d'Basisdenke vum friddlechen Zesummeliwwen an der Zukunft ze léieren. D'CSV an d'DP hunn dat net am Fong verstanen, dofir kënne se fir dëst Gesetz net op eisen Appui zielen.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

■ **M. Claude Meisch (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer d'alleréischtmenger Fraktiounskolleegin, der Madame Agny Durdu, ze félicitéieren fir hiren excellente schrëftleche wéi och mëndleche Rapport zu dësem Gesetzesprojet iwwert d'Relationen tëschent dem Stat an de Privatschoulen, deem den 3. Oktober 2002 vun der Educationministesch Anne Brasseur hei dësposéiert gouf.

Entgéint deem wat an deene vergaangene Wochen oft behaupt gouf, ass dëst kee Gesetz fir d'Privatschoulen, et ass och kee Gesetz géint déi öffentlech Schoul, et ass ganz einfach ee Gesetz fir e pluralistescht Schoulwiesen hei zu Lëtzebuerg. Opbauend op enger Situation déi historesch gewuess ass, ginn d'Relationen tëschent dem Stat an de Privatschoulen transparent a kloer definéiert.

Dëse Gesetzesprojet geet zréck op de Koalitionsaccord, deem eng weider Finanzéierung vun de Privatschoule virgesäit. Schonn am Wahlprogramm huet d'Demokratesch Partei kloer Stellung bezu fir e pluralistescht Bildungswiesen: „Die DP tritt vornehmlich für die öffentliche Schule ein, dies im Sinne der Chancengleichheit, der Integration und einer garantierten humanistischen und pluralistischen Ausbildung. Daneben werden wir private Initiativen unterstützen, welche die oben genannten Bedingungen erfüllen und neue Wege in den Bereichen Pädagogik und Wissensvermittlung gehen, um eine Dynamik im Luxemburger Schulwesen zu entfachen.“

Domat soll deenen eenzelne Privatschoule finanziell méi staark ënnert d'Aerm gegräift ginn, fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn déi wichteg Roll, déi se am Bildungswiese spilen, och an Zukunft ze assuréieren. Dës Mesure schreift sech an den allgemenge Kader vun den Investitione an d'Lëtzebuerger Schoul an, nodeems dës Regierung scho vill an déi öffentlech Schoul investéiert huet. Et ka keen Zweifel doru bestoen, déi öffentlech Schoul behält weiderhin déi absolut Prioritéit.

Här President, ee vun deenen Hauptvirwërf deem dëser Regierung vun der Opposition zu dësem Projet gemaach gëtt, ass deem, dat heimat déi öffentlech Schoul géif vernoléisseg ginn, dat heimat Privatschoule géifen ee Geldsege kréien op Käschte vun der öffentlecher Schoul. Ech erënnere awer, datt d'Privatschoule proportionell zu der öffentlecher Schoul finanzéiert ginn. Wann also vill an déi öffentlech Schoulen investéiert gëtt, da kommen och déi Privatschoule besser ewech, an ëmgedréint, dat heescht wann déi Privatschoule méi Geld iwwer Subside kréien, da gëtt automatesch och méi an déi öffentlech Schoul investéiert. Et ass eng mathematesch Relatioun, déi jidderengem misst allichten.

Ennert dëser Regierung an hirer Educationministesch Anne Brasseur ass vill an déi öffentlech Schoul investéiert ginn. Esou louchen déi finanziell Mëttele fir d'Joer 2002 bei net manner wéi 622.203.909 Euro. Ech weisen drop hin, datt nach sechs nei Lycéeën an deenen nächste Jore wäerten entstoen. Et gëtt also massiv an d'Schoulinfrastrukturen investéiert. Datselwecht gëllt wat de Recrutement vum Léierpersonal am Postprimaire betrëfft. Hei klëmmt d'Zuel vun de Posten, déi

all Joer nei besat ginn, konstant. Et sinn der mëttlerweil ronn 170.

Dëser Regierung, a besonnesch der Educationministesch Anne Brasseur, kann deemno net de Virwurf gemaach ginn, fir si hätt d'öffentlech Schoul net d'Prioritéit. Niewent der öffentlecher Schoul existéiert nun eben emol eng Privatschoul mat enger laanger Tradition, déi duerch hiren Encadrement eng gewësse complémentäre Roll spillt, gespillt huet an nach ëmmer spillt. D'Demokratesch Partei vertritt och nach haut d'Meenung, datt d'Elteren, mä och d'Schüler selwer, d'Fräiheet musse behale bei der Wiel vun der Schoul, öffentlech oder privat. Dëst ass eise Credo. Or, ouni finanziell Ennerstëtzung zu Gonschte vun de Privatschoule wär dëse libre choix duerch héich Minerväl fir vill Familljen net méiglech. Privat Etablissementer sinn an eisen Aen d'interêt public a solle weiderhi subventionéiert ginn.

Ech wëll elo hei net op déi eenzel Detailler vun dësem Gesetzesprojet agoen, meng Fraktiounskolleegin huet dat, wéi gesot, schonn an hirem Rapport gemaach. Ech kommen awer net derlaanscht op déi deelweis virulent a scho bal peinlech Opposition, haaptsächlech vun der LSAP, anzegoen. Mat Ach a Krach opposéieren eis sozialistescht Kollege sech géint de Subventionnement fir d'Privatschoulen ze stäipen unhand vu fadenscheinegen Argumenter, mat deene se sech leider oft selwer an de Schwanz bäissen.

Dëst war jo 1982, wéi dat éischt Schoulgesetz iwwert d'Finanzéierung vun de Privatschoulen hei zur Debat stoung, net vill anescht. Mir hu jo schonn déi eng oder déi aner Zitater aus deenen Diskussiounen héieren. Mat deem Gesetz konnt d'Existenz vun de Privatschoule materiell ofgeséichert ginn. Deemools hunn déi Häre Robert Krieps, Berg, Dondelinger a Birtz scho probéiert d'Leit vun der Hérésie vun esou engem Projet ze iwwerzeegen. Ouni Erfolleg allerdings. Deemools hu se schonn hei gejaut, et géif zu enger illegaler Konkurrenz par rapport zu der öffentlecher Schoul kommen, d'DP géif d'öffentlech Schoul verroden an esou weider.

Dobäi haten eis sozialistescht Kollegen et 1982 e bësse méi einfach, vu datt et sech deemools ausser dem Institut Emile Metz ëm konfessionell Schoule gehandelt huet. Si haten also hirem intoleranten Antikonfessionalismus fräie Laf gelooss an d'Privatschoulen diaboliséiert, an de sougenannten CSV-Stat ugeprangert, wéi mir dat elo grad erëm hei héieren hunn. Mat deem neie Gesetz kënn awer nach eng Partie vun net konfessionelle Privatschoulen derbäi, wat der LSAP d'Argumentéieren net méi llicht mécht. Esou wäit zu hirer Verteidigung.

Deemno musse se elo nach méi déif an déi verstëbsten Ideologiekëscht gräifen, an zéien den ale Klassenkampf eraus, fir ze soen, et géif zu enger sougenannter Zwouklassegesellschaft kommen.

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).** - Dat huet d'Madame Colette Flesch gesot. Dir kennt se jo!

■ **M. Claude Meisch (DP).** - Jo, mir kenne se gutt. Mir deelen dat nach wie vor, Här Asselborn, wat d'Madame Flesch gesot huet. Ech hunn lech virdrun eise Wahlprogramm vun 1999 zitéiert, an dat geet deem, wat d'Madame Flesch 1987 gesot huet, wat Dir virdrun zitéiert hutt, net wäit aus de Féiss.

Et géif zu enger Zwouklassegesellschaft kommen, wou déi sozial a souguer national Kohesioun géing op d'ausserts op d'Spill gesat ginn. Dëst Gesetz géif dozou bäidroen,

datt nëmme gutt situéiert Famillje sech et kéinte leeschten hir Kanner an eng Privatschoul ze schécken. Ech erënnere d'LSAP-Fraktioun drun, datt mer hei e Projet virleien hunn, deem de Subventionnement vun de Privatschoulen no uewe revidéiert, an d'Minervalen, déi elo net besonnesch héich sinn, doduerch net drastesch dierfte klammen, mä éischter kéinten no ënne goen. D'Héicht vun esou engem Minerval läit ëm déi 300 bis 350 Euro pro Joer.

Dëst kontradiktorescht Argument fënnt sech erëm an deem ominéisen Appel fir d'öffentlech Schoul, dee vu lénken Eminenzen, vun Asselborn iwwer Huss an Urbany bis Zanussi als Erstunterzeichner ënnerschriwwen gouf.

(Interruption)

Wéi eng professionell Kategorie schécken hir Kanner dann elo a Privatschoulen? Sinn et haaptsächlech Eltere mat supposéiert décke Portefeullen? Ech mengen net, well 68% vun de Schüler am Lycée technique Marie-Consolatrice si Kanner vun Aarbechter. Um Fieldgen sinn et 39% an am Lycée technique Ste. Anne sinn et 56%.

Ass et dann elo vläicht esou, dass d'Privatschoulen dat lescht Réckzuchsgebitt fir lëtzebuergesch Schüler sinn, an d'öffentlech Schoul sech mat enger multikultureller Schülerschaft muss erëmploen? Neen, och dat stëmmt net, well am Lycée technique Marie-Consolatrice hunn 38% vun de Schüler eng auslännesch Nationalitéit, um Fieldge sinn et 28% an am Lycée technique Ste. Anne zu Ettelbréck sinn et 32%. Ech erënnere drun, datt am Landesduerschneitt ronn 34% vun de Schüler an enger Privatschoul ënnerscheet sech also net sonderlech vun engem Schüler an enger öffentlecher Schoul, ausser vläicht nach am Weltbild vun der lëtzebuergescher sozialistescher Aarbechterpartei.

Huele mer emol un de Stat géif d'Privatschoulen net subventionéieren. Deemno wäeren effektiv nëmme Kanner aus besser situéierte Familljen amstand eng Privatschoul ze besichen. Géifen d'Opposanten dann iwwerhaapt d'Privatschoulen nach toleréieren? Wann d'Privatschoulen zur Ongerechtegkeet bäidroen, misste se da verschwannen? Wéi eng Responsabilitéit dréit dann de Stat, dee jo géif dës Ongerechtegkeet erbäiféieren?

Gitt all deene Schüler an Elteren, déi sech fir d'Privatschoul entscheet hunn, esou wéi och de Responsable vun deenen ënnerschiddleche Privatschoulen emol eng Äntwert op déi dote Froen.

Här President, d'Demokratesch Partei vertritt weiderhin d'Meenung datt Privatschoulen zum Pluralismus an der Diversitéit bäidroen, an net, wéi d'LSAP dat behaapt, eng Inégalité des chances provozéieren. Mir fäerten och net wéi den Här Fayot, datt et zu enger Ghettoisierung kënn bäidroen. D'Chiffere vu virdrun beleeen dat jo kloer an däitlech.

An hirem sougenannten Appel fir d'öffentlech Schoul, deem am Fong en Appel géint d'Privatschoul duerstellt, gi mer dann och nach gewuer, firwat dass Lëtzebuerg esou schlecht an der PISA-Etüd ofgeschnidden huet. Nodeems d'Sozialisten an aner Oppositionsparteien net midd si gi fir op d'öffentlech Schoul ze klappen, gi mer dann elo gewuer, dass hei am Land ze vill Schüler a Privatschoulen ageschriwwen sinn. Do hu mer et. „Dass eine bevorzugte Förderung der Privatschulen der falsche Weg ist beweist das Paradebeispiel Finnland, ein Land das weltweit Spitzenreiter der PISA-Studie ist, in dem aber nur knapp 3% der Schüler private Schulen besuchen. In Luxemburg sind es bereits 12%.“

Ee vu menge Virriedner, et war den Här Wiseler, hat schonn eng Rei vu Beispiller opgezielt, wou den Taux

vu Schüler a Privatschoulen däitlech méi héich ass. Ech wëll deem nach eent dobäifügen. Et ass e Land, wat een net direkt ka mat eis vergläichen, wat och nach e bësse méi wäit ewech läit, nämlech Südkorea, wou net manner wéi 20% vun de Schüler an enger Privatschoul sinn. Déi koreanesch Schüler hunn am PISA-Test an den Naturwëssenschaften, just pour information, déi éischt Plaz beluecht, an der Mathematik déi zweet an am Liesen déi fënneft. Et soll een dorausser keng Konkusiounen zéien, do ginn ech dem Här Wiseler och Recht, wann elo d'Privatschoul en Alternativmodell wär, an en Allheilmittel fir den nächste PISA-Test, mä et weist op jidde Fall datt et keen Argument gëtt géint Privatschoulen, wéi esou vill anerer dat och schonn hei behaupt hunn.

Des Weideren huet d'LSAP op hirer medienträchterger Pressekonferenz d'lescht Woch et fäerdeg bruecht nach emol sech ze widdergespieren. Bis elo huet se ëmmer gefuerdert, datt d'Privatschoule sech missten deenen öffentleche Schoulen upasse wat d'Programmer an d'Léiermethode betrëfft. Hei dierft net mat deux poids et deux mesures gefuer ginn. Elo, wou besonnesch déi konfessionell Etablissementer säit dem Gesetz vun 1982 sech un déi öffentlech Schoul alignéiert hunn, ass deem neie Werbesproch vun der LSAP folgenden: „La présence d'une école privée à côté de l'école publique ne se justifie que si l'école privée constitue une véritable alternative à l'école publique, en ce sens que les contenus et/ou méthodes d'enseignement se distinguent de ceux qui sont en vigueur dans l'école publique.“ Also eng Kéier vun 180 Grad, erëm eng Kéier vun 180 Grad. Et ass net déi éischt, an ech ginn dovunner aus datt et och net déi lescht wäert sinn.

(Interruption)

Et kann een awer net eng Kéier dat eent behapten an da kuerz drop erëm eng Kéier genau de Contraire dovunner. Dir widdergespriet lech mat deenen Argumenter, wou Der probéiert hutt dat 1982er Gesetz ze attackéieren. Genau déi Argumenter dréint Der elo ëm a wëllt se géint dat heite Gesetz uwenden.

Engersäits fäerte se ëm d'sozial an d'national Kohesioun, wann eng Partie vun eise Schüler an eng Privatschoul geet, nëmme well se privat ass. Déi Schüler ginn also stigmatiséiert. Anerersäits soe se, wa schonn eng Privatschoul, dann awer w.e.g. eng total aner par rapport zu der öffentlecher Schoul. Ech froen lech, wou bleift do d'Logik?

(Interruptions diverses)

Här President, ech erënnere nach eng Kéier drun, datt d'Privatschoule proportionell zu der öffentlecher Schoul finanziell gehollef kréien. An et ass jo esou, datt wann de Stat misst déi 3.633 Schüler aus private Schoulen ophuelen, da géif dat bei wäitem méi deier gi wéi de Subventionnement. Dëst ass zwar eng al Leier, mä et kann een dat net oft genuch widerhuelen. Mat finanziellen Argumenter kritt een dëst Gesetz op jidde Fall net zu Fall.

D'LSAP zéckt net fir ze behapten, datt mam Gesetz vun 1982 d'CSV-DP-Regierung der Privatisatioun vum Enseignement fräie Laf ginn hätt, an dëse Projet géif nach méi dozou bäidroen. A ganz Europa, ausser an Italien an a Griichenland, ginn d'Privatschoulen subventionéiert. Kann ee seriö vun enger Privatisatioun dobäi vum Enseignement schwätzen? Ech sinn iwwerzeugt, dat kann een net. Déi öffentlech Schoul behält d'absolut Prioritéit, soss hätte mer an deene leschte Joren net esou massiv an eis öffentlech Schoul investéiert. Och brauch keen ze fäerten, d'Schoul géif vum groussen Kapital verschlunge ginn a se wär just op Profit aus. Esou Schreckensszenarien entbehren aller realistischer Grondlag.

Här President, ech wollt hei och nach op d'Bedeitung vun den internationale Schoulen hiweisen, déi e wichtegen Atout fir eist Land sinn. Dës erlaben de Kanner vun auslänneschen Employéen, déi fir eng relativ kuerz Zäit am Land sinn, eng adequat Ausbildung ze vermëttelen, wat déi öffentlech Schoul duerch de Sproochekontext net kann ubidden. Dës Perspektiv mécht et sécherlech fir auslännesch Investisseure méi einfach sech hei am Land ze etabléieren, wat eiser Ekonomie zegutt kéinnt. D'Vertrieder vun der internationaler Geschäftswelt, notamment d'American Chamber of Commerce in Luxembourg hu jo dëse Projet öffentlech ënnerstëtzt a begréisst. An Dir gesitt, datt och dat en Deel vun enger effikasser Standuertpolitik ka sinn.

Et sief och nach vermierkt, an dat ass an de bisheregen Diskussiounen an Debatten hei e bëssen ënnergaangen, datt nëmmen en Enseignement kann dispenséiert ginn, wann eng Autorisatioun op Basis vun engem Arrêté grand-ducal virläit. En plus ënnerleien d'Privatschoulen dem Contrôle vun der Inspection pédagogique vum Educatiounsministère. Hei eng kommerziell Dérivé erbäizeruffen, ass ganz einfach mat den Hoer erbäigezunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sti ganz kloer zu der Schoul am allgemengen. Déi öffentlech Schoul, an dat hu mer bewisen, läit eis um Häerz. Déi Privatschoule wëlle mer op kee Fall fale loosse. Dëse Projet ass eng Adaptatioun vum Gesetz vun 1982 un d'Besoinë vun haut. En dréit deenen ënnerschiddleche Facettë Rechnung, an dofir stëmme mir als DP-Fraktioun dëse Projet.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombera agedroen. Den Här Colombera huet d'Wuert.

M. Jean Colombera (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken eise Merci un d'Rapportrice, d'Madame Agny Durdu, fir hire mëndlechen a schréffleche Bericht iwwert dëse Gesetzesprojet 5029 zur Finanzéierung vun de Privatschoulen. Déi lescht Méint ass vill iwwert dëse Gesetzesprojet polemiséiert ginn. Et ass virun der grousser Gefor vun enger Zweekklassegesellschaft gewarnt ginn, virum Zerfall vun öffentleche Schoulwiesen, vun Ennerdréckung, vun der Chancëgläichheet, an dat grad vun deene Leit, déi ganz engagéiert nei Reforme gefuerdert hunn, mat méi Matbestëmmung a méi grousser Autonomie a méi Pädagogie am Schoulwiesen.

Et ass och ferm géint d'kathoulesch Privatschoule geklappt ginn, well muncher och hei de laizistische Stat an enger grousser Gefor gesinn hunn. Fir eis als ADR ass nëmmen eppes wichtig, nämlech déiselwecht Rechter fir jiddereen, ob öffentlech oder privat. D'Hauptsach ass, dass um Schluss deen erwünschten Erfolg garantéiert ass.

Ech zitieren an dësem Zesummenhank den Artikel 24 vun der Charta vun de fundamentale Rechter, dee seet am Ofsaz 2: „Dans tous les actes relatifs aux enfants, qui sont accomplis par les autorités publiques, ou des institutions privées, l'intérêt de l'enfant doit être une considération primordiale“. Vun dësem Standpunkt gi mer aus, datt esouwuel déi öffentlech Schoul wéi och déi Privatschoule sech total fir d'Erzéiung vun de Kanner sollen asetzen, mat engersäits dem Minimalzil, dat dora besteet fir duerch d'Erzéiung an den Unterrecht d'Eropweissen an déi gesond Entwécklung vum Jugendlechen net ze stéieren, an anerersäits mam Maximalzil fir dass déi Jugendlech spéiderhin dee Beruff ausüben sollen, fir dee se sech beruff fillen.

Fir de Stat, dee Garant fir d'Bildung ass, soll all Kand gläich vill Wäert sinn, an hie muss dofir Suerg droen, datt alles mat faire Mëttele gehandhaabt gëtt, an net duerch eng ze grouss ënnerschiddlech finanziell Ennerstëtzung vun de Schoulen déi eng oder déi aner Schoulform favoriséiert gëtt.

Déi eenzeg Kritik un dësem Gesetzesprojet ass de Fait, datt am private Schoulssystem eng Differenz gemaach gëtt tëschent Privatschoulen, déi hiert eegent pädagogesch Konzept entwéckelen, an déi net d'Programmer vum Lëtzebuerger Enseignement ubidden, an de Privatschoulen, déi den normale Programm duerchzéien, wësend datt d'Kanner net allegueres mat enger Régie de programmes zu Wee kommen an déi eng personaliséiert Education néideg hunn. Hei huet een d'Impressioun, datt d'Regierung e bëssen de Mutt verluer huet an Angscht hat fir méi wäit ze goen an esou zum Beispill eng Waldorfschoul nach besser ze ënnerstëtzen.

De Stat muss sech vum pädagogeschen Inhalt, deen an der Schoul vu geleierte Pädagogen dispenséiert gëtt, eraushalen, well schliesslech kéinnt d'Innovatioun ni vun uewen, mä vun der Basis, dat heescht vun der privater Initiativ a vum Engagement vun allen Acteuren, déi um Terrain schaffen, am Klima vun der Selbstbestëmmung a vun der Eegeverantwortung, déi Bierger versetze kann. Dass zum Schluss vun der Sclolaritéit eng staatlech Kontroll existéiere muss mat deeneselwechten Norme fir jiddferen, dat ze gëreieren ass d'Missioun vum Stat. Wéi een zu dësem Zil kéinnt, dat ass d'Fonction an d'Missioun vum Schoulpersonal, vum Pädagog mat Abanung vun den Elteren an den Inspektoren als Partner.

D'Chancëgläichheet an der Bildung kann nëmmen erreecht ginn, wann een d'Kanner an hirer Individualitéit betruucht a si deementsprechend duerch d'Schoulzäit féiert. D'Bildungsfreiheet ass e Mënscherecht an duerfir muss d'Schoulwiese pluralisteschen a demokrateschen sinn. Dat heescht also net de staatleche Schoulssystem géint de private Schoulssystem auszepillen, mä si solle matenee coexistéieren a fir jiddferen Zougang hunn.

Dëse Projet de loi ass e Schratt an déi richteg Richtung fir d'Erzéiungs- an Unterrechtskonscht sech weider entwéckelen ze loosse an esou e weidert PISA-Debakel ze verhënneren. Begréisst gouf dëse Gesetzesprojet och vun der amerikanescher Handelsgewerkschaft zu Lëtzebuerg, déi heiranner e Virdeel gesäit, well hir Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, manner Spesen u privat Institutiounen bezuele mussen, fir d'Education vun hire Kanner ze garantéieren. Dat huet zur Folleg, dass déi auslännesch Fachkräften och weinst bessere Konditiounen méi laang hei zu Lëtzebuerg bleiwen, wat wichtig ass fir d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Land.

E puer Wuert zur Philosophie vum ADR an dësem Dossier. Den ADR ass net géint d'öffentlech Schoul. Au contraire, mir wënschen eis e wierksame Bildungssystem, fir dass jiddferen seng Qualitéiten esou ëmsetze kann, dass hie säin Dramberuff herno ausüben kann. Dobäi muss de Schüler de beschten Encadrement hunn, deen een oder deen anere beschten Trainer, dat heescht e motivéiert Léierpersonal, fir hien op dësem Wee ze begleeden. Mir sinn aus dësen Iwwerleeungen eraus ganz frou, datt et Privatschoule gëtt mat der Argumentatioun, datt well dës Institutiounen op privatrechtlecher Basis fundéiert sinn praktesch no marktfundéiert Kriteäre gehandelt gëtt an esou d'Leeschtung vum Schoulpersonal garantéiert gi muss, fir dat beschut aus de Kanner erauszeshloen. Anerefalls kann et zu drastesch Konsequenze fir d'Léierpersonal kommen, wat an

der öffentlecher Schoul net paséiert.

Ech erënneren hei un d'Entloosung vum Direkter vun der Emile-Metz-Schoul. Dat war an den öffentleche Schoulen ni geschitt. Dës Sanktiounsméiglechkeet bréngt natierlech eng ganz aner Dynamik an de Schoulssystem, a mir wärend frou wann nach méi Privatschoulen hir Diere géifen opmaachen, fir esou d'Konkurrenz méi spillen ze loosse a fir de Leit méi Choix ze ginn. Wa statistesch gesinn d'Resultater an de Privatschoule besser wieren, da misst d'öffentlech Schoul sech dorunner orientéieren, nozéien an hire Programm esou gestalten, hiert Personal esou motivéieren, dass et ni méi zu enger neier PISA-Katastroph géif kommen.

Här President, ech wëllt hei e Beispill gi wéi et an enger Privatschoul ausgesäit, zum Beispill an der Ecole maternelle et primaire française. Capacitéit 430 Kanner. Aschreiwungsgebühr 4.000 Euro. Zesumme sinn dat ongeféier 70 Milliounen aler Lëtzebuerger Frang. Duvunner muss een ongeféier 70%, dat heescht 50 Milliounen Frang, fir d'Schoulpersonal, d'Educateuren, d'Sekretärinnen an den Direktiounsstaff virgesinn. En moyenne ass dat ongeféier eng Equipe vu 40 Leit. Den Nettobetrag vun engem Schoulmeeschter oder enger Schouljoffer ass 80.000 Frang pro Mount mat - an dat wëll ech ënnersträichen - enger Obligation de résultat.

Wa verschidde Kanner eng ongenügend Note hunn, da kréie si net fënnef oder méi Punkten nogehait als Kompensatioun souzeoen, mä et gëtt versicht fir dat Kand ze ënnerstëtzen, fir dat Kand opzefänken, fir dat Kand opzebauen. Dat ass och de richteg Wee, deen een aschloe muss.

Ech hunn elo net gesot, dass d'Schoulpersonal an der öffentlecher Schoul 80.000 Frang verdénge misst. Mir als ADR sinn net dergéint, dass eist Schoulpersonal finanziell gutt do steet. Au contraire, op dëser Plaz wëll ech betounen, dass den ADR ni géint d'Statsbeamte war an och ni géint d'Statsbeamte wäert sinn an och ni d'Statsbeamte bekämpfe wäert. An deejéinegen, deen de Contraire hei behaapte wëllt, deen huet eis ganz schlecht verstanen.

(Hilarité et brouhaha générale)

(Coups de cloche de la Présidence)

Här President, den Här Huss huet eng Fro.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Här Colombera, Dir hutt an Ärem Privatschoulmodell gesot wat d'Enseignanten do verdénge sollten an Dir hutt och gesot do misst eng Obligation de résultat dann do sinn. Sidd Der der Meenung, dass dat och fir en Dokter sollt de Fall sinn, dass hien nëmmen dann eppes verdéngt, wann eng Obligation de résultat do ass? Dir sidd jo an där Profession!

M. Gast Gibéryen (ADR). - ..., Här Huss, och fir d'Deputéiert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Do sinn ech dofir, mä, Här Colombera, wann Der vun den Enseignanté schwätzt, sidd Der och der Meenung, dass dann datselwecht misst ugewannt gi fir d'Dokteren? Dir sidd jo...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Beim Dokter ass de Choix fräi. Dir musst net méi hannescht goen.

M. Jean Colombera (ADR). - Här Huss, hei schwätze mer iwwert d'Schoul, mä ech kann lech awer elo direkt eng Äntwert ginn. Dir wësst jo, ech sinn en alternativen

Dokter an ech wäert en neie Gesondheetsmodell presentéieren an nächster Zukunft. Ech mengen, ech setze mech duerfir an, dass den Dokter och muss Resultater kréien.

(Interruption)

Ech wëll dat elo net gären hei erklären, mä ech si mat Ärer Approche d'accord. En Dokter, deen näischt bréngt, dee soll och net bezuelt ginn.

(Interruption)

Et ass an der Rei.

Fir elo hei weiderzefueren. Mir hunn näischt dergéint, dass d'Schoulpersonal hei a Lëtzebuerg ganz vill Sue verdéngt, mä mir wëlle gären eng Obligation de résultat a mir wëllen net, dass eis Kanner an Europa déi lescht Nickië sinn.

(Hilarité générale)

M. Niki Bettendorf (DP). - Fait personnel!

(Hilarité)

M. Jean Colombera (ADR). - Här Bettendorf, dat war net fir lech geduecht.

M. Niki Bettendorf (DP). - Här Colombera, mir si Frënn. Ech huelen dat doten net esou genau.

M. Jean Colombera (ADR). - De Prozentsaz vun de Schüler, déi a Privatschoule ginn, ass méttlerweil op 11,2% gestiegen a wäert an Zukunft nach klammen, wann de Stat déiselwecht Konditiounen ubidde wäert.

D'Argumentatioun, dass d'Privatschoulen nëmme fir besser Leit geduecht sinn, ass net richtig. D'Statistike bewisen de Contraire. D'Madame Durdu an den Här Meisch hunn dat schonn hei zitéiert. D'Privatschoul Marie Consolatrice vun Esch huet 68,54% Schüler déi vun Aarbechterfamilien hierkommen an 38,61% Ausländer. D'Privatschoul Sainte Anne vun Ettelbréck huet 56,33% Schüler vun Aarbechterfamilien an 32,44% Ausländer. D'Privatschoul Fieldgen huet 39% Aarbechterkanner an 28,20% Ausländer.

De Minerval, deen all Schüler bezuele muss, läit zwëschen 297 Euro an 350 Euro pro Joer an dëse sougenannten „Nonneschoulen“. Mir gesinn also, dass mir guer kee Grond hu fir hei eng Zweekklassegesellschaft ze fäerten. Verschidde Leit sollten et sech zweemol iwwerleeë wat se soen, wa se öffentlech géint Kongregatiounsschoulen oder vulgär gesot géint Nonneschoulen zu Feld zéien.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

Wat déi aner Privatschoulen ugeet, déi net de Lëtzebuergeresche Programm tel quel ubidde wéi dat vum Ministère verlaangt gëtt, do gesi mir awer, dass de Minerval, dat heescht d'Aschreiwungsgebühren, méi substanzuell sinn. Esou bezilt een an der Waldorfschoul 2.230 Euro pro Joer, dat heescht ongeféier 7.500 al Lëtzebuerger Frang pro Mount. An den internationale Schoule kann d'Gebühr bis zu 15.000 Euro pro Joer goen.

Wann de Stat dës international Schoule finanziell ënnerstëtzt, da gëtt dëse Minerval drastesch gesenkt fir jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn och an esou Schoulen ze goen. Et wier also kontraproduktiv, dass bei enger Ennerstëtzung duerch de Stat d'Privatschoule sech eng gëllen Nues opbaue kéinten. Dat muss een awer als kloer Message deene Responsablen iwwermëttelen.

Zum Schluss wëllt ech nach en Amendement zum Artikel 16 eraginn, esou wéi dat vun der Waldorfschoul proposéiert gouf, Här President.

Amendement 1

L'article 16 est amendé comme suit:

Pour pouvoir bénéficier au titre de la présente loi d'une contribution de l'Etat, l'établissement privé doit remplir les conditions énoncées au présent titre II, ou bien tout en appliquant un concept pédagogique différent doit respecter les normes de l'enseignement luxembourgeois, enseigner toutes les matières prescrites par le plan d'études du secondaire général, préparer les élèves à un diplôme de fin d'études secondaires officiellement reconnu au Luxembourg et en général dispenser un enseignement tel qu'il est défini à l'article 17 alinéa e) de la présente loi en utilisant les langues d'enseignement obligatoires, employer des enseignants justifiant d'une formation et d'une qualification reconnues par les pays de l'OCDE et conclure le contrat prévu à l'article 22 de la présente loi.

(s.) Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

De Stat soll deene verschiddene Schoulen eng gewëssen Autonomie zougestoen, egal mat wéleche pädagogesche Mëttele geschafft gëtt, Hauptsach ënnert dem Strich kéinnt datselwecht eraus.

Mir wäerten als ADR dëse Projet matstëmme, an der Hoffnung dass an Zukunft vu staatlecher Säit aus all Privatschoul gläich behandelt gëtt fir eng gesond Konkurrenz zwëschen der öffentlecher Schoul an der privater Schoul ze garantéieren. Mir mengen, datt bei dësem Gesetzesprojet d'Suen net mutwëlleg zur Fëenster erausgehait ginn, mä datt se eng nätzlech Uwendung fannen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Merci, Här Colombera. Den nächste Riedner ass den Här Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng wäerten dësem Gesetz net zoustëmmen. Säit deene kuerzen 20 Joer, wou et eis gëtt, hu mir eis ëmmer jee no Interpretatioun fir d'öffentlech Schoul als Ecole unique oder als Regelschoul agesat. Mir sinn ëmmer duerfir agetratt d'Relioun aus der Schoul ze huelen, well et eng Privatsach ass, a mir kënnen natierlech och net reliés motivéiert Schoulen ënnerstëtzen. Mir hunn och ëmmer refuséiert Eliteschoulen e Sukkurs ze ginn. Schoulen, déi eng bestëmmten ideologesch oder politesch Ideologie verbreedten an déi da solle vum Stat ënnerstëtzt ginn. Dat war ni eis Affär!

Mir gesinn och net an, dass Schoulen, déi deeselwechte Programm wéi déi öffentlech-rechtlech Schoule maachen, vum Budget vum Stat oder vun de Gemengen an engem héije Mooss subventionéiert ginn.

Déi grondsätzlech Positioun léisst natierlech Nuancen zou an ech géif éischter soen, dass mir weiderhi fir d'öffentlech Schoul als Regelschoul antrieden, wat net ausschléisst, dass een niewent der Regelschoul kann Nische vun alternativer Schoulgebueder ënnerstëtzen. Ech wëll do e puer Beispiller nennen.

Éischters reformpädagogesch Schoulen, déi aner Programmer a Methoden hunn, awer op datselwecht Zil vun Ofschlëss hischaffen an net enger Elite vu Schüler virbehale sinn. D'Beispill vun der Waldorfschoul ass jo hei schonn zitéiert ginn. Mir hunn och schonn ëmmer begréisst, wann d'Waldorfschoul gehollef krut fir iwwert d'Ronnen ze kommen, och wann hir reformpädagogesch Usätz ons méi sympathesch si wéi verschidde vun hiren ideologesche Wuerzelen.

Dofir hätte mir och éischter begréisst, datt d'Waldorf-Schoul an aner Schoulen ähnlecher Natur mat darselwechter Generositéit begléckt gi wärend wéi déi privat Variant vun der öffentlecher Mainstream-schoul. Et ass natierlech net un eis,

vu datt mir d'Gesetz net stëmmen, fir hei een Amendement eranze-bréngen, mä ech kann awer elo schonn déclaréieren, sous réserve datt ech d'Amendement vum Här Colombero net gelies hunn, wann et awer an déi Richtung geet wéi d'Waldorf-Schoul dat gefrot huet, a wat och an der Kommissioun vir-long, awer aus Zäitgrënn net méi konnt berücksichtegt ginn, datt mir d'Amendement dann och stëmmen.

Zweet Beispill si richteg alternativ Schoulen, déi net nëmme mat anere Programmer a Methoden operéieren, mä och aner Finalitéiten hunn, quitte datt se mussen um Buedem vun der Verfassung stoen an net géint den Ordre public verstoussen. De Moment gëtt et zu Lëtzebuerg keng esou eng Initiativ. An den 80er Joren, hunn ech mech erënnert, gouf et esou eng Initiativ hei zu Lëtzebuerg, d'A.s.b.l. Wib-beldewapp, déi méi eng radikal Alternativ zu der öffentlecher Schoul wollt opbauen. Doranner ware ganz vill Enseignanten aus der öffentlecher Schoul engagéiert, ...

- Ech hunn esouguer festgestallt, datt ech Trésorier dovunner war ufanks den 80er Joren. Si ass awer net dowéinst agaangen. -

(Hilarité)

...wat drop hindeit datt d'Enstoe vun Alternativschoule vill mat den Defiziter vun der öffentlecher Schoul ze dinn hat an ze dinn huet.

Doniewent gëtt et och spezial Schoulariichtungen, déi Hausaufgabenhëllef, Sonderpädagogik, zillgruppenorientéiert Ugeboter offréieren, déi d'öffentlech Schoul ofsichtlech net ëmmer kann oder wëllt ubidden. Zum Beispill, a menger Gemeng, wou sech déi Verantwordelech gären als Défenseur vun der Ecole publique profiléieren, huet missen op eng däitsch Privatinstitut zréckgegraff gi fir Hausaufgabenhëllef am Primaire ze assureieren. Quitte datt ech déi Initiativ gutt fannen, wëll ech dat awer hei gesot hunn, well ech sinn nämlech der Meenung datt Hausaufgabenhëllef vun der öffentlecher Schoul misst ugebuede ginn.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et gëtt och wirtschaftlech a politesch bedéngte Sonderfäll, déi aus dem spezifesch wirtschaftlechen a multikulturelle Kontext zu Lëtzebuerg bedéngt sinn, zum Beispill d'Europaschoul, Sprooche spezifesch Schoulen, den Institut Emile Metz. Hei muss ech awer och soen, datt verschidde finanziell Fuerderungen, déi a leschter Zäit an engem Leserbrief vun deene Schoule formuléiert gi sinn, fir nach méi staark finanzéiert ze ginn, datt ech déi éischter géif awer an den Zoustännegkeetsberäich vun der Wirtschaftsförderung usiedele wéi an dee vun den öffentleche Bildungsaufgaben, déi awer sollen éischter zentréieren op déi spezifesch Aufgabe vun der öffentlecher Schoul zu Lëtzebuerg.

A la limite kéint ech mer e Subventionnement virstelle vu Weiterbildungsaariichtungen an Owesschoulen. Menger privater Meenung no kéinten dat och reliéis orientéierter sinn, insofern se pluralisteschesch orientéiert sinn. Kathoulesch, marxisteschesch oder anarchisteschesch, mir ass dat egal. Ech fannen esou Weiterbildungsaariichtungen gehéieren einfach zu dem Optrag vun der Öffentlechekeet fir sozial a kulturell Initiativen ze ënnerstëtzen.

Déi nuancéiert Haltung, déi mir zu den net öffentleche Schoulen hunn, ass bei eis net esou nei wéi bei anere Parteien, an dofir zitieren ech kuerz aus eisem Grondsazprogramm vum November 1998. - Ech muss awer mäi Brëll huelen, fir dat Klenggedréckten an deene Partei-programmer ze liesen. - „Défenseur de l'école publique, les Verts estiment que celle-ci, accessible à tous et toutes, doit être la règle dans notre pays. Mais il doit s'agir d'une école publique qui réussit

mieux à assumer ses responsabilités et qui garantit le droit à la différence, tout comme le brassage et les origines nationales différentes de toutes les couches sociales.“

A weider heescht et dann: „Voilà pourquoi à l'heure actuelle les Verts ne s'opposent pas à une aide ciblée de l'Etat et des communes à des écoles alternatives, extérieures au cadre de l'école publique proprement dite, à condition que ces dernières ne se trouvent pas placées sous la tutelle d'une confession ou d'une idéologie contraire aux droits de la personne humaine, fut elle cachée, et que leur offre s'adresse à toutes les couches de la population, et que leur objectif ne soit pas la formation d'une élite.“

Dat ass also eng Positioun mat där den Här Zeches de Geck gemaach huet, wéi se vun enger anerer Partei an engem ähnleche Mooss iwwerholl ginn ass, mä mir hunn awer net misse Slalom fueren, well mir haten déi Meenung schonn am Joer 1998. Mir begrëssen datt d'LSAP op eis Positioun ageschwenkt ass, well mir fannen dat eng bësse méi konstruktiv Haltung, wéi elo géint Privatschoulen ze maueren.

■ M. Claude Wiseler (CSV).- Déi eng daerfen an déi aner daerfen net eng Privatschoul opmaachen.

■ M. Robert Garcia (DÉI GRENG).- Ech kommen nach dozou. Trotzdeem ass och fir ons dës Diskussioun iwwert d'Privatschoul net evident. Ech hunn en onangenehmt Gefill. Den Här Wiseler huet et scho gesot, halbhäerzeg hätt ech do ënnerschriwwen. Ech muss déi verschidde Grënn hei erlouten, well dat sinn net nëmme meng Privatgrënn, mä och déi vu menger Partei.

Éischtens: Trotz alle weltanschauliche Certitudé sinn déi Fronten an der Diskussioun net ëmmer esou kloer. Och an der Front vun de lautstarken Défenseur vum der Ecole publique fanne sech déi eng oder aner Elteren, déi hir Kanner hu missen an déi Privatschoule schécken, sief et aus sproochlechen oder aus anere Grënn, sief et einfach well d'öffentlech Schoul hire komplexe familiäre Situatiounen net méi gerecht gëtt.

Zweetens: Och muss ee festhalen, datt déi Lëtzebuerger konfessionell Schoulen am Géigesaz zu ville Situatiounen am Ausland alles aneschters si wéi Eliteschoulen. Et si statistesch gesinn net méi Kanner aus ieweichte soziale Schichten, mä au contraire oft vill Ressortissanten aus portugisesche Familljen an aus Aarbechterfamilljen. Mir sinn also wäit ewech vun der Situatioun an anere Länner, wou déi öffentlech Schoule materiell esou schlecht dotéiert sinn, datt déi gutt betuchten Elteren hir Kanner an d'Privatschoule schécken, während déi aner an de marode Gebaier vu skandaléis ënnerbezieltem Personal enseignéiert ginn.

Drëttens: Ouni wëllen den ideologeschen Afloss vum Katholizismus zu Lëtzebuerg ze verharmlosen, dee jo seng Muecht an enger Zäit vun ondemokrateschen autoritäre Strukture baséiert huet an ni vun enger Treuhandgesellschaft demokratiséiert ginn ass, muss een awer feststellen, datt zumindest an de leschte Jorzéngte kaum een oder eent psychesch oder sozial Schied aus der Erzéiung an enger Privatschoul dervu gedroen huet. Jiddefalls net méi wéi aus der öffentlecher Schoul.

Am Géigendeel, wann d'portugisesch Meedercher um Fieldgen duerch intensiven Däitschunterricht méi wäit komme wéi wa se an der Ecole publique gewiescht wäeren, dann ass dat éischter fir si eng positiv Experienz. An ech muss kurioserweis och zréckbehalen, datt an deem Milieu, wou ech operéieren, an deem vun engagéierte Leit a vun ONGen, een

ëmmer erëm feststelle muss, datt besonnesch vill engagéiert Fraen engem iergendwann duerleeën, datt si an der Sophie oder um Fieldgen an d'Schoul gaange sinn. Déi Schoule sinn also net eleng eng Pépinière fir d'CSV, mä och fir e breet engagéierte Milieu, net nëmme an dem reliése mä och an anere Beräicher, an et wär vläicht eng wëssenschaftlech Etüd wäert ze analyséieren, ob et do gewësse Corrélatiounen zwëschent där Erzéiung do an dem spéideren Engagement gëtt.

Véiertens: Och den Taux vu Finanzéierung vun 80% géif an anere Länner kee vum Hocker rappen. Ech erwähnen zum Beispill, datt am Land Nordrhein-Westfalen, dat säit dem Krich sozialdemokratesch regéiert gëtt, konfessionell Privatschoulen zu 98% subventionéiert ginn.

Fënnfstens: Während de leschte Jorzéngte waren d'Privatschoulen am grenznoen Ausland awer och hei Heem en Echapatoire fir Problemer, déi d'öffentlech Schoul net konnt an zum Deel net wollt léisen. Well, Hand op d'Häerz, et war esouwuel fir d'Direktioun wéi och fir vill Enseignanten oft ganz bequem fir déi eng oder aner Schüler a Schülerinne vun der Bildfläch verschwannen ze loossen, wann ee sech a senger Schoul keng Gedanken huet misse maachen iwwer para- a périscolaire Aktivitéiten, iwwer Cours d'appui an iwwer Internatsstrukturen.

Sechstens: Et geet och ëm d'Verhältnisméissegkeet vun de Mëttele. Ech hätt do wierklech e schlecht Gefill, wann ech hei mam B52 op d'Stellunge vun de kathoulesche Privatschoule lass géif goen a wann ech gläichzäitig am Hannergrond d'Stalinuergele vun der AGCS an de Marschbefehl vun der WTO an den transnationale Service-Konzerner fir d'Iwwernahm vun öffentleche sozialen Déngschtleeschungen héieren. Well wat sinn déi puer harmlos Nönncherer a Laienapostelen an de biedere Lëtzebuerger Privatschoule géint d'Gefor vun der Dereguléierung vum Service public am Enseignement, vun der Invasioun vu Franchise-Ketten an der Hand vun transnationale Konzern, och wa Lëtzebuerg, dank senger gudder finanzieller Situatioun, dovunner nach net beträff ass. Well trotz Beschwichtigunge vum Här Lamy a Konsorten ass déi Gefor méi wéi real. A ville Länner sti se bereet oder si schonn derbäi vun der mieser Situatioun vun den öffentleche Finanzen ze profitéieren an hiert trojanescht Schoulpäerd eranzurulen.

Ech wëll elo eng Anekdot verzielen, déi eis d'Schoulléierin vun der Helene Lange Schule erzielt huet, wéi erauskomm ass, datt si déi Beschta am PISA-Test waren als eng öffentlech Schoul, als eng integriéiert Gesamtschoul. Si krut telefonéiert vun engem transnationalen Déngschtleeschungskonzern, wa si géif hiren Numm fir hir Ketten hierginn, kéint se ganz vill Sue verdéngen, well si wäeren amgaang, haaptsächlech am Oste vun Däitschland, wou d'Kommunen ënnert ganz schreckleche finanzielle Problemer leiden, fir do en Netz vu Privatschoulen opzebauen, a fir vill Kommune wär et vläicht méi interessant fir Minervalen ze bezuere fir net gutt betuchten Elteren, wéi datt se misste fir eng ganz Schoul opkommen. Also et ass eng reell Gefor, déi an deem dote Beispill scho wierklech drastesch illustriert gëtt.

Siwente Punkt: Et ass och fir mech perséinlech, och fir anerer, relativ onbequem, wann een als Défenseur vun der öffentlecher Schoul muss Rechnung driwwer ofleeën, datt vill Enseignanten an de Privatschoulen, trotz méi précairem Sta-

tut, trotz manner Rémunéatioun, trotz der Tatsaach, datt een Deel vun hinnen, bon gré, mal gré, do gelannt sinn, well se an der öffentlecher Schoul net ukoumen, anscheinend sech an engem vill méi héije Mooss mat hirer Schoul identifizéieren. A wann ech de Privatschoulen daerf gleewen, da brauch ee bei hinnen d'Enseignanten net ze zwängen u pedagogesch motivéierte Conférences plénières deelzehuelen, Fächer a klasseniiwwergräifend Concertatiounen ze organiséieren, Weiterbildung ze maachen a mat de Kanner un Offeren ausserhalb vun der Schoul deelzehuelen. Wat leider an der öffentlecher Schoul net ëmmer esou evident schéngt.

Ech ka mech op jidde Fall erënnere, datt ech als Responsabele vum Centre d'Information Tiers Monde - a menger Jugend - bei all Rentrée scolaire eng Circulaire un all Schoule geschéckt hunn, un all Lycéeën, fir d'Enseignanten driwwer ze informéieren, datt ee bei ons kéint Bicher a pedagogesch Material iwwert d'Dréttwelt ausléien. Abee, wa proportionell esou vill Enseignanten, Schüler a Schülerinnen aus de staatleche Lycéeën bei ons komm wäer wéi aus deene puer Privatschoulen, hätt mir séier missten e puer Stäck an e puer Bibliothécairen ausbauen. Ech wëll awer net verallgemengere, well mir kruten och ganz vill Clienten aus den öffentleche Schoulen.

Ech hoffen, datt dat net dorunner läit, datt de Statut vun den Enseignanten do méi prekär ass. Dat wär nämlech Waasser op d'Mille vun deene Leit, déi esou e Statut och fir déi öffentlech Schoul reklaméieren, an déi sëtzen net nëmme heibanen um rietse Bord, mä esouguer a bundesdäitsche Länner mat ganz ënnerschiddleche Koalitiounen. Alerdéngs weist Skandinavien, datt een och ka mat Fonctionnairen an der Schoul pedagogesch Autonomie an Innovatioun duerchzéien. D'Léisung vum Problem läit also wahrscheinlech net an der Ännerung vum Statut vun den Enseignanten, mä an der Ännerung vum Statut vun de Schoulen. An et gesäit een elo wéi zaghaft ugefaange gëtt, datt verschidde Schoulen zu Lëtzebuerg hire Statut opmaachen, datt do och eng ähnlech Schoulkultur am Opbau ass, an datt och e Phänomeen vu pedagogescher Dynamik ze spieren ass.

Fazit vun deenen Iwwerleeungen: Privatschoulen halen also der öffentlecher Schoul de Spigel vir, an amplatz mat Steng an de Spigel ze schéissen, wäeren d'Défenseure vun der Ecole publique gutt beroden, fir d'éischt d'Dunn an hirem A ze schläifen ier se d'Spläiter an den Ae vun der Privatschoul maltraitéieren.

Nach eng kéier, trotz allen Nuanzen, déi ech wollt an ons Haltung erabréngen, ännert dat awer näischt an eiser grondleeënder Analys. Mir mengen, datt d'kathoulesch Privatschoul zu Lëtzebuerg net supplementar mä komplementar zu der öffentlecher Schoul soll sinn. D'Demande vun den Eltere kennt net aus weltanschaulichen, reliésen oder bildungstheoretische Grënn, mä aus prakteschen organisatoresche Grënn. D'Eltere wielen am grouss Ganzen d'Privatschoule wéinst hirem Plus un Ugebuet, dat hire familiäre Convenancen entgéint kënn, an net well se eng reliéis duerchränkten Erzéiung fir hir Kanner wënschen. Déi Offer ass also net supplementar zum Optrag vun der öffentlecher Schoul, mä komplementar zu där hiren Defiziter.

Also ass dës Diskussioun vun haut den Nomëttes an éischter Linn keng Diskussioun iwwert d'Privatschoulen, mä eng iwwert d'öffentlech Schoul. An ech muss soen, eis Léisung, déi mer schonn ëmmer prekoniséiert hunn, ass natierlech e bësse naiv. Wann ee seet, wann d'öffentlech Schoul déiselwecht supplementar Offere bidd wéi déi Privat an iwwer ähnlech Autonomie verfügt, da ginn déi meescht Pri-

vatschoulen entweder iwwerflësseg oder et kënn zumindest zu enger gesonder équilibréierter Konkurrenz. Dat kléngt natierlech ganz plausibel an domat ass ee gemittlech aus dem Schneider. Et muss een awer trotzdeem kritesch an och selbstkritesch hannerfroen, firwat dat an deene leschten 20 Joer dann net geschitt ass a firwat den Undeel vun de Schüler a Schülerinnen an de Privatschoule mat iwwer 10% awer e relativ bedenkliche Seuil erreecht huet.

Keng vun deenen dräi grouss Parteien um Rudder, huet d'Rudder am Kurs vun der öffentlecher Schoul ëmgedréint. Ech fänken u bei der CSV. Et ass natierlech net an hirem ideologeschen Intérêt fir hire „kathoulesche Schoulen“ d'Waasser ofzegruewen. Am Géigendeel, si hunn och reformpädagogesch Usätz wéi d'Modeller vun Diddeleng a Péiteng konsequent ausgedréchent, déi hätte kënnen zu enger erweiterter Offer vu Schülerbetreieung féieren.

■ Une voix.- Très bien!

■ M. Robert Garcia (DÉI GRENG).- An dann d'DP: Hire Bildungsspezialist huet an hirem Numm déck Bake gemaach an der leschter Legislaturperiod als Berger des agneaux laïques an elo musse si awer beim Privatschoulgesetz net nëmme Massendénger, mä esouguer Laienapostel spillen.

An zu der LSAP: Ech ka mech erënnere, datt si bei hirem Retour un d'Muecht am Joer 1984 sech relativ wéineg ëm d'Education gekëmmert huet an an deene 15 Joer Ministrantentum am Hochamt vun der CSV hunn ech och relativ wéineg Initiative matkritt a Richtung Erweiterung vum Aufgabeberäich vun der öffentlecher Schoul, ausser der mechanescher Fuerderung no engem öffentlechen Internat, dat awer nach ëmmer net gebaut ass.

Ech muss awer och selbstkritesch mat eis an d'Gericht soen, well säit 20 Joer, déi et eis gëtt, hu mir och eis ze vill op de Kärberäich vun der öffentlecher Schoul konzentréiert. Sécher, mir hunn ëmmer gesot, d'Schoul misst méi intensiv op déi Problemer vu Migrantena a vun Aarbechterkanner agoen. Mä et muss ee soen, eréischt wéi d'Lëtzebuerger Mëttelelschichtelteren op d'Barrikade geklomme sinn, well se Schwierigkeeten hate mat der Kompatibilitéit vu Berufstätigkeet a Kannererzéiung, ass eréischt d'ganz Land an d'Euphorie vun de Structures d'accueil geroden.

Mir haten zwar scho ganz fréi, méi fréi wéi déi aner, déi Thematik an d'Diskussioun bruecht, mä d'Migrantekanner an d'Migrantenelteren haten déi Problemer scho säit 30 Joer an do hunn net vill Grénger, Bloer oder Schwarzer oder Rouder duerno gekréint. Wat zwar „ëmmer erëm op en Neits d'Noutwendegkeet vum Droit de vote um nationalen Niveau vun deene Bierger a Biergerinnen ënnersträicht“.

Dorfir ass de Succès vun de Privatschoulen zugläich e Constat d'échec fir d'öffentlech Schoul. Wann d'Vertrieder an d'Vertreiderinne vun de konfessionelle Privatschoule bei ons an d'Fraktioun kommen, wéi an déi aner Fraktiounen och, fir e Gedankenaustausch iwwer hir pedagogesch Praxis, a wann dann tèschent hiren an onse Virstellungen iwwert d'Bildungsreform emol dat berühmte Lëschblat net méi passt, während esouguer mat ideologeschen méi verschwesterte Lobbye méi grouss Divergenze bestinn, da muss ee sech och als Défenseur vun der öffentlecher Schoul Froe stellen. Dorfir ass ons Virstellung vun der schrittweiser Unnäherung vun den öffentlechen an de private Schoule vläicht nach weiderhin naiv - dat ginn ech och zou -, mä fir ons weiderhin déi eenzeg konsistent Approche.

An onsen Ae muss e konsequenter a rapiden Opbau vun enger ähnlecher Schoulkultur an der öffentle-

cher Schoul stattfannen, déi opbaut op Innovatioun a pedagogesch Autonomie, an dat ass fir eis och déi eenzeg plausibel Léisung fir dee Malaise tëschent deenen zwee Schoultypen. Allerdéngs muss ee feststellen, datt esouwuel an deenen Avant-projets iwwert d'Autonomie vun de Gebaier wéi och an den Documents d'orientation vum MEN, wou gewëssen Usätz ze spiere sinn, déi konsequent an onmëssverständlech Definitioune vun där pedagogescher Autonomie nach wäitgehend feelt. Vlächcht ass et och méi wichteg déi Autonomie an der Praxis ëmzesetzen amplaz se op Pabeier festzhalen, dee bekanntlech gedéllig ass.

Et muss ee soen, datt déi meescht Parteien heibannen eng gewësse Frilositéit mat der Autonomie haten, well et gouf ëmmer d'Angscht vun der schläichender Privatiséierung héichgehalen a mir selwer hunn dat och ëmmer eigentlech gefaert. Mir hunn awer schonn 1997/98 Motioune hei erabruecht iwwert d'pedagogesch Autonomie, déi net ëmmer ugeholl gi sinn, deelweis si se ugeholl ginn. Beim Lycée Josy Barthel ass se ugeholl ginn an ech kann dofir soen, datt déi Forderung, déi mir elo haut erliewen, also keng nei ass, well mir sinn der Meinung datt de Rapport de force tëschent de Privatschoulen an den öffentleche Schoulen nëmme kann doduerch équilibréiert ginn, wann déi 5/6-Finanzéierung, déi d'Privatschoule kréien, enger 5/6-Autonomie fir déi öffentlech Schoulen entgéint gesat gëtt. Eréischt da kann een déi Diskussioun tëschent privaten an öffentleche Schoulen op engem méi sereinen Terrain weiterféieren.

Dofir wëll ech hei zum Schluss vu menger Interventioun eng Motioun déposéieren, déi genau dat fuerdert, nämlech datt deen Defizit, deen déi öffentlech Schoulen am Beräich vun der Autonomie hunn, esou séier wéi méiglech opgehuewe gëtt an datt een dann an den nächste Jore kann zu enger méi équilibréierter an enger gesonder Konkurrenz tëschent deene private Schoulen an den öffentleche Schoule kommen.

Ech soen lech merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant que par le vote du projet de loi 5029, l'écart entre la dotation financière des écoles publiques de l'enseignement postprimaire et des écoles privées sera considérablement réduit;

- constatant toutefois que l'écart entre les espaces d'autonomie pédagogique ou administrative dont bénéficient les écoles privées et ceux plus restreints des consoeurs publiques reste toujours important;

- soulignant que l'évaluation des résultats de l'étude PISA, notamment dans les pays nordiques, montre qu'un processus d'autonomie nuancée en matière de pratiques pédagogiques et d'autogestion administrative est susceptible d'augmenter la qualité et la diversité de l'enseignement postprimaire dans notre pays;

invite le Gouvernement

- à revoir les modalités contenues dans l'avant-projet de loi portant organisation des établissements d'enseignement postprimaire, ceci dans l'optique de mettre les écoles publiques sur un pied d'équité en matière d'autonomie scolaire avec les écoles privées;

- à affiner notamment les dispositions relatives au rôle de la direction, aux responsabilités des différentes instances de cogestion, aux activités pédagogiques autonomes et aux offres d'activités parascolaires.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Merci, Här President. Déi gratis öffentlech Schoul, déi jo an eiser Verfassung steet - d'Privatschoule stinn net dran, dat huet schonn ee vu menge Virriedner hei bemierkt -, ass an der Geschicht erkämpft ginn. Si huet de gläichen Zougank vun alle Kanner aus alle soziale Milieuen zur Bildung an domat zum Wëssen erméiglecht, zu enger Zäit wou dat nach guer net esou evident war.

D'öffentlech Schoul ass och de Garant, datt d'Kanner net opgedeelt ginn no konfessionellen oder ideologesche Kritären. Privatschoule sinn entstanen, dat ass am Fong geholl ganz einfach ze erklären, well d'kathoulesch Kierch am schoolesche Beräich, grad wéi se dat och mécht am sozialen oder medezinesche Secteur, eng staark symbolesch Presenz wëllt markéieren, grad do wou d'Mentalitéit gepräegt ginn, an och zum Beispill am soziale Beräich, wou gewësse Bedürfnisser besti fir Bäistand an Trouscht ze kréien.

Et ass och esou, datt bewosst gewësse staatlech Strukturen an Infrastrukturen net entwéckelt gi sinn, fir esou am private Schoulberäich Fräiraum ze schafen. Zum Beispill d'Internater, zum Beispill aner Virzich, déi hei genannt gi si vu méi Befaaasse konkret mat de Problemer vun eenzelne Schüler, wann et sech ëm Ausländerkanner handelt, ëm sproochlech Betreierung an esou weider.

D'Argument, d'Privatschoule géife jo den öffentleche Schoulprogramm enseignéieren an hätten um Niveau vun de Schüler, déi do dra ginn, eng relativ équilibréiert sozial Zesummesetzung, si hätten och eng équilibréiert national Zesummesetzung, ech fannen dat Argument, wat gebraucht gëtt fir Privatschoulen ze rechtfertigen, ass just en Argument, wat an d'Géig Richtung weist. Well, wa se den öffentleche Schoule gläiche wéi eng Drëps Waasser där anerer, da bleift jo nach eng eenzeg Rechtfertigung fir hiert Bestoen, dat ass hir Charakteristik als kathoulesch Schoul.

An ech froe mech firwat de Stat grad elo an dëser Zäit och nach déi Schoule soll quasi integral finanzéieren, wou grad am öffentleche Schoulsecteur e ganz groussen Nohuelbedarf besteet, wou vill Kanner a Container sinn, wou grad bei deene Kanner, déi et an der öffentlecher Schoul am néidegsten hätten, déi Kanner déi an de Modulaire ginn, déi an de Complémentaire ginn, an esou weider, grad do déplorabel Bedingunge virherrschen an deene Gebaier, wou déi Kanner musse goen.

An ech mengen déi richteg Iwwerleeung misst eigentlech déi si fir ze soen, wa mer schonn an enger Zäit si wou et esou grouss Besoinë gëtt, da loosst mer déi Privatschoule mat hire Capacitéiten, déi se hunn, integréieren an d'öffentlech Schoul.

Ech hunn esou en Argument elo hei nach vu kengem héieren. Et gouf emol Zäiten, do war esouguer en CSV-Educationminister darselwechter Meinung. De Jean Dupong huet 1974 e Gesetzesprojekt eraginn iwwert d'Integratioun oder iwwert déi wäitgehend Integratioun vun de Privatschoulen an d'öffentlech Schoul. Ech muss soen, wann ech dat liese wat do dra steet iwwert d'Begrënnung dovunner, dann huet dee Mann vill méi geduecht un d'Land wéi eventuell u seng politesch Hierkunftsfamill. Ech wëll emol e puer Saachen aus deem interessante Gesetzesprojekt hei zitieren. An deem Projet, dee mer hei virleien hunn, steet de Géigendeel.

Am Exposé des motifs huet den Här Dupong deemools schreiwe

gelooss: „L'évolution de notre système d'enseignement a de plus en plus mis en évidence les tâches immenses qu'il reste à accomplir, pour assurer l'avenir de notre pays. Il s'en dégage le contexte nouveau dans lequel il convient de situer la vieille question des relations entre l'Etat et les établissements d'enseignement privés. En effet, les difficultés à la fois nombreuses et complexes que rencontre aujourd'hui la mise en oeuvre d'une éducation nationale adaptée tant aux besoins de la société actuelle que ceux de la société future, appelle une intégration progressive de tous les efforts susceptibles d'apporter un concours utile au développement et à la modernisation de notre appareil scolaire.“

Si mer haut an enger anerer Situation, Här President? Als Konklusioun zitt den Här Dupong doraus: „Dans certains types d'enseignement, une intégration progressive de l'enseignement privé dans l'enseignement public doit être favorisée.“ Dat ass den Objet vun deem Gesetzesprojekt gewiescht an e preziséiert dat. E seet och a wat fir enge Beräicher dass dat virangeg misst geschéien an e seet: „Il est à noter que les contrats d'intégration“, déi e wollt aféieren an deem Kontext, „s'adressent seulement aux écoles dispensant un type d'enseignement parallèle à celui dispensé dans l'enseignement public, étant donné que c'est dans ce domaine que l'utilité d'une intégration est la plus manifeste“. Also grad do wou d'Privatschoul déiselwecht Servicer ubitt wéi d'öffentlech Schoul. Hei gëtt de Contraire gesot.

An deene Contrats d'intégration, ech zitieren den Artikel 13 vum Projet de loi vun deemools, steet folgend Formulierung ënnert dem Titel «Les contrats d'intégration»: «Les dispositions du présent titre ne s'appliquent qu'aux établissements d'enseignements privés dispensant un enseignement collectif correspondant quant à son contenu et ses formes à l'un des types d'enseignement post-primaires du secteur publique». An da ginn opgezéit:

- division inférieure de l'enseignement secondaire,
- division supérieure de l'enseignement secondaire,
- les trois classes inférieures de l'enseignement moyen,
- les deux classes supérieures de l'enseignement moyen,
- les classes de 7e et 8e de l'enseignement technique et professionnel,
- les classes de 9e, 10e et 11e de l'enseignement technique et professionnel,
- les classes de 12e et 13e de l'enseignement technique et professionnel.

Dat heescht, dat wat de wesentleche Bestanddeel vun der öffentlecher Schoul ausmécht huet den Här Dupong gesot deemools, vu dass mer e grouse Besoin un Infrastrukturen hunn, loosst mer déi Privatschoulen zesummeféiere mat deenen öffentleche Schoulen, loosst mer aus deene Privatschoulen öffentlech Schoule maachen.

Dann ass hei geschwat gi vum libre choix vun der Schoul, mat Hiwäis op auslännesch Verfassungen. Ech hu virdu gesot, dass an eiser Verfassung esou eng Méiglechkeet net virgesinn ass, an ech froe mech, wa mer dat do unhuele fir d'kathoulesch Schoul, dass mussen d'Elteren och d'Méiglechkeet hunn hir Kanner an eng kathoulesch Schoul ze schécken, da froen ech mech mat wat fir engem Argument mer dann an Zukunft kënne Kanner vun anere Konfessiounen dovun ofhalen datselwecht

fir sech ze froen. Da gi vlächcht protestantesch, jüdesch, islamesch Kanner an hir Schoulen an d'öffentlech Schoul gëtt nach e bësse méi ausgehielecht. D'Gesellschaft gëtt dann eng Gesellschaft wou virun allem zielt: Identitéiten, reliéis Identitéiten, Ethnien, Nationalitéiten, vlächcht esouguer Korporatiounen oder sozial Beruufsgruppen, déi jiddereng hir Schoul da verlaangt.

Dat heescht, mir féieren alles dat erëm an, wat dee staarken universalisteschen an humanisteschen Impetus vun der franséischer Revolutioun an Europa wäitgehend op d'Säit gedréckt huet. An ech muss soen, géintiwier esou Perspektive vun esou Schoulen ass mer esouguer den islamesche Foulard an den öffentleche Schoulen als Zeeche vun der kultureller Diversitéit scho bal sympathesch.

(Interruption diverses)

Jo, do sidd Der dergéint, mä an Äre Schoulen do gëtt deen anere Foulard gedroen, symbolesch gesinn.

Et ass traureg, Här President, och fannen ech dass alt erëm eng Kéier d'CSV e Koalitionspartner fonnt huet, ...

(Interruptions diverses)

...dës Kéier a Persoun vun der DP, déi jo eigentlech eng liberal Partei ass, déi déi Prinzipie vun der franséischer Revolutioun, déi ech virdrun hei vertrat hunn, misst 100%eg ënnerschreiwen, dass grad d'DP dann elo dës Kéier dee Junior-Partner ass vun der CSV, deen dat do dann erëm mat verwierklechen hëlleft.

(Interruption diverses)

Wat heescht dat an der Praxis? An der Praxis heescht et, dass dat hei Gesetz zimlech substanzéiert Erhéijung virgesäit wat d'Ennerstëtzung vun de kathoulesche Privatschoulen ugeet. Et kann een an deene verschiddenen Tableauen, déi dem Gesetzesprojekt bällegen, ganz genau feststellen ëm wat fir eng Verdueblung quasi vun de Kreditter fir déi Schoulen et sech hei handelt. Dobäi kënnt nach, dass elo och Virschoul- a Primärschouklasse solle subsidiéiert ginn. Derbäi kënnt och nach e réckwierkend Zréckbezuale mat den Zënse vun den Investitiounen, déi bis elo am Privatsecteur gemaach gi sinn. Et kann ee sech froen, firwat 10 Joer zréck, firwat net 20, 50 oder 100 Joer. Et kann ee jo vlächcht bis op d'Schoulgesetz vun 1912 zréckgoen an alles wat duerno gebaut ginn ass finanzéieren.

Nach eng lescht Bemierkung wëll ech maachen zur Gefor vun engem kommerzielle Schoulsecteur. Ech sinn der Meinung, dass déi Gefor de Moment, weingstens opgrond vun deem heite Gesetz, net ginn ass, well jo ausdrécklech Trägergesellschaften virgesi sinn, déi mussen Association sans but lucratif sinn, mä fir d'Zukunft ass näischt ofgeséichert.

Den éischte separaten Avis vum Statsrot warnt ausdrécklech virun esou enger Entwécklung andeem e seet: „Enfin, le Conseil d'Etat met solennellement en garde les auteurs du projet devant toute initiative privée tendant à faire de l'enseignement une entreprise à finalité essentiellement lucrative.“

Den zweete separaten Avis vum Statsrot seet just de Contraire. E fuerdert dat esouguer, a seet: „N'est-ce pas cette concurrence, ou, mieux encore, l'avènement d'un vrai marché de l'enseignement qui pourrait constituer une alternative efficiente au système étatique rigide dont le coût élevé ne se reflète d'ailleurs guère dans les résultats?“

Ech mengen also dass fir d'Zukunft d'Gefor vu kommerzielle Privatschoulen net aus der Welt geschaaft ass, an dass den Terrain gewëssermoossen duerch dat heite Gesetz preparéiert gëtt, andeem et eng gewëssen Normalitéit hier-

stellt bei der Gläichstellung tëschent privatem Schoulsecteur an öffentlechem Schoulsecteur.

An ech bedauern och déi Aussoe vum Här Garcia, dat sinn natierlech déi, déi a senger Verantwortung leien, dee virdrun am Fong geholl e bëssen an déi Richtung plädéiert huet, wéi wann dat jo nëmme normal wier an dass een dorunner näischt Gréisseres ausenaner ze setzen huet. Ech faerte just, dass déi Kommerzialiséierung, déi hien zu Recht ugeprangert huet, duerch esou e Gesetz ideologesch an Zukunft preparéiert wäert ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass agedroen d'Madame Ferny Nicklaus-Faber. D'Madame Nicklaus huet d'Wuert.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, selten huet de schoulpolitesche Projet esou héich Welle geschloe wéi deen iwwert d'Privatschoulen. Grad ewéi uganks den 80er Joren ass d'Diskussioun ronderëm de Finanzement vun de Privatschoule vu polemischer an ondifferenziierter Stëmmungsmaach begleet ginn.

Eise schoulpolitesche Spriecher, Claude Wiseler, huet kloer Positionen zu dëser Debatt bezunn an de Standpunkt vun der CSV-Fraktioun duergeluecht. Ech fir mäin Deel wëll meng Riedezäit notze fir eng Rei Punkten ze belichten, déi sech virun allem mat dem Begrëff vun der Chancëgläichheet ausernee setzen.

An den Diskussiounen vun de leschte Méint ass d'Schlagwuert vun der Chancëgläichheet oft an d'Feld gefouert ginn. Et ass vun enger Zwouklassegesellschaft geschwat ginn, heibannen och scho vill, vum Doudégriewer vun der öffentlecher Schoul, vu Sabotage vun öffentleche Schoulwiesen a vu sozialer Ongerechtegkeet. Mä et ass virun allem dovunner geschwat ginn, datt d'Chancëgläichheet géing mat Féiss getréppelt ginn. An der Diskussioun ginn dës Begrëffer gären a wëllentlech vermëscht. Dobäi gëtt iwwersinn datt een et grad an dëse Froen de Kanner net gerecht mécht, wann een hinnen an hiren Elteren an eenheetlechen Enseignement virsetzt deen d'Individualitéit vun de Kanner verkennt, esou wéi mer dat nach aus den ehemolege sozialistesche Volleksrepublike kennen.

Niewebäi ginn domat fundamental Mënscherechter a Fro gestallt. Ech denken, wa mer de Privatschoulen hëllefen, kann et net sinn, datt d'Politiker als onbaarmhäerzeg Verfechter vun de Privatschoulen ofgestempelt ginn. De Projet, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, ass eenzeg an eleng den Ausdruck dovunner, datt mer eist Unterrichtswiesen de Mënscherechter e gutt Stéck méi no bréngen. An net manner wéi zéng internationalen Texter, wéi beispillsweis an der Mënscherechtskonventioun oder an der internationaler Konventioun vun de Kannerrechter, gëtt de fräie Choix vun der Educatioun proklaméiert a gefuerdert, verbonne mam Recht vun den Elteren hirem Kand déi Ausbildung ze garantéieren, déi si fir richteg fannen.

Et geet also an éischer Linn drëm e pluralistescht Bildungswiesen ze garantéieren, wou d'Elteren an d'Kanner e fräie Choix kënnen treffen. Sozial Ongerechtegkeet besteet dann, wann et eben net méiglech ass fir an engem pluralistescht Bildungswiesen dee Choix ze treffen, deen de Begabunge vun de Kanner am meeschte Rechnung dréit, also da wann eng eesäitig staatlech Ennerstëtzung vum öffentleche Bildungswiese mat de Beiträg vun alle Steuerzueler déi finanziell Iwwerleeunge beim Choix vun der Schoul an de Vierdergrond drängen.

Deen Text, dee mer haut diskutéieren, kënnt der Chancëgläichheet e

gutt Stéck méi no an dréit ouni Zweifel zu engem faire Qualitéitswettbewerb vun alle Schoule bäi. D'Betounung läit an dësem Fall um Wuert Qualitéit. De wirtschaftleche Wettbewerb an eng ze grouss maartorientéiert Approche dierfen an eisem Bildungswiesen net lwwerhand huelen.

Den Appel fir eng öffentlech Schoul hieft ervir, datt déi staatlech Schoule sech ëm méi Integratioun vun auslänneschen Kanner beméien a virun allem deene Kanner, déi aus méi sozialschwaache Milieue kommen, an eisem Bildungswiesen eng Chance ginn. Dës Ausso ass plakativ, wëll et ass ze einfach de Privatschoulen ze ënnerstellen, si géifen d'Auslännerkanner léns leie loossen. Am Géigendeel. Ech wëll nëmmen, an de Claude Wiseler huet et och schonn zitëiert, als Beispill de Projet ALLET um Fieeldgen ervirhiewen, dee sech verstäerkt ëm auslännesch Schülerinne këmmert, an dat um Niveau vun dem Däitschunterrecht. Och verdäitlecht e Bléck op d'Statistik, datt de Virwurf u Privatschoulen, déi de Programm vun den öffentleche Schoulen ubidden, d'Auslänner ze vernoléisseggen, absolut net begrënnt ass.

Esou huet Ste Sophie en Undeel vun 20% Auslännerkanner, Marie-Consolatrice 39%, de Fieldgen 29% an de Lycée technique privé Ste Anne bal en Undeel vu 50% vun Auslänner.

Och déi Schoulen, déi de Programm aus dem staatlechen Enseignement ubidden an trotzdem a verschiddenen Dealberäicher de gewéinleche pedagogesche Pad verlooosen, scheien net virdrun zrëck nei Projeten ze initiéieren, déi um integrative Plang vu groussen Notze sinn.

Duerch déi pedagogesch Fräiheet, déi esou Projeten erméiglechen, an duerch de Wettbewerb zwëschent de Schoulen, ass et méiglech de Schüler ënnerschiddlecher Herkunft a Begabung entgéint ze kommen. Doriwwer eraus fänken d'Privatschoulen grad déi Schüler op, déi am staatleche System Schwieeregkeeten hunn an déi an de meeschte Fäll aus sozialschwaache Kreeser kommen.

Här President, ech wëll am Kader vu menger Interventioun nach op en éischter historeschen Aspekt hiweisen. Et gëtt een den Androck net lass, datt dës Debatt zu engem regelrechte Feldzuch géint d'Privatschoule mutéiert ass, deen nâischt méi mat enger objektiver Ausernanersetzung an dësem Dossier ze dinn huet, well et ass grad am Kontext vun der Chancëgläichheet zwëscht Mann a Fra, wou d'Privatschoule regelrecht Pionéieraarbecht geleescht hunn. D'Schoule wéi beispillsweis Ste Sophie, d'Marie-Consolatrice, de Fieldgen an de Lycée privé Ste Anne zu Ettelbréck hu sech der Educatioun vun de Meedercher verschriwwen.

Schonn am 17. Jorhonnert a bis an d'20. Jorhonnert eran hu sech verschidde Congrégatiounen der Bildung vu jonke Meedercher ugeholl, an dat an enger Zäit wou eng éischter patriarchalesch Gronduerdnung bestanen huet a wou der Ausbildung vun de Meedercher éischter mat Mësstraue begéint gouf.

Et war virun allem d'Ecole privée Ste Sophie, déi sech um Niveau vun der Ausbildung vu jonke Meedercher ervirgedoen huet, a wou d'Originen dovu bis un den Ufank vum 17. Jorhonnert zrëckreechen. Am Ufank vum 20. Jorhonnert huet d'Association pour l'intérêt de la femme en éischte Prototyp vun engem Lycée fir jonk Meedercher um Lampertsbiërg an d'Liewe geruff. 1911 ass de Stat dunn op de Wee gaange fir regelrecht Meedercherslycéeën ze schafen. Et ass keen Zoufall, datt grad am Zuch vun dësen Entwécklungen och d'Bestriewe gewuess ass, d'Participatioun vun de Fraen am politesche Liewe vun eisem Land

duerchzesetzen. Duerch den Zougank zur Bildung, oder vill méi zu enger mat de Jonge gläichwäerteger Bildung, ass den Intérêt bei de Meedercher fir gesellschaftlech a politesch Entwécklungen an eisem wéi och an anere Länner gewuess.

No de legislative Wahlen am Summer 1918 ass eis Verfassung geännert ginn an de 15. Mee 1919 huet d'Parlament d'Reform vun der Constitutioun gestëmmt mat den Dispositiounen zum universelle Wahlrecht fir jiddfer Fra a Mann vum 21. Liewensjoer un. Dës Reform huet déi politesch Landschaft dauerhaft verännert, d'Demokratie grondleeënd gestärkt an doriwwer eraus d'Jalonë gesat vun der politescher Uerdnung, esou wéi mer se haut an eisem Land kennen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hätt mer gewünscht, datt dës Debatt iwwert de Finanzement vun de Privatschoulen net zu engem polemischen Opgoss vun der 82er Debatt gefouert hätt. Mat de gläichen Argumenter a mat dem gläichen Eropbschwiere vun Horrorszenarien, déi gläichzäiteg de potenziellen Ennergang vum Lëtzebuurger Bildungssystem besigele géifen.

Mir vun der CSV-Fraktioun sinn der Meenung, datt dës Gesetzesvirlag ouni Zweifel zu engem pluralistesche Bildungswiese bäidréit an deem de fräie Choix vum respektive System fir jidderee garantéiert ass.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

M. Marc Zanussi (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem Projet, dee mer haut diskutéieren, hat een den Androck wéi en an der Diskussioun diskutéiert gouf, dass hei wierklech ganz streng sech un d'koalitiouns-intern Disziplin gehale ginn ass. Et muss ee soen, dass een och den Androck hat, dass alles tëschent deenen zwou Majoritéitsparteie ganz kloer an däitlech ofgeschwat war. A wa virdrun hei d'Madame Durdu de Koalitiounsprogramm zitëiert huet, hat ech den Androck, dass dës Majoritéit sech awer net un hire Koalitiounsprogramm hält, well an dem Koalitiounsprogramm nämlech kloer steet, dass fir si weiderhin d'öffentlech Schoul eng absolut Prioritéit hätt. Eng Prioritéit fir d'öffentlech Schoul kënne mer an deene leschte Joren an och bei dem Débat vun haut net erkennen.

Mir hunn an der Kommissioun eng Sëtzung gehat nodeem de Projet presentéiert gi war. Mir haten derno nach eng Sëtzung, wou den Avis vum Conseil d'Etat diskutéiert ginn ass. An direkt nodeem déi dräi Avisë vum Conseil d'Etat virlouchen, huet d'Majoritéit duerchklänge gelooss, dass se mat deem Textvirschlag vum Conseil d'Etat d'accord wier, an dass et eigentlech an der Kommissioun net méi dozou kéint kommen nach e Punkt oder e Komma un deem Text ze änneren. An obwuel dee Projet vun enger DP-Ministerin déposéiert gi war an och verteidegt gëtt, hat ee vun Ufank un den Androck, wéi wann dee Projet voll a ganz an den Hänn vun der CSV gewiescht wier.

D'Positioun vun der CSV an dësem Dossier ass kloer a verständlech. Si ass virdrun och erkläert ginn. Et ass eng Selbstverständlechkeet, dass fir d'CSV dëst Gesetz, wou eng Rei vun zousätzleche Subventionen fir Privatschoulen, an domadder och fir d'kathoulesch Privatschoulen, an de Vierdergrond geréckelt ginn, eng gutt Saach ass, well schlussendlech 80% vun deenen zousätzleche Mëttelen, déi fir d'Privatschoulen zur Verfügung gestallt ginn, fir de Benefiss vun de kathoulesche Privatschoule sinn.

D'Positioun allerdings vun der Demokratescher Partei an dëser Fro ass fir eis eng eenzeg Enttäu-

schung. Vu Bildungsoffensiv an der öffentlecher Schoul keng Spur. Et ass nâischt ze erkennen. Wou bleiwen déi grouss Strukturreformen, déi eigentlech eng Offensiv kennzeechen? Ausser Positiounspabeieren, Orientatiounsdokumenter zu deene wichtege Reformen, déi noutwenneg sinn, fënnt een ee Joer virun de Wahlen nâischt vir. Vu Gesetzesprojeten, déi déi Reforme solle kennzeechen, ass keng Spur. Domadder mengen ech, dass och d'Ausried vun der Madame Ministerin, fir ze soen dass eigentlech d'Bildungsoffensiv net hei an der Chamber an net mat Gesetzer gemaach gëtt mä um Terrain, keng Gültgkeet huet an och net richtig ass.

Et stellt een awer fest, dass et eng Bildungsoffensiv mat dësem Gesetz fir d'Privatschoule gëtt, eng Offensiv déi wierklech d'Privatschoulen duerch déi zousätzlech Subsidien, déi se kréien, duerch déi zousätzlech Méiglechkeeten am Beräich vun der Autonomie an eng déloyal Konkurrenz vis-à-vis vun der öffentlecher Schoul bréngt.

D'Demokratesch Partei an hir Positioun ze erklären ass schwéier. Et si mer eigentlech véier Ursachen agefall, déi zu där Positioun do kënnte féieren.

Éischtens déi, dass d'Demokratesch Partei sech vun der CSV an dësem Fall iwwert den Dësch zéie gelooss huet.

Déi zweet Méiglechkeet ass déi, dass et e Kouhandel ass, wéi et schonn 1982 de Fall war, dass d'Demokratesch Partei hei...

(Interruption)

...der CSV en Zougeständnis gemaach huet, an am Géigesaz dofir bei vlâicht anere Projeten d'Zoustëmmung kritt, wou et virdru méi kritesch war.

Drëtt Méiglechkeet ass déi, dass d'Demokratesch Partei sech wierklech hei wëllt mat un d'Spëtzt vun alleguerten deene setzen, déi weltwäit eng Liberaliséierung an eng Privatiséierung vun dem Unterrichtswiesen ustriewen.

Déi véiert Méiglechkeet ass déi, dass d'Demokratesch Partei heimmadden enger Kategorie vu Leit haut an och an Zukunft eng Rei vu Privilegië wëllt ofsécheren, fir de Fall wou d'öffentlech Schoul net hire Qualitéitsuspréich gerecht gëtt, fir sech iwwert de Wee vum Bezuele vun engem Minerval an eng aner Schoul kënne anzekafen.

Kee vun deenen dote véier Grënn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, rechtferteg eiser Meenung no d'Positioun vun der Demokratescher Partei zu dëser Fro, an à défaut vun deene grouse Strukturreformen, déi noutwenneg sinn, ass dat heite fir eis als LSAP, a mir bleiwen derbäi, e Verrot vun der Demokratescher Partei un der öffentlecher Schoul. An obwuel mer den Androck haten, dass an der Kommissioun et net méiglech war fir zousätzlech Amendementer zu deem Gesetz virzedroen, hu mer eis Kriticken an der Sëtzung vum 26. Mäerz ganz kloer virgedroen. Mir hunn eng Antwort kritt vun deenen zoustännege Fonctionnaires. Mir hunn eng ganz kuerz Antwort kritt vun de Majoritéitsvertrieeder. Déi Gréng hu sech eigentlech eise Positiounen zu deem Text ralliiert. Den ADR huet gesot, dass en dee Projet net géing stëmmen.

Ech wëllt op dëser Plaz nach eng kéier eis zentral Kritikke vis-à-vis vun dësem Projet virdroen.

Mir haten als LSAP vun Ufank un an der Fro vun de Privatschoulen eng ganz kloer Positioun. Mir sinn als Partei ëmmer dofir agetrueden, dass fir eis bei der Schoul d'Chancëgläichheet garantéiert misst sinn an am Vierdergrond stoen, a mir hu gesot, dass fir eis d'Aufgab vun

der Schoul déi ass, dass et een Instrument vun sozialen Opstieg soll sinn, een Instrument zum Ausgläich vun der Chancëgläichheet fir jiddereen. Mir hunn eis ëmmer fir eng total ideologiefrei Schoul agesat.

Fir eis als Sozialiste war et kloer, dass deem doten Usproch eleng d'öffentlech Schoul kéint gerecht ginn. D'Positioun vun der LSAP ass an dëser Fro ganz kloer gewiescht an ass se och nach haut. Wa virun 20 Joer et haaptsächlech ëm d'Virmachtstellung vun der Kierch gaangen ass, da muss ee soen dass dee Projet, deen haut diskutéiert gëtt, vill méi grouss Geforen a sech biergt wéi dee Projet vun 1982. En ass, eiser Aschtzung no, op enger Rei vu Punkte vill méi geféierlech.

Déi Privatschoule vun deemools, déi et haut nach gëtt, haten d'Méiglechkeet deene wiesselnde Bedürfnisser vun den Elteren an de Schüler besser gerecht ze gi wéi dat d'Méiglechkeete vun der öffentlecher Schoul waren, mat dem Resultat dass effektiv e gewëssene Prozentsaz - haut sinn et 11,3%, bal 12% vun de Schüler - an deene Privatschoule sinn. Mir vertrieeden ëmmer nach d'Meenung als Sozialisten, dass d'Privatschoulen eigentlech eng Exceptioun sollen duerstellen, wa méiglech zäitlech limitéiert.

Fir eis bleift ganz kloer prioritär d'Aufgab vum Stat, d'Schoul an d'Lag ze setzen, fir, d'selwecht wéi d'Privatschoulen, der Flexibilitéit an de wiesselnde Bedürfnisser vun den Elteren an de Kanner gerecht ze ginn. Dass de Stat dat kann, hunn ech an engem oder deem aneren Artikel bewisen. Den Här Wiseler huet mer dat zum Reproche gemaach. Ech wëll awer hei kloer an däitlech soen, dass wann ech Finnland zitëiert hunn, Här Wiseler, wou effektiv nëmmen 3% vun de Kanner a private Schoule sinn, dann hunn ech domadder wëlle soen dass de Stat, wann de politesche Wëllen do ass, esou eng performant Schoul ka maachen, dass d'Leit och do dra ginn an net brauchen op Privatschoulen zrëck ze gräifen.

Wann den Här Wiseler hei d'Mënscherechtskonventioun ervirbréngt fir dëse Projet ze rechtfertegen, kann ech dat gären och maachen: „L'Etat dans l'exercice des fonctions qu'il assumera dans le domaine de l'éducation, respectera le droit des parents d'assurer cette éducation conformément à leur conviction religieuse et philosophique“. Dat ass ee Saz aus der Mënscherechtskonventioun dee kloer seet, dass déi Educatioun, déi do gemengt ass, déi Educatioun ass, déi d'Elteren de Kanner doheem ginn.

M. Claude Wiseler (CSV). - Bei deem Saz jo, bei aneren net. Dir musst ganz zitëieren.

M. Marc Zanussi (LSAP). - Den Här Wiseler weess grad esou gutt wéi ech, dass déi Zitater an der Mënscherechtskonventioun eigentlech, wann een et op Däitsch wëllt soen, Verbotsbestëmmunge sinn, déi soen dass de Stat net därerf verhënnern, dass et d'Existenz vun anere Schoule gëtt, mä dass de Stat awer net verpflichtet ass an deem dote Mooss d'Privatschoulen ze subventionéieren. Dat steet net an der Mënscherechtskonventioun.

M. Claude Wiseler (CSV). - 14 Länner an der Europäescher Unioun hunn et anescht interpretéiert, Här Zanussi, wéi Dir dat elo maacht.

M. Marc Zanussi (LSAP). - Et gëtt eng Rei vun Uerteeler an Décisiounen vum europäesche Gerichtshaff prezis an där heiter Matière. Dir kënnt déi noliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis biergt dat heite Gesetz mëttelfristeg eng ganz Rei vu Geforen. Déi Suerge sinn zum Aus-

drock bruecht ginn an der Petitioun FGIL, Petitioun déi mir als sozialistesche Fraktioun ënnerstëtzt hu wéi och alleguerten d'Deputéierte vun der grénger Fraktioun, den Här Urbany an och eng Rei vu Membere vun der Demokratescher Partei. Si hunn all déi Petitioun ënnerschiwwen, well se enttäuscht sinn iwwert d'Positioun vun der Demokratescher Partei an där heiter Fro.

Wa mer hei iwwert d'Gefore schwätzen, da läit eng dovunner selbstverständlech fir eis an der Tatsaach, dass dëst Gesetz och elo op de Préscolaire an op de Primaire ausgedehnt gëtt. Domat gëtt eng Rei vu Privatschoule subventionéiert, an et geet fir eis ganz kloer an d'Richtung vun enger totaler Privatiséierung vun Lëtzebuurger Enseignement, eng Privatiséierung selbstverständlech mat staatleche Gelder. Fraktiounen ausgoen, wann een eng Privatiséierung mat staatleche Gelder wëllt maachen. Wann d'Subventionen vun 80% op 90% erhéicht gi bei de Funktionskäschten, a wann d'Investitiounshëllef nei geschafe gëtt an direkt op 80% gesat gëtt, a wann hei Artikele vu mir zitëiert gi sinn - wéi den Här Wiseler dat frëndlecherweis virdru gemaach huet - wou gesot gëtt, dass eng Gefor besteet, dass et eng Lawin vun zousätzleche Schoule gëtt - dat hate mer och schonn 1982 gesot - mat där Investitiounshëllef vun 80%, Här Wiseler, misst Der jo awer agestoen, dass déi Méiglechkeet an déi Gefor méi grouss si mat dësem Gesetz wéi dat 1982 de Fall war.

An eppes wat keen hei ka bestreiden ass d'Tatsaach, wien dann nach hei am Land zu dëser Zäit mat dësem Gesetz verhënnert, dass eng Gesellschaft, och eng A.s.b.l., sech zesummendeet mat lëtzebuergeschen, auslänneschen oder gemëschten Investisseuren, fir ee ganze Schoulzyklus opzebaue vum Préscolaire iwwert de Primaire zum Secondaire, an e Minerval oder Beiträig ze froen, déi nëmmen eng bestëmmte Kategorie vu Leit hei am Land sech kënne leeschten? Kee méi. Dës Regierung sécherlech net. A mat dësem Gesetz iwwerhaapt keen. Eng grouss Gefor läit dran, dass mat deem heite Gesetz dat dote sech ka maachen, ouni dass dat Gesellschafte musse sinn, déi Gewënn ofwerfen. Déi Méiglechkeet besteet. Dat huet nâischt domadden ze dinn, dass mir als Sozialiste géint de Pluralismus sinn, dat huet ledeglech domat ze dinn, dass et eis ganz eescht um Häerz läit, dass d'Chancëgläichheet zu Lëtzebuerg weiderhi garantéiert bleift, dass déi sozial Kohesioun vun der Lëtzebuurger Gesellschaft mat deem heite Gesetz a Gefor ass. Dofir wiere mir eis massiv géint dat heite Gesetz.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Asselborn an aner Riedner hu virdrun den Artikel 23 vun der Verfassung zitëiert, dass den Enseignement soll gratis sinn. An ech deele seng Aschtzung, dass dat heite Gesetz net conforme ass zu der Verfassung.

A wa virdrun ëmmer gesot ginn ass, dass déi Gefor besteet, da muss ee jo ganz kloer soen, dass wann ee wëllt verhënnern, dass et an Zukunft Eliteschoule gëtt, dann hätt ee jo kënne zum Beispill an d'Gesetz aschreiwen, dass an Zukunft och alleguerten déi Privatschoule sech sollen un déi Prozentsatz vun Auslännerkanner halen, wéi se och an der öffentlecher Schoul sinn. Et hätt ee jo och kënne soen, dass bei de Kanner, déi an de Privatschoule refuséiert ginn, d'Privatschoule musse soen aus wat fir engem Grond se d'Kanner refuséieren. Mol dat ass net fäerdeg bruecht ginn, an d'Gesetz anzeschreiwen.

A wann dann hei ëmmer erëm an de Vierdergrond geréckelt gëtt, dass am Fong d'soziolesche Struktur vun de Kanner an deene besteende kathoulesche Privat-

schoulen d'selwecht ass wéi déi an der öffentlecher Schoul, dann huet kee vun eis dat bestriden als Sozialisten. Mir hu just gesot, dass eng Gefor besteet an Zukunft dat ze verënneren. Dofir hu mir ënner anerem déi Kritik an der Kommissioun gemaach a gesot, wann et elo méiglech ass an de private Schoulen déi doten Hétérogénéitéit ze kréien, da kommt mir halen dat als Prinzip fest. Dat war net méiglech.

Wa gesot gëtt an de kathoulesche Privatschoulen ass d'soziologesch Struktur ähnlech wéi an den öffentleche Schoulen, da gëtt awer hei net vun deene Kanner geschwat, déi an der International School sinn, deenen 30. Wéi ass dann do d'soziologesch Struktur vun deenen déi 15.000 Euro oder 12.000 Euro Minerval muss bezuelen? Wéi vill Aarbechterkanner, wéi vill Kanner vu kleng Privatbeamte sinn an där Schoul?

M. Claude Wiseler (CSV).- Well déi haut nach net ënnert den Text falen. Dat ass jo awer klor, Här Zanussi. Dir musst et ëmmer ganz soen.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Ech kommen nach derzou.

Déi Äntwert huet weder den Här Wiseler nach d'Madame Rapportrice ginn, well déi Zuelen lech vläicht net an Är Ideologie, an Äre Krom passen. Mä dat ass awer eng Tatsaach.

Des voix.- Bravo!

(Interruption)

M. Marc Zanussi (LSAP).- Déi Bemierkung do, déi hunn ech gären iwwerhéiert.

Dann awer zu de Prozentsätz. Effektiv ass et komesch, dass bei deem heite Gesetz de Conseil d'Etat kee Problem domat huet, dass 80% vun den Investissementskäschte réckwierkend zrëck-bezueelt ginn. Dat ass eppes, wat eis stéiert. Dat bréngt déi Privatschoule selbstverständlech an eng ganz komfortabel finanziell Situation a fördert hiren Ausbau. Dat ass eng Retroaktivitéit, déi vum Conseil d'Etat a villen anere Projekte contestéiert gouf an déi oft mat enger Opposition formelle beluecht gouf. An deem Fall ass dat net de Fall.

Dann d'Fro: Wat kascht dat Gesetz? Dat ass net aus den Texter eraus ze fannen. Et ass méiglech de Plus u Fonctionnementskäschten ze errechnen, et ass awer schwéier ofzegesinn op wéi vill déi réckwierkend 80% sech belafen. Et ass och schwéier ofzegesinn, wat déi 80% fir zukünfteg Investissementsementer ausmaachen. Mir hunn awer d'Suerg, dass déi dote Suen der öffentlecher Schoul verluer ginn.

A wann een d'Budgete vun dem Schoulministère kuckt, an d'Madame Durdu huet dat och gemaach gehat, da stellt ee fest dass vun 2001 op 2002 mer eng Steigerung hate vu 77 Milliounen, dass mer vum Joer 2002 op 2003 eng Steigerung hate vu 40 Milliounen op 662 Milliounen, dass d'Steigerung am Budget vun 2002 op 2003 méi kleng ass wéi déi Steigerung vir-drun. Et muss ee sech elo froen, wou ginn dann d'Sue fir dat Gesetz vun deem Joer hiergeholl, wa se net der öffentlecher Schoul ewech geholl ginn? Et fënn een an deem Budget keng Spur an och keng Äntwert op déi Fro.

A wann dann hei vun den Tauxë geschwat gëtt, do revendiquéiere mer, dass déi Tauxen, déi fir d'Privatschoulen elo gültig sinn, och fir d'Gemenge Gültigkeet hunn. Déi Arguementer, déi vir-drun an d'Feld gefouert gi sinn, kënne mer net gëlle loossen. Wann et bei de Spideeler gëllt, firwat soll et dann net och bei de Schoule gëllen? Ech ka mer virstellen, dass dat sécherlech net jidderengem gefällt, mä et ass fir eis eng Tatsaach a mir bleiwe bei där Positioun.

Dann déi Fro vun der Autonomie. Do muss ee jo awer eeschtaft zouginn, dass duerch dat heite Gesetz déi Privatschoulen an d'Situation komme vun enger vill méi grousser Autonomie, enger vill méi grousser Flexibilitéit am Beräich vum Bau, vum Ausbau, vum Personal, vun den Direktiounen a leschtendlech och am Beräich vun der Exécutioun vun hire Budgeten, well déi staatlech Schoule mussen sech ofseene loossen, wat se mat deene Budgete maachen, déi se zur Verfügung gestallt kréien. D'Privatschoule brauchen dat net. Se kréien eng Enveloppe budgétaire a kënnen domadder maache wat se wëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun deenen dote Beispiller bleiwe mir als Sozialisten der Meinung, dass heimat en Déséquilibre geschafe gëtt tëschent deenen engen an deenen anere Schoulen. Mir revendiquéiere fir d'öffentlech Schoul finanziell, strukturell a politesch Reformen, déi d'öffentlech Schoul an d'Lag setzen, deene Bedürfnisser, déi et gëtt, besser kënnen entgéint ze friede wéi dat an deem Moment de Fall ass. Mer soen och ganz kloer, dass am Beräich vun der Offre scolaire, am Beräich vun de pedagogesche Konzepter, beim Budget, déiselwecht Autonomie fir d'öffentlech Schoul muss gëlle wéi dat bei de private Schoulen de Fall ass. Dat ass eng ganz kloer Prioritéit wéi mir d'öffentlech Schoul hei zu Lëtzebuerg gesinn.

Mer wëllen awer kee Krich féiere géint déi bestoend Privatschoulen. Ech wëll drun erënneren, dass mer 1982 eng Positioun hatten, déi mer och nach haut vertrieeden.

(Interruption)

Ech kommen nach zu der Positioun vun der CSV, Här Weiler.

Mer hunn als Sozialisten net wëlles e Krich ze féieren. Mir hunn 1982 an eiser Proposition de loi dofir plädéiert, dass d'Privatschoule kënnen an den öffentlechen Dingscht integréiert ginn. Den Här Urbany huet dat vir-drun zitéiert. Mir hatten deemools eng ganz kloer Positioun, déi net geheescht huet, dass mer d'Privatschoulen hätte forcéiere wëlle sech an den öffentlechen Dingscht ze integréieren. Mir hunn d'Méiglechkeet gebueden, dass d'Privatschoule sech kënnten an den öffentlechen Dingscht integréieren.

M. Claude Wiseler (CSV).- An déi, déi déi Méiglechkeet net wouer huelen, deene gitt Dir keng Finanzéierung méi? Déi Fräiwëllegkeet, déi ass awer op eng Basis gesot, déi ganz komesch ass. Déi, déi sech net integréieren, déi net maache wat Dir sot, bei deenen ass d'Finanzéierung fort. Déi aner kommen an de staatleche System eran. Also ech muss soen, dat ass trotzdeem eng komesch Aart a Weis fir ze handelen.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Jo, Här Wiseler, Dir kënnt soen, dass et vläicht eng komesch Aart a Weis ass.

Ech wëll nach eng kéier dat ervirsträichen, wat den Här Urbany vir-drun hei gesot huet. Ech hat mir dat souwiso fir meng Interventioun virgeholl.

Dir hutt als CSV an där doter Fro een Zickzackkurs un den Dag geleucht, dee wierklech erstaunlech ass. Den Här Dupong 1974 mat senger Proposition de loi, dee wollt genee datselwecht. Dee wollt d'Integratioun vun de Privatschoulen an d'öffentlech Schoul. Mä firwat wollt den Här Dupong dat zu deem Zäitpunkt maachen? Mä ganz einfach, well d'CSV deemools ugefaangen huet ze fäerten, iergendwann eng kéier kéinten d'Lëtzebuerg decidéieren, dass een anere wéi d'CSV den Educationnsministère an d'Hänn géif kréien, a se hu geduecht, loosse mer eng Proposition de loi maachen, fir wann dat eng kéier sollt de Fall sinn. D'CSV huet an der Fro vun de Privat-

schoulen een totalen Zickzackkurs gefuer, wat mat der Proposition de loi vum Här Dupong bewisen ass.

M. le Président.- Den Här Wiseler wëll lech eng Fro stellen, Här Zanussi?

(Assentiment)

M. Claude Wiseler (CSV).- Ech gesinn, Här Zanussi, dass Der d'Debatte vun 1982 gelies hutt. Do war scho genau déiselwecht Diskussioun.

Déi Zäit hat den Här Werner geäntwert op déi Fro, déi vum Här Krieps sengerzäit gestallt gi war. Dat fannt Dir op der Säit 3406 vun dem Rapport. En huet a sech geäntwert, dass 1974 effektiv den Här Dupong esou eng Proposition de loi déposéiert hat, dass awer gesot gi war, dass dat nach net duerchdiskutéiert war mat alle Partner a se sech d'Recht géingen ophale fir no de Wahlen vun 1974 deem Text ze amendéieren. An en huet dem Här Krieps 1982 d'Fro gestallt, déi ech lech dann elo och stellen: Tëscht 1974 an 1979 hat Dir jo awer den Educationnsministère. Do ware fënnef Joer Zäit fir déi Proposition vum Här Dupong, déi Dir esou gutt fannt, an d'Realitéit ëmzesetzen. Meng Fro: Firwat hutt Dir et dann net déi Zäit gemaach?

(Hilarité)

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här Wiseler, meng Riedezäit ass begrenzt. Awer op der Säit 3608 kënnt Dir genee noliessen, wat d'Äntwert vum Här Krieps deemools op déi doten Interventioun vum Här Werner war. Wann Dir d'Rapporten esou gutt gelies hutt, da wësst Dir jo och wat d'Äntwert vun deemools war.

D'alternativ Schoulmodeller. Do soe mir als LSAP e ganz kloert Jo zu alternative Schoulmodeller, wéi zum Beispill deem vun der Waldorfschoul, wou alternativ pedagogesch Konzepter an deem Projet dra sinn, déi enger Rei vu Bedürfnisser vu Kanner éischer gerecht gi wéi an der öffentlecher Schoul.

A mir soen als Sozialiste ganz kloer, dass mer bei Schoulen, déi wierklech Alternativen duerstellen, fir déiselwecht Léisung plädéieren, déi et beim Institut Emile Metz gëtt, nämlech déi Schoulen iwwert de Wee vun enger Konventioun un de Lëtzebuerg Stat erunzeféieren. De Wee vun der Konventioun erlaabt et deene Schoule méi Flexibilitéit an hire Projeten, an hirer pedagogescher Attitud ze behale wéi eng Integratioun an d'öffentlech Schoul. Mir plädéiere fir dee Modell, mat dem Resultat dass mer do selbstverständlech géngen den Defizit vun deene Schoulen iwwerhuelen a kee Minerval bräicht vun den Elteren ofverlaangt ze ginn. Domadder kéime mer der Fuerderung an dem Wonsch vun de Vertrieeder an de Vertrieederinne vun der Waldorfschoul méi gerecht no wéi dee Projet, deen elo hei an der Diskussioun a virum Vote steet.

Mir soen awer e ganz kloert Jo zu den internationale Schoulen. Eis Virstellung vun der internationaler Schoul ass allerdéngs déi, dass mer am Idealfall gären hätten, dass et eng grouss international Schoul gëtt, déi all Branchë vum Enseignement regroupéiert. Mir sinn eis voll bewosst, dass Lëtzebuerg als Standuervirdeel eng international Schoul brauch, an hunn dofir d'Meenung, dass déi Schoul grad esou wéi d'Waldorfschoul an aner alternativ pedagogesch Modeller iwwert de Wee vun enger Konventioun un de Lëtzebuerg Stat sollen erugefouert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deser Fro an an deem Gesetz gëtt et effektiv eng ganz kloer Differenz tëschent LSAP an deenen zwou Majoritéitsparteie vun haut.

Wann dat Gesetz haut gestëmmt gëtt, Här Weiler, da kann ech lech verroden, ass dat e rabenschwaaren Dag fir d'öffentlech Schoul hei zu Lëtzebuerg.

A wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Schoullandschaft hei zu Lëtzebuerg net méi déi, déi se vir-dru war. Si gëtt méi ongerecht, wéi dat zu deemem Zäitpunkt de Fall ass. Dofir géing ech schléisse mat engem Appel un allegueren déi Deputéierten, deenen d'öffentlech Schoul um Häerz läit, dëst Gesetz net ze stëmmen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass agedroen den Här Jean-Paul Rippinger. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mäin direkte Virriedner hei zum Beschte ginn huet, notamment iwwert d'Positioun an d'Attitud vun der DP mat hirem Koalitionspartner, mir hätten eis iwwert den Dësch zéie gelooss, dat ass esou abwegeg...

(Hilarité)

...an dat ass streckeweis esou ridicule a vu geballter Onkenntnis vun der Situatioun, dass ech mer erlauben net dorobber ze äntweren.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir hutt besser!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech géif da vläicht léiwer...

M. Jos Scheuer (LSAP).- Kuckt emol an déi Gesichter vun der CSV. Do sinn der dobäi, déi laachen, Här Rippinger!

(Coups de cloche de la Présidence)

Une voix.- Jo, mir héiere jo.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Et ass jo net nëmme dat gesot ginn, et ass och gesot gi mir hätten eng Kompensatioun kritt an da laache se vläicht dofir.

(Hilarité et interruption)

Ech wëll dann awer kuerz op dat agoen, wat den Här Asselborn als President vun der LSAP hei zum Beschte ginn huet. Hie wollt déi Demokratesch Partei op eng duer-siichteg Aart a Weis a Kontradiktioun mat sech selwer bréngen an huet duerfir misse wäit an d'Mattekëscht eragräifen. Et ass richtig, dass mir 1982 eng Verbesserung vun de Privatschoulen an dat Gesetz notamment matgestëmmt hunn. Mir hunn och elo eise Wahlprogramm vun 1999 ëmgesat a mir stinn trei zu dem Accord de coalition.

Dat, wat d'Colette Flesch 1987 gesot huet, kënne mer mat zwou Hänn ënnerschreien, well mer ëmmer gesot hu mir hunn eng Prioritéit fir d'öffentlech Schoulen, mä mir vernoléisegen duerfir awer net d'Privatschoulen. An dat ass keng Kontradiktioun par rapport zu deem wat d'Colette Flesch deemools gesot huet an ech ka widerhuelen, dass mir nach wie vor dat, wat d'Colette Flesch deemools als Parteipresidentin gesot huet, mat zwou Hänn ënnerschreien.

Fir awer de Maurice Pescatore vun 1912 auszegruewen, wat deen do gesot huet, dat fannen ech schonn e relativ staarkt Stéck, well mir wësse jo awer ganz genau, dass d'Demokratesch Partei, de Groupement, aus de Folge vum Zweete Weltkrich entstanen ass. Wéi den Här Asselborn hei den Här Maurice Pescatore beméit huet, dunnt huet hien dat aus dem gesamte Kontext vun der Zäit erausgeholl.

Dat, wat de President vun der LSAP hei gemaach huet, ass eng reng ideologesch Approche, an zwar am Kader vun der sozialistescher Dialektik. Hien, dee soss ëmmer opgetrueden ass a Schréften,

déi hie verfaasst huet, an och an öffentleche Sitzungen als Ayatollah vun der Trennung vu Kierch a Stat, dee wollt dat haut natierlech net méi beméien an huet sech net méi op d'Trennung vu Kierch a Stat agelooss, mä hien huet haut déi ideologesch Komponent gebraucht. Hien huet de Stat beméit an eis Verfassung, de Stat, den allmächtigen, den omniprésente Stat mat wéineg Spillraum fir déi perséinlech Fräiheet. Mat esou engem Stat kënne mir als Demokratesch Partei net d'accord sinn.

Hien huet och den Artikel 23 vun der Verfassung beméit. Ech froe mech déi Joren, wou se an der Regierung waren, firwat dass se sech net dunnt ëm den Artikel vun der Verfassung beméit hunn an och deen zitéiert hu fir d'Privatschoulen ofzeschaffen. Wat awer fir mech vill méi e wichtegt Argument ass, dat ass d'Attitud vun dem Conseil d'Etat zu deemem Projet de loi. D'sozialistesch Fraktioun, déi ëmmer erëm seet, dass de Conseil d'Etat den Hiddler, de Gardien vun eiser Verfassung war.

De Conseil d'Etat huet an deemem Projet de loi den Artikel 23 oder 26, wéi och ëmmer, ni beméit. Hien huet deen Artikel net zitéiert, also schéngt och dese Projet de loi dem Conseil d'Etat conforme zu eiser Lëtzebuerg Verfassung ze sinn. Par conter muss een awer soen, dass d'LSAP an de Joren 1994 bis 1999 vun hirem Koalitionspartner uerg gebeutelt ginn ass a si huet dat bedingungslost ofseine vun de Konventiounen vun 1998 mat agefouert.

(Interruption et hilarité)

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här Rippinger, därerf ech lech soe firwat? Här Rippinger, ma ech sinn haut nach houfreg dorobber, dass mer dat ausgehandelt hunn, an ech soen lech firwat dass mer dat gemaach hunn.

(Brouhaha général)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech weess net, ob den Här Asselborn d'Wuert huet an ob hien eng Fro gestallt huet.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dach, ech hunn den Här President gefrot. Dir hutt mech jo awer elo ugeschwat.

(Interruptions diverses)

Dir hutt den Artikel 23 vun der Verfassung zitéiert an nach en aneren, deen net richtig war.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech hu virun allem lech zitéiert.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Den Artikel 22 seet: « ...les rapports de l'Eglise avec l'Etat font l'objet de conventions à soumettre à la Chambre des Députés pour les dispositions qui nécessitent son intervention. »

Opgrond vun deem Artikel vun der Verfassung, Här Rippinger, hu mer déi gutt Aarbecht gemaach fir Konventiounen hierzestelle mat de Kierchen am Sënn vun der Transparenz, fir déi Relatiounen tëschent deene Kierchen an dem Stat ze clarifiéieren. Een, deen e wéineg méi wéi e Goldfësch politesch Gehir am Kapp huet, dee versteet dat.

(Hilarité et indignation)

M. le Président.- Här Rippinger, fuert weider.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech hunn natierlech deem näischt bäizefügen.

(Interruption)

Ech hu gesot, et gëtt eng Méiglechkeet fir Konventiounen auszehandelen. Ech hunn hei gesot, dass d'LSAP bedingungslos kapituléiert huet an dat gesäit een, wann een déi Konventiounen no-

liest. Wat ass et gewiescht? Eng Konventioun tëschent der Regierung an dem Bistum, eng Konventioun tëschent der Regierung an den israelitesche Communautéiten, eng Konventioun tëschent der Regierung an der protestantescher Kierch an eng Konventioun tëschent der Regierung an der griichescher orthodoxer Kierch.

A wéi huet de Projet de loi geheesch? En huet geheesch « Projet de loi portant refixation des cadres du culte catholique et réglant certaines matières connexes », wann ech elo op deen éischten aginn. Et war also net nëmmen d'Konventioun tëschent Kierch a Stat oder tëschent der Regierung an de Reliounen, mä et ass och ëm d'Ministres du culte, ëm d'Laienpriester an ëm d'Katechiste gaangen.

(Interruption)

Maja, dat steet net an der Verfassung. Do muss ee just soen, dass d'LSAP bedingungslos kapituléiert huet, an ech zitieren den Här Asselborn wéi hien hei doriwwer geschwat huet.

(Interruptions)

Här President, ech kéint dem President vun der LSAP soen, hien huet deemools gesot och de Public dobausse keeft lech esou Platiiden net of. Ech géif him datselwecht elo retournéieren haut als Verrieder vun der Demokratescher Partei.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- An da gi mir et erëm zrëck.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech zitieren elo de President vun der LSAP. D'Sozialisten haten an hirem Programm 1994 stoen - dat war seng Interventioun deemools bei de Konventiounen -, dass si bereet wäeren, an dat muss ech ënnersträichen, fir an enger Koalitioun mat der CSV, wat jo net einfach ass, well do eng lénks an eng riets Partei sech zesummen doen, dee gréisste gemeinsamen Nenner ze fannen an op deem Thema eppes ze bewegen.

„An der Politik“ - an dat ass gutt fir hien an der Oppositioun - „bréngt et näischt permanent ze lamentéieren, ze opponéieren a sech an endlos Tiraden anzeloossen, wann ee keng Bewegung an d'Spill erabréngen kann.“ Et ass awer genau dat, wat si haut maachen.

„Mir wësse ganz kloer,“ ass hie virugefuer „dass heimat dee laizistische Stat net proclaméiert gëtt, mä mir wëssen awer, dass dëst e Schrëtt ass, och wann et nëmmen e kleng Schrëtt ass.“ Ech constatéieren, Här President, dass d'LSAP mat wéineg zefridde war.

Wa mer elo op d'Privatschoulen nach eng Kéier ze schwätze kommen, da muss ech soen, dass och d'LSAP et net fäerdeg bruecht huet an der Koalitioun mat der CSV se ofzeschaffen. Anscheinend mussen si se awer gutt behitt hunn, well déi Privatschoulen jo ënnert hinnen e gewëssenen Essor kritt hunn an haut bis zu 11,6% vun de Kanner an déi Privatschoule ginn.

(Interruption)

Wat ech haut net verstinn, dat ass: Wat géinge se mat deene Schüler maachen, wa mer dat vollzéie géingen, wat d'LSAP eis hei proposéiert.

(Interruption)

Dat wat ech natierlech formidabel fannen, dat ass dass se fir gewësse Privatschoule sinn awer fir aner net. Méi sectaire kann ee jo an der Politik net sinn.

(Brouhaha général)

Si sinn nëmme géint déi konfessionnell Privatschoulen, mä fir déi aner si se. Ech soen lech och firwat dass se fir déi aner sinn. Ech zitieren do e Bréif - d'Madame Durdu huet mech autoriséiert dat ze maachen - vum President vun der Chambre de commerce américaine au Luxembourg.

Déi huet der Madame Agny Durdu Folgendes geschriwwen: « En outre, nous demandons d'urgence votre soutien pour cette initiative cruciale » - gemengt ass dese Gesetzestext - « à la communauté internationale des affaires au Luxembourg et pour le développement futur du Luxembourg comme centre international des affaires ». Dat ass dat, wat déi Leit schreiwen, an duerfir dee Volte-face vun de Sozialisten. Am Ufank ware se an hirem Steeseler Pabeier géint sämtlech Privatschoulen an elo si se nëmmen nach géint déi konfessionnell. Ech muss soen, dat ass a mengen Aen e staarkt Stéck.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen, ech hunn et nach allze vill gutt verstanen. Dat wat ech eigentlech net verstanen hunn, dat ass firwat dass den OGB-L sech esou bedeckt gehalten huet an dëser Affär vum LCGB. Et ass wéineg geschwat gi vun de Gewerkschaften, déi jo awer ëmmer beméit gi fir hei an deem Plenum ze soe wat si menge vun dem Sujet, an de President vum OGB-L verpasst jo och keng Geleeënheet fir zu alle Sujeten, déi et nëmmen an der Politik gëtt, Stellung ze huelen. Ech kënnt mer eventuell virstellen, firwat dass den OGB-L sech bedeckt gehalten huet. Mä wann all déi Schüler vu Leit, déi am OGB-L sinn, géifen aus de Privatschoulen austrieden, dann, mengen ech, misste mer se vläicht ofschafen.

(Interruptions diverses)

Ech zitieren jo den LCGB net gären, mä nach muss ech dat awer haut maachen. „Der Vorwurf, die Privatschulen würden im Gegensatz zu den öffentlichen Schulen nach Verabschiedung des neuen Gesetzes finanziell bevorzugt, grenzt nahezu an Überheblichkeit und Dummheit derjenigen“, dat wat den Här Asselborn mir virwerft, „die sich gegen eine staatliche Finanzierung der Privatschulen wenden.“

Dat heescht also, wat géinge se maachen, Här President, wa se d'Privatschoulen, och nëmmen déi konfessionnell, ofschafe géingen? Wat geschitt mat de Schüler? Wat geschitt mat de Professeren? Wat geschitt mat den Infrastrukturen a wéi ginn déi Leit dann indemniséiert? Do muss ech soen, do ass kee Réckgrat dran a mat esou enger Attitüd kënne mir net d'accord sinn. Dat wat de President vun der LSAP hei zum Beschte ginn huet, dat sinn, géif ech soen, lauter Platiiden. Dat ass Konsistenzlosegkeet. Et ass en Discours vun engem ewig Gestrigen an ech muss soen, mat senger Führung an der LSAP gesäit déi Partei al aus. An ech géif soen, dass den Discours vun der LSAP en ideologeschen haut war. En ass net méi zäitgeméis. E passt net méi an d'21. Jorhonnert. Dofir ass och, an dat hunn d'Leit haut dobausse gemierkt, d'LSAP keng echt Alternativ fir 2004 d'Politik hei am Land ze maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jos Scheuer agedroen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Den Här Goebbels an den Här Poos sinn och der Meinung vum Här Rippinger.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus Zäitmangel eng gekierzte Versioun vun deem wat ech wollt soen, mä par acquis de conscience maachen ech et.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Huel lech roueg Zäit. De Rapporteur huet néng Minutten iwwert d'Zäit geschwat.

M. le Président.- Loosst den Här Scheuer schwätzen! Wat huet den Här Rapporteur elo hei mam Här Scheuer ze dinn?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Déi néng Minutten hätte mir awer och gär!

M. le Président.- Mir sinn net klenglech bei esou engem Projet. Mir huelen elo net de Chronometer erbäi.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Scheuer, huel lech roueg Zäit. Dir sidd gutt.

M. le Président.- Dir sollt awer elo net iwwerdreiwen!

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, et wier fir d'éischt wou mir zwee eis net géife verstoen.

Also eng gekierzte Versioun, leider, mä par acquis de conscience maachen ech et awer.

Et ginn dräi Avisé vum Statsrot zu deemem Projet an ech mengen déi Avisé vum Statsrot sinn och d'Spigelbild vun der öffentlecher Meinung zu deem Gesetz.

Den éischte majoritären Avis iwerhëlt quasi den Exposé des motifs an de Schlüsselsaz an deem Avis ass deen heien: „Le Conseil d'Etat ne peut-il qu'apporter son appui à la régularisation des situations de fait.“ Keng inhaltlech Auseinandersetzung mat der Roll vum Stat an der Schoulpolitik, dem Erziehungswiesen, mä reng formal Amendementer, déi de Statsrot abréngt.

Den zweete minoritären Avis bedauert, dass den Enseignement privé nach ëmmer défavoriséiert ass a bedauert, dass de Stat autoritär an den Enseignement agraift an d'Privatschoul quasi diskriminéiert. Dat ass schonn eng politesch Ausso: D'Recht vum Einzelnen, dat heescht d'Recht vun den Elteren an deem Fall, gëtt iwwert déi sougenannt Statraison gestallt, mä implizit gëtt an deem Avis awer d'Roll vum Stat unerkannt.

An den drëten Avis, dee setzt sech fundamental aussernee mat der Relatioun tëschent öffentlecher Schoul a Privatschoul. E geet och aus vun der Constitutioun. En zitiert den Artikel 23 an deem d'Responsabilitéit vum Stat déeterminéiert gëtt a freet firwat de privaten net progressiv zesumme fléissee sollen. An d'Quintessenz vun deem, a mengen Aen, excellenten Avis, deen an de staatspolitesche Fong vum Problem geet, ass d'Suerg ëm den Zesummenhalt vun der Lëtzebuerger Gesellschaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz setzt Zeechen, setzt Jalonen. Dat ass gewosst vun der DP an vun der CSV. Mä si hunn, an ech hunn dat haut an de Beiträg vun de Majoritéitsdeputéierte festgestallt, keng Bereitschaft fir eng Diskussioun iwwert de Fong ze féieren. De Rapport vun der DP-CSV-Majoritéit ass dann och symptomatesch, an d'Motivatioun, fir dëst Gesetz virzeleeën, léisst sech an engem eenzege Saz zesumme faassen. D'Koalitioun gëtt de private Schoulstrukturen, déi et zu Lëtzebuerg gëtt, d'Garantie, dass se an deemselwechte Kader wéi bis elo weiderfuere kënnen, mä ënner materiell verbesserte Konditiounen. Dat ass d'Zesummefaassung vum Rapport.

An domat aktéiert dës Chamber dann haut de politesche Wëllen, fir zwee oder souguer dräi Schoulsystemer nientenenee lafen ze loosse, ouni dat awer och duerch dat Gesetz eng eenzeg Weich gestallt gëtt, fir dat Auseinanderdrifte vun de private Schoulen an vun de Statsan vun de Gemengeschoulen ze verhënneren. Au contraire. Den Enjeu vun deem Gesetz ass a mengen Aen deen heien. Et geet ëm d'Zukunft vu Lëtzebuerg an d'Zukunft vum Lëtzebuerger Gesellschaftsmodell hänkt dovun of, dass

d'Kanner aus alle gesellschaftleche Schichten an alle Schoulen nientenenee an der Bänk setzen, dass Lëtzebuerger Kanner nient de Portugisen, nient den Albaner, Kosovaren an Iraner an der Klass setzen a Lëtzebuerger Schoulen.

Zweetens dass de Katholik an de Protestant, de Muslim an den Animist déiselwecht allgemeng gültig Wäerter, nämlech d'Mënscherechter vermëttelt kréien, dass si de Respekt virun de gesellschaftlechen a politesche Strukturen vu Lëtzebuerg an enger Schoul vermëttelt kréien. Dass d'Kanner aus deenen honnert Nationalitéite léieren, dass d'Stärkt vun der Lëtzebuerger Demokratie besteet am Akzeptéieren vun engem strukturéierten Zesummeliewe vun ënnerschiddleche Bierger. An dat ka keng international Schoulfirma garantéieren. Dat ka keng Entreprise X garantéieren, déi sech hir Dängschter bezuele léisst. Dat kann awer och keng Reliounsgemeinschaft garantéieren, an dat ass eng Glawensgemeinschaft ëmmer, déi eventuell esouguer op enger karitativer Basis gutt bis excellent fonctionnéiert.

Nëmmen de Stat, den demokratesche Rechtsstat, deen esou strukturéiert ass an deem seng fundamental Wäerter esou definéiert sinn, dass all Bierger sech dran erëmfënnt, kann a muss dëst Zil ëmsetzen a muss och dat Ideal, well et ass en Ideal, ustriewen. Nëmmen e laizistesch demokratesch ausgerichte Stat kann dat ëmsetzen. Dat heescht net implizit, dass keng Reliounscourse kënnen ofgehale ginn oder dass déi sollte verbuede sinn. An de Stat muss och den Uspréich vu senger Bierger eng entsprechend Offer ubidden. Dat ass d'philosophesch, politesch Approche, och vu menger Partei zu deem Gesetz an och meng perséinlech Approche.

Ech wëll kuerz zwou Froen opwerfen.

1. De Rapport, wat ouni Zweiwel en eierbare Rapport ass, bréngt ganz vill Chifferen, fir d'Virwërf ze relativéieren, besonnesch den Avis minoritaire négatif. Mat Statistike gëtt da bewisen, dass d'Privatschoulen, an deem Fall d'Kongregatiounsschoulen, sech net an der Populatioun vun de Statsschoulen ënnerscheeden. Si bidde just méi. A wat se méi bidden, dat gëtt opgezielt. Dat ass d'Betreiung, dat ass d'Protektioun vun den Elëven. Mä Programmer a Methode sinn déiselwecht. Ass dat e Mérite? Firwat ginn dës Schoulen dann net vum Stat iwwerhollt? Dat ass déi fundamental Fro, déi sech stellt. Firwat muss de Stat déi Schoulen net iwwerhuelen? Firwat halen d'Träger vun dese Schoulen op hir Onofhängegkeet? Firwat hale se op hir Privilegien an huelen a Kaf, dass se bestëmmt Zommen elo nach ëmmer opbréngen müssen, fir hir Schoulen um Goen ze halen?

Am Rapport zum Gesetz gëtt dat motivéiert. Et gëtt vun Tradition geschwat. Et gëtt vun engem besseren Accueil geschwat. Et gëtt vun enger eenzeger, vun enger eegener Personalitéit geschwat. Ech fro ganz einfach, wou besteet den Ennerscheid tëschent deene Schoulen, déi, wat d'Methoden ugeet a wat de Programm ugeet, identesch si mat der öffentlecher Schoul? Wou besteet den Ennerscheid zur öffentlecher Schoul? Firwat, Madame Minister, hunn dës Schoulen net profitéiert vun der Geleeënheet, vun der Fräiheet déi se haten zënter 1982 fir dräi Schoulen anescht ze miwwelieren wéi d'öffentlech Schoul?

Et ginn zwee Privilegien, déi déi Schoulen hunn an déi se behalen, an dat mécht de Wäert vun hinne fir d'Träger aus.

Éischten ass et d'Méiglechkeet fir e Choix, eng Selektioun vun den Elëven ze maachen. D'Fro ass net, ob si se maachen. D'Fro ass: Erhale mer d'Méiglechkeet fir dee Choix ze maachen oder schaffe mer Obligatiounen fir de Recrutement vun den Elëven aus?

En zweeten Avantage ass: Si kënnen e Choix vun den Enseignante maachen. Jidderee weess, dass en Enseignant seng Gesënnung huet, an dass hie seng Gesënnung mat eran an de Cours bréngen kann.

Dat sinn déi zwee Privilegien, déi d'Schoule behalen. Fir de Rescht kënnen si sech adaptéieren, awer op Grond vun deenen zwee Privilegien ka schonn d'Zukunft vun den Elëven an d'Zukunft vun de Schoulen anescht gestalt gi wéi dat an der öffentlecher Schoul méiglech ass.

Zweete Froekomplex. All raisonnable Mënsch weess firwat et international Schoulen zu Lëtzebuerg gëtt. Si sinn d'Trëmp an der Lëtzebuerger Economie an den Här Meisch huet dat exemplaresch gutt elei duergestallt, an dunn, bewosst, déi völeg falsch Konklusioone gezunn Si fänken déi Kanner op, déi keng Chance am öffentleche Secteur, respektiv am Congrégationsssecteur oder awer souguer an der Europaschoul hätten. Déi international Schoule schaffe mat Programmer a Methoden, déi déi aktuell Lëtzebuerger Schoul net unzëbitten huet. Si kënnen se net ubidden. Ergo sinn dat echt alternativ Schoulen op déi mer ugewise sinn.

Ass et elo falsch fir ze soen, dass de politeschen a wirtschaftleche Standort staark ofhängeg ass vun der Presenz vun internationalen Schoulen zu Lëtzebuerg? Wann d'Antwort jo ass, da froen ech dës Majoritéit awer wierklech firwat dës Schoulen nëmme mat 40% subsidiéiert ginn an ech wëll lech weise wéi de Rapport sech esou e bëssen virun enger klorer Ausso dréckt an eng ganz komesch Logik entwéckelt.

Ech liese vir - Dir mierkt dann dee Gedankesprong, deen d'Madame Durdu mécht -: « Il est vrai que le taux d'aide accordé aux écoles n'appliquant pas le programme national est limité à 40% au niveau des frais de fonctionnement. » Da seet se: « Cependant, la Commission estime que ce faisant le Gouvernement reste fidèle à son principe d'accorder la priorité à l'enseignement public. » Et misst een ergänzen: den Enseignement public an de Congregationsschoulen, déi awer incapabel sin, fir dese Kanner déi Ausbildung ze ginn, déi se am Fong mussen hunn, fir dass hir Eltere kënnen zu Lëtzebuerg liewen, a fir dass sech si hei zu Lëtzebuerg an der Gesellschaft liewe kënnen. Dat ass eng schonn zynesch Logik, déi sech net hält.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et besteet en histoiresch direkten Zesammenhang tëschent dem Entstoe vun der politescher Demokratie an der Aféierung vun der fräier duerch de Stat garantéierter öffentlecher Schoul. Den Terme Cohésion sociale ass kee Schlagwuert mat deem een einfach esou ëmgeet wéi ee wëllt, mä bezeechent eng Aufgab, déi all d'Regierung vu Lëtzebuerg an hir Programm geschriwwen haten an an Zukunft dra schreiwe müssen.

Viru Jorzéngten ass gekämpft ginn, fir de Minerval ofzeschaffen. Dat läit nach net laang zrëck. Bis an d'50er Jore si munnech Kanner dru gehënnert ginn, duerch d'Existenz vum Minerval, fir an de Lycée ze goen. An de 70er Joren ass eréischt d'Mixitéit an der öffentlecher Schoul agefuert ginn an zënter Jorzéngte kämpfe mer, a mir wäerten dat och nach Jorzéngte maachen, fir d'Integratioun vun den Auslännerkanner an d'Lëtzebuerger Gesellschaft. Mir kämpfe munchmol géint Wandmillen a mir packen et net, wa mer eierlech sinn, fir eng Integratiounsschoul ze schafen.

Dat Gesetz hei erhéicht a mengen Aen d'Gefor, dass zu Lëtzebuerg e Schoulsystem ausgebaut gëtt, dee vu Gruppen opgebaut gi kann an dirigéiert gi kann, Gruppen, déi Lobbyfunktioneen hunn.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Dir hutt elo gläichgezu mat der Madame Rapprorice. Kommt zum Schluss, Här Scheuer!

M. Jos Scheuer (LSAP).- Ech sinn elo direkt fäerdeg, Här President.

(Interruptions)

Den Här Wiseler behaupt, dass d'Elteren e Recht drop hu fir d'Education an d'Formation vum hire Kanner ze bestëmmen. Ech behaupten, dass de Stat, dass d'Politik d'Pflicht huet fir d'Education an d'Formation vum de Kanner esou ze organiséieren, datt se fir all Elteren an all Kanner eng optimal Offer enthält. Fir Lëtzebuerg ass dat kee Combat d'arrière-garde, mä et ass e Programm, deem ëmmer nees nei muss iwwerduecht ginn.

Da wollt ech der Madame Minister als Ofschloss dräi Zeile virlesen. Si gëtt mir da vläicht eng Äntwert dorop. En Här huet mer e Mail gemaach an hie seet dat heiten - ech liesen nëmmen een Deel vir -: „Et geet em mäi Jong, fënnef Joer al, deem d'Symptomer vun ADS huet (attention deficit disease). Hie war bis elo an der International School. Dës Privatschoul huet mer elo matgedeelt, dass si hien net méi an der Schoul behale wëllen.“ De Papp zitt dann d'Konklusioun: Privatschoule kënnen geneigt sinn e gewëssene Cherry picking, d'Roséngen erauszehuelen, vu caféfreeë Kanner ze maachen. Kanner, déi wierklech Hëllef brauchen, ginn ze deier am Opwand. Madame, wat soll deem Här maachen?

Merci fir d'Opmierksamkeet.

(Interruptions)

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet nach d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach kuerz d'Wuert ergräife fir nach e puer Iwwerleeunge vun eiser Säit mat an déi heiten Diskussioun eranzebréngen.

Ech mengen, wann een d'Diskussioun de Mëtten hei verfollegt huet, da war et iwwer grouss Längten virun allem eng ideologesch Diskussioun, wou verschidde Leit nach an engem Sënn, deem awer menger Meinung no hautdesdags zumindest am Schoulwiesen iwwerlieft ass, nach agéiert an diskutéiert hunn.

D'Elteren, déi hir Kanner haut an eng Schoul schécken, ob dat eng öffentlech oder eng privat Schoul ass, maachen de Choix sécherlech net opgrond vu reliéisen Iwwerleeungen, mä si maachen de Choix ganz einfach an deem Sënn, datt se hir Kanner wëllen an eng Schoul kréien, wou si mengen hir Kanner wieren am beschten an där Schoul opgehoff. Ech mengen, dat wier haut den eenzege Kritär no deem d'Leit wahrscheinlech jugéieren, wou se hir Kanner an d'Schoul schécken.

Eng Fro, déi ee sech stelle kann an déi de Mëtten hei e puermol opgeworf ginn ass: Kréie mer doduerch, datt d'Privatschoulen staatlech subventionéiert ginn, en Zweeklasseschoulsystem? D'Äntwert ass kloer neen.

Ech géif souguer soen, dass, wa mer d'Privatschoulen net staatlech subventionéiere géifen, mer dann den Zweeklassesystem schafen, well dann nëmmen nach en Deel vun deene Leit, déi net mat der öffentlecher Schoul zefridde wieren an hir Kanner gäre géifen an eng Privatschoul ginn, sech dat nach leeschte kéinten. Déi Leit, déi sech dat net leeschte kéinten, kéinten dann net méi vun där Geleeënheet profitéieren, mä déi aner géife sech dat awer leeschten, hei am Land oder am Ausland. Esou dass am Fong duerch eng Subventionéierung vun de Privatschoule keen Zweeklassesystem hei entsteet, mä dass en domadder ënnerbonne gëtt. Och dee Minerval, dee bezuelt...

(Interruption)

Här Weiler, ech fänke lues a lues u mer Gedanken ze maachen, well Dir kommt ëmmer méi zu der Konklusioun, dass ech Recht hunn, an ech weess net wou dat higeet, wann dat esou weidergeet. Mä déi nächst Woch kréie mer vläicht d'Geleeënheet, fir dass mer eis emol erëm eng Kéier net méi eens sinn. Mä wie weess, vläicht gi mer eis och déi nächst Woch eens.

(Interruption)

De Minerval, deem an de Privatschoule gefrot gëtt, deem tëschent 250 an 300 Euro d'Joer läit, ass sécherlech kee Montant deem dozou féiert dass ee soe kann, dass mer hei am Land en Zweeklasseschoulsystem hätten.

A wann een dann an d'Statistiken - a si sinn de Mëtten hei e puermol ernimmt ginn -, mä ech wëll se awer nach eng Kéier ernimmen, virun allem nodeem d'Sozialisten hei nach eng Kéier drop higewisen hunn, well ech drun erënnere wëll wéi héich dass de Prozentsaz vun Aarbechterkanner ass. Et heescht jo awer schliesslech Lëtzeburger sozialistesche Aarbechterpartei an ech huele jo un, dass deem A nach ëmmer fir Aarbechter steet. Mir hunn da Privatschoulen, wou iwwer 50%, iwwer 60%, souguer 68% Kanner vun Elteren aus dem Aarbechtermilieu dra ginn.

Da kann een also net vun engem Zweeklassesystem vu Besserverdenger oder manner Besserverdenger schwätzen. Dann ass dat de Beweis, dass och do virun allem déi Leit aus dem Aarbechtermilieu hir Kanner kënnen an déi Schoule schécken, wat also eng Chancégläichheet ass. Wann ee mat de Leit aus de Privatschoule schwätzt, da gëtt souguer dee Minerval, wann do Familljen dobäi sinn, déi déi 250 oder 300 Euro d'Joer net opbrénge kënnen, am Prinzip emol net ageklot. Ech mengen, et soll een dat awer fairerweis...

(Interruption)

Här Zanussi, Dir hutt virdu geschwat. Ech hunn lech net ënnerbrach. Ech wëll just nach e puer Iwwerleeunge vun eiser Säit hei mat erabréngen.

Mir schwätzen hei vun aacht Privatschoulen a mir schwätze vun 11,3% vun de Lëtzeburger Schüler, déi a Privatschoule ginn. Dobäi hu mer net d'Zuel vun deenen nach dobäi, déi an d'Ausland ginn. Domadder géif de Prozentsaz wahrscheinlech net änneren, well déi 11,3% - dat huet den Här Wiseler mer gesot - bezéie sech reng op d'Zuel vun de Kanner, déi hei zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn.

Mä wa mer géifen d'Kanner dobäi rechnen, déi an auslännesch Schoule ginn, da géif d'Zuel als solch awer an d'Luucht goen. A wa mer keng Privatschoulen hei zu Lëtzebuerg hätten, da géif d'Zuel vun deene Kanner, déi wahrscheinlech an d'Grenzregioun, an d'Ausland géifen an d'Schoul goen, och nach zousätzlech klammen, well mer manner Privatschoulen hei am Land hätten.

Ech brauch net méi anzegoen op deem ideologesche Kampf, deem d'sozialistesche Partei haut de Mëtten hei gefouert huet. Ech ka mech erënnere, dass wéi mer virun e puer Joer, an de Jean-Paul Rippinger huet dat de Mëtten hei erkläert, iwwert d'Konventiounen mat der Kierch geschwat hunn, mer net vun enger Subventioun vun 60%, 70% oder 80% geschwat hunn, mä do hu mer vun enger vun 100% geschwat, déi vun de Sozialisten d'Ennerstëtzung fonnt huet.

An där Diskussioun vun de Mëtten hunn déi eng gesot: „Wa mer dat heite stëmmen, dann ass dat e schwaarzen Dag fir d'öffentlech Schoul“. Dat ass hei vun der sozialistescher Partei gesot ginn. Dat ass gesot ginn, well ebe Konkurrenz tëschent der öffentlecher an der privater Schoul besteet, well eben do gefäert gëtt d'Privatschoul

wär besser, si wär méi flexibel, si hätt eng eege Personalitéit, si hätt e besseren Encadrement a si géif eng besser Protektioun bidden an duerfir géingen d'Elteren dee Choix do maachen.

Déi ganz Diskussioun huet also bewisen, déi eng, déi dofir, oder déi aner, déi dogéint geschwat hunn, dass am Fong duerch d'Bank d'Meenung heibanne sech erauskristalliséiert huet, datt d'Privatschoulen an der Opinioun vun eis heibanne besser sinn, well wa se net besser wären, da bräicht jo och déi Angscht virun de Privatschoule vis-à-vis vun den öffentleche Schoulen net esou grouss ze sinn. A well eben d'Leit haut vill tendéiere fir a Privatschoulen ze goen, esou huet dat mat dem Resultat vun eiser öffentlecher Schoul ze dinn.

D'PISA-Etüd huet jo bewisen, wou eisen Niveau vun de Schoulen ass. Dat ass allerdéngs net hei duerch d'Subventionéiere vun de Privatschoulen ze behiewen, mä dat ass einfach d'Resultat vun enger Schoulpolitik, déi iwwer Jorzéngten hei am Land bedriwwen ginn ass, déi dat eben zum Resultat huet, esou dass hei am Land d'Tendenz zu de Privatschoule méi grouss ass.

Wa mer a Finnland kucke ginn, déi an der PISA-Etüd jo ganz vir leien, do ginn nëmmen 3% an d'Privatschoulen, wat also de Beweis ass, dass d'öffentlech Schoul do esou gutt ass, datt d'Leit net a Privatschoule ginn. D'Konklusioun ass ganz richtig: Mir musse kucken, dass wa mer Privatschoulen net wëlle weider opkomme loosse am Kader vun der Konkurrenz, da musse mer de Courage hunn d'öffentlech Schoul esou ze reforméieren, dass d'Leit kee Problem domat hu fir hir Kanner an d'öffentlech Schoul ze schécken, datt se soen d'öffentlech Schoul ass wuel esou gutt wéi d'Privatschoul, mir schécke se genau esou gären dohinner.

Da stellt sech natierlech d'Fro: Firwat ass dat dann awer net esou? Et gëtt vill doriwwer diskutéiert. Firwat gëtt jorzéngtelaang hei am Land doriwwer diskutéiert? Och Är Partei, Här Asselborn, war 15 Joer mat an der Regierung, wou mer dann zum Schluss d'PISA-Resultat kritt hunn. Et ass awer näischt an déi Richtung geschitt. Déi wesentlech Akzenter, déi an der öffentlecher Schoul misste gesat sinn, si bis haut nach net gesat ginn an och des Regierung wäert déi Akzenter net kënnen setzen, well och d'Demokratesch Partei Handschellen un huet an deem Dossier, well se sech eben bei deene leschte Wahlen am Fong engem Secteur...

(Interruption)

Jo, se sinn onsichtbar, mä jiddferee weess, dass Dir se un hutt, well d'Demokratesch Partei sech eben un eng Gewerkschaft bei de leschte Chamberswahlen, wéi soll ech soen, verkaaft huet a wou se och Leit aus der Gewerkschaft mat op der Lëscht hat, haut an der Regierung huet an déi souguer an de Schoulmeeschtergewerkschaften mat dra sinn. Duerfir huet se d'Hänn gebonne fir déi Reformen duerchzezéien, déi missten duerchgezu ginn.

Ech wëll net soen, dass eng Reform ouni d'Enseignanté ka gemaach ginn, mä se kann net exklusiv mat den Enseignanté gemaach ginn, se muss och mat deenen aneren Träger vun der Schoul gemaach ginn, mä si gëtt hei vun enger Kategorie awer geleet an dofir wäerte mer och net erliwene, dass des Regierung de Courage opbréngt fir déi Reformen an der öffentlecher Schoul duerchzezéien, déi missten duerchgezu ginn.

Als Konklusioun géif ech soen, Här President, datt den Erfolleg oder

de Mësserfolleg vun de Privatschoulen eenzeg an eleng vun der Qualitéit vun der öffentlecher Schoul bestëmmt gëtt. A wann d'öffentlech Schoul verseet, da solle mer frou sinn dass mer d'Privatschoul hunn.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Erzéiungsmi-nister Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, all Kéiers wann hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Privatschoule geschwat ginn ass, dann huet dat deelweis zu heftegen Ausernanersetzungen gefouert, souwuel heibanne wéi och dobaussen.

Wann ech awer dat vergläiche mat deem wat 1982 wor, dann ass am Fong kee Vergläich méi do. Déi Zäit, 1982, kann ech mech erënnere, dass dat eng ganz aner Debat war, an dass dunn dobaussen och vill méi un där Debat participéiert ginn ass, dass den Intérêt vum Public vill méi grouss war wéi haut. Doraus schléissen ech, dass dee Problem, dee mir haut debatéieren, am Fong ee Problem ass, deem net dobausse grouss Masse méi beweegt, well et e Problem ass, deem déi meeschte Leit zum Gléck net méi ideologesch ugin.

Fir dass am Ufank vun der Debat gläich keen Zweifel opkënn, Här President, ech war, ech sinn an ech bleiwen e Verfechter vun der öffentlecher Schoul, déi besonnesch hei zu Lëtzebuerg de Garant ass vun der sozialer Kohesioun, an déi ons d'Méiglechkeet gëtt alle Composanté vun eiser Gesellschaft Rechnung ze droen. Ech mengen och soen ze kënnen, dass ech a mengem Engagement an der Education nationale säit 1999 bewisen hunn, wat alles muss an der öffentlecher Schoul beweegt ginn.

Allerdéngs muss een awer, wann een dësen Thema ugeet wéi och bei aneren Themen, d'Situatioun objektiv analyséieren an et därerf een net mat Scheiklappen un d'Problematik erugeen. Et muss een an esou enger Ausernanersetzung wéi an allen Ausernanersetzungen all d'Facetté belichten. A mat virgefaassten ideologesche Meenunge kann ee kaum komplex Problemer ugoen, geschweigs da léisen.

Wéi schwierig déi Debat hei awer ass, weisen déi dräi Avisé vum Conseil d'Etat. Et ass éischter rar, dass et dräi Avisé vum Conseil d'Etat gëtt. Deen ee minoritären Avis ass géint de Projet de loi, well e fënn e géng ze wäit goen. Deen anere minoritären Avis seet de Projet de loi géng net wäit genuch goen. An de majoritären Avis vum Conseil d'Etat seet, dass et e Projet ass, dee gutt ass, an e mécht Verbesserungsvirschléi, déi d'Kommissioun dann och iwwerholl huet. Et ass deem Text, deem hei zum Vo-te virgeluecht ginn ass.

Här President, wann een d'Evolutioun vum Schoulwiese kuckt, da muss een dat ëmmer an der Zäitachs maachen an et muss ee se och an de Kontext vun der jee-weileger Zäit ersetzen. Aus der histoirescher Distanz musse mer wëssen, dass wa mer haut mat Stolz 400 Joer vum Kolléisch feieren, dann ass dat well viru 400 Joer d'Jesuiten zu Lëtzebuerg eng Schoul gegrënnt hunn.

Och musse mer unerkennen, dass de Virleefer vum Meedercherslycée, deem érischt 1911 zu Lëtzebuerg gegrënnt ginn ass, Kongregatiounsschoule waren, déi sech ëm d'Weiderbildung vun de Meedercher gekëmmert hunn. Si hunn et also vläicht aus Iwwerzeegungen eraus gemaach, déi ech net onbedéngt deelen, mä et muss een awer unerkennen, dass se do-duerch e Mouvement déclenchéiert hunn, dass d'öffentlech Hand duerno reagéiert huet a sel-

wer d'Instruatioun an d'Hand geholl huet.

Wann ech zum Beispill op d'Instruatioun vun de Meedercher zréckgräfen. 1911 hate mer de Lycée de jeunes filles, dee gegrënnt ginn ass. 1891 ass awer de Fieldgen gegrënnt ginn. Och dat war e Précurseur. Et ass also ganz kloer, dass een et ëmmer am Kontext vun der jeewelleger Zäit muss analyséieren. Wann een dat mécht, da muss een natierlech feststellen an zum Gléck feststellen, dass d'Situatioun haut eng aner ass.

Haut hu mer am privaten Enseignement niewent den traditionellen Kongregatiounsschoulen, wou d'Zuel - an dat ass e puermol hei ënnerstrach ginn - erof gaangen ass vun 1982 un, deemools hate mer nach siwe Kongregatiounsschoulen, haut sinn et der nëmmen nach véier, säit 1982 eng ganz Rei vun internationale Schoulen, déi de Besoiné vun deene Rechnung droen, déi nëmmen zäitweis hei am Land sinn. Déi Schoulen hu sech besonnesch am Laf vun den 80er Joren entwéckelt, esou dass am Gesetz vun 1982 dese Schoulen nach iwwerhaapt keng Rechnung gedroe gi konnt.

Säithier hunn awer déi sukzessiv Regierungen déi Privatschoulen ënnerschiddlech ënnerstëtzt, mat Infrastrukture beispillsweis, wou säit zwee Joer d'Schüler vun der International School jo awer nawell verwinnt gi sinn, well dat integral vum Stat finanzéiert ginn ass, e Gesetz wat mer hei gestëmmt hunn. Et ass eng Décisioun vun der Regierung geholl ginn, dass d'Energiekäschtchen vun de Privatschoule vum Stat sollen iwwerholl ginn. Iwwert de Budget ginn all Joers Subsidé gestëmmt, déi un d'Primärschoule vun de Privatschoule ginn.

An do muss ech lech soen, Här President, sinn ech awer e bësse paff, wann ech héieren, dass elo vun de Sozialiste gesot gëtt et wär jo awer schlëmm, dass elo de Préscolaire an de Primaire bei de Privatschoulen och géinge subventionéiert ginn. Et ass eng Décisioun vum Regierungsrat vum 29. Juli 1989, déi dozou gefouert huet, dass säithier Primärschoulen am Privatsécteur 50.000 Frang pro Schüler kruten. Dat war d'Waldorfschoul beispillsweis. Dat war d'St. Georges School an och Ste Sophie. Et gouf also schonn e Subventionnement vun de Privatschoulen am Primaire, allerdéngs ouni legal Basis, mä eng Prozedur mam Consentement vun der sozialistescher Aarbechterpartei.

Den Institut Emile Metz soll traitéiert gi wéi all déi aner Privatschoulen op Basis vum Gesetz vun 1982, mä déi kruten awer vill méi ënnert d'Äerm gegraff. Am Fong ass de Stat bal zu 100% Träger. Woufir? Well déi Fondatioun Vve Emile Metz, där hir Revenuen op ARBEDs-Aktié baséieren, net méi genuch Revenuen huet fir dat ze droen. Och do huet kee Mënsch e Problem dobäi fonnt.

D'Fonctionnementskäschtchen, do kruten déi traditionell Lëtzeburger Privatschoulen tëschent 40 an 80%, déi international Schoule kruten näischt opgrond vun deem Gesetz, kruten awer aner Hëllef, Aides indirectes. Déi eng oder déi aner Schoul krut beispillsweis en Enseignant zur Verfügung gestallt, wou de Stat d'Pei iwwerholl huet. Och dat muss ee wëssen.

Dat ass d'Situatioun esou wéi ech se virfonnt hunn. Dat ass d'Situatioun esou wéi se haut besteet, awer mat enormen Ennerscheeder. Dat heescht, wann een d'Bedeelung vun Stat iwwert déi verschidde Subventionéierungsmodalitéiten zesummerechent, da krut bis elo Ste Sophie mat 4.977 Euro pro Schüler am mannsten. Den Institut Emile Metz mat 11.379 Euro am meeschten. Bei den internationale Schoule krut St. Georges School, déi nëmmen e Primaire huet, 1.104 Euro pro Schüler, d'International Schoul krut, weinst dem Amortissement vun deem neie Gebai, 5.412

Euro. Et ass also kloer, dass déi disparat Situatioun jo awer net konnt unhalen an dass mer hei hu misse Kohärenz erabréngen, an duerfir ass légiféiert gi fir méi Transparenz do eran ze bréngen.

Mir kréien also duerch dëst Gesetz näischt Neies, mä mir kréien eng legal Basis fir déi Dépensen, déi et schonn iwwert de Budget, iwwert en anere Wee ginn ass, fir déi do eran ze bréngen. D'Regierung hat an hirer Erklärung 1999 festgehalten, dass éischtens d'Privatschoule géingen an de Fonctionnements-käschte méi ënnerstëtzt ginn, dat hu mer och elo gemaach, an dass se bei den Infrastrukture gehollef kréichen. D'Madame Durdu huet och d'Déclaration gouvernementale do zitéiert.

Wann ee vun Ecole privée schwätzt, da muss een awer domat all d'Schoulen, déi ënnert déi Kategorie falen, gesinn, dat heescht déi international, déi konfessionell, de Lycée technique Emile Metz, vun deem am Fong ganz wéineg hei geschwat gëtt, deen awer e ganz grouse Rôle spillt, an d'Waldorfschoul, déi eng alternativ Pédagogik ubitt.

Erlaabt mer zu der Waldorfschoul eng Remarque ze maachen. Et gëtt gesot, d'Schoule missten ideologesch fräi sinn an déi konfessionell Schoule wieren dat net. D'Waldorfschoul, déi huet en Alternativmodell zur Pédagogik entwéckelt, mä dat baséiert awer um Steiner senger anthroposophescher Approche. Och kann een awer soen, dass dat eng ideologesch Approche ass, déi net ka vu jiddferengem gedeelt ginn. Wann een also domat d'accord ass, muss een natierlech am Geescht vum Pluralismus och mat der Approche vun de konfessionelle Schoulen d'accord sinn, soss ass ee wierklech net kohärent.

(Interruption)

Den Här Steiner ass sécherlech kee Reliounscréateur, mä et ass gesot ginn, d'Schoul misst ideologesch neutral sinn. Or, d'Waldorfschoul baséiert awer um Steiner senger Philosophie an dat ass och eng extra Approche. Dat däréi een awer net niéieren.

Wat déi international Schoule betrëfft, esou mengen ech behaupten ze kënnen, dass déi meescht hei an der Chamber sech awer eens si wéi wichteg et ass - an dat ass jo och hei duerchgeklongen -, dass mer fir Lëtzebuerg als internationalen, politeschen, kommerziellen, industriellen a finanziellen Zentrum Schoule brauchen, wou déi international Beamten hir Kanner kënnen scolariséieren. Déi Kanner maachen hir Sclolaritéit nämlech normalerweis méi wéi an engem Land, an dofir muss se hei zu Lëtzebuerg genee wéi an anere Länner oder internationale Plazen awer Konditiounen fir d'Aschoulung fannen, wou se vun engem System an engem Land kënnen dann ouni Schwieeregkeeten an engem anere Land an d'Schoul goen.

Et ass a mengen Aen illusoresch ze mengen, mir kéinten dat do an der öffentlecher Schoul bidden, vu d'Disparitéit vun all deene Schoulprogrammer, déi déi international Schoule bidden. Et ass also manner Dissenz iwwert d'Wichtigkeet vun den internationale Schoulen, wéi een Auserneeklassen esoual et ëm d'konfessionell Schoule geet. D'LSAP déi seet, Ënnerstëtzung fir d'Privatschoulen, awer net fir déi konfessionell. Déi solle vum Stat iwwerholl ginn.

Här President, do fannen ech awer eng fundamental Ongereimtheet dran. Well wa mer de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, passagèrement d'Méiglechkeet ginn de Choix ze treffen hir Kanner hei an eng international Schoul ze dinn, da muss mer jo awer och deenen anere Leit, déi hei zu Lëtzebuerg résidéieren, d'Méiglechkeet ginn hir Kanner an eng privat Lëtzebuerg Schoul ze schécken, och wa se konfessionell ass. Dës

Approche gehéiert a mengen Aen zum Wiese vun enger pluralistischer toleranter Gesellschaft.

Als Argument géint besonnesch déi Lëtzebuerg Privatschoule gëtt ugeféiert, et kéim zu engem Zweeklassesystem an déi privilegiéiert Kanner géingen an d'Privatschoulen op Käscht vum öffentlecher Schoul. Dëst Argument ass och 1982 hei ugeféiert ginn an et ass gesot ginn, elo komme mer zu engem Zweeklassesystem. Ech muss lech soen, ech si frou 20 Joer drop kënnen feststellen, dass déi Ängschten einfach net berechtigt woren. D'Zuele sinn oft genuch hei widderholl ginn. Et ass och gesot ginn, et gi méi Schüler an d'Privatschoulen. Wann een d'Zuelen awer kuckt: 1971 hate mer hei zu Lëtzebuerg - dat sinn awer eréischt 32 Joer hier - 15,9% Schüler an der Privatschoul. Dat ass 1982 op 9,5% erofgaangen, an elo si mer op 11,3%. Dat heescht, 1971 ware wäit méi Schüler am private Schoulsystem, wéi dat haut ass. Och dat soll ee rappeléieren. Esou dass dat Uwuesse vu Kanner, déi a Privatschoule ginn, jo awer net esou grouss ass, wéi 1982 dat virausgesot gi war.

Wann een Zuelen hält, muss een awer och kucken am internationale Vergläich - ech wollt dat hei bäifügen -, dass een eppes vergläicht wat vergläichbar ass. Mir huelen ëmmer nëmmen an ons Zuele vu Participatioun oder vun Undeel u private Schoulen déi Kanner, déi am Secondaire sinn oder am Secondaire technique, well mer ganz wéineg Primaire hunn an deem Beräich. An da gëtt d'Rechnung gemaach. Wa mer hei awer d'Primärschoul derbäi huelen a kucken all d'Kanner déi scolariséiert sinn, da komme mer nëmmen nach op en Taux vu 6,1%. Och dat wollt ech hei soen.

Wann da behaupt gëtt, d'Leit géingen éischer op Privatschoulen zrëckgräife well d'Populatioun hinnen an der öffentlecher Schoul net géing gefalen, do mengen ech, et ass genuch hei dementéiert ginn, dass dat net de Fall wär. Zum Beispill sinn am Secondaire classique an de Privatschoule méi Auslännerkanner wéi dat an der öffentlecher Schoul ass. Wou mir als öffentlecher Schoul ons dann och mussen Froen stellen, firwat dat esou ass.

An ech sinn zum Beispill frou, dass mer elo e Projet iwwerhuelen deen an enger Privatschoul initiéiert ginn ass, nämlech Däitsch fir Auslänner op 7e, fir deenen d'Méiglechkeet ze ginn am Classique besser Fouss ze faassen. Mir hunn d'lescht Joer zu Dikrech ugefaangen a wäerten dat elo an anere Schoule viruféieren, mä dat ass am Ufank vun der öffentlecher Schoul net als Offer gemaach ginn. Ech muss lech soen, dass ech déi Offer awer ageféiert hunn. Duerfir brauche mer de Législateur net, dat ass keng grouss Debatt, mä do hu mer eppes vum Privé geléiert, an ech hätt mer gewënscht d'öffentlecher Schoul hätt dat scho laang ageféiert.

Wéi ass d'Evolution? Dat weess keen, an dofir muss mer dëst Gesetz, wéi all déi aner Gesetzter och genee am A behalen, a wann eng Kurskorrektur muss gemaach ginn, muss mer se maachen. Mä et sinn awer Bremse genuch an dësem Gesetz, genee wéi an deem vun 1982, dass et net zu Abue kënn. Et mussen eng ganz Partie Konditiounen erfëllt ginn, fir dass een hei kann eng Schoul opmaachen, net dass een hei mat Lëtzebuerg Steiergelder eng Schoul mécht, déi net an déi Richtung féiert, déi mer ons all wënschen, dat heescht zu engem offiziellen unerkannten Ofsschlossdiplom.

Wat d'Avantagé vun der Privatschoul ubelaangt, do gëtt oft gesot, si hätten Offerten an Infrastrukturen, déi déi öffentlecher Schoul net kéint zemoos, an dat gëtt zemoos an der Debatt mat der Ganzdagschoul ugefouert.

Bei 4.886 Kanner, déi an de Privatschoulen ageschriwwen sinn, si just 10,03%, déi vun där Offer profitéieren fir no véier Auer nach kënnen do ze bleiwen. Et ass also net fir ze soen, d'Kanner ginn an déi Schoul well se do méi Opfangstrukture fannen, well dat kann nëmmen zum Deel esou sinn, well soss géinge jo vill méi Kanner, déi an déi Schoule ginn, wou se déi Strukturen hunn, dovu profitéieren. Et sinn awer nëmmen 10,03%.

Wann ech da kucke wat fir eng Efforté vun der öffentlecher Schoul gemaach si ginn, wat d'Betreiung vun de Schüler ubelaangt, da kann ee bedauern, dass dat ze spéit ugesat huet. Mä wann ech kucke wat d'Gemenge fir Efforté gemaach hunn an deene leschte Joren, da gesäit een dass am Primaire 60 Gemengen elo Structures d'accueil hunn. An 33 Gemenge besteet schonn eng Prise en charge complète, esouguer fir d'Betreiung während de Vakanzen, wat déi Privatschoulen net hunn.

Et muss een also soen, dass d'öffentlecher Schoul do wierklech ganz vill bitt, a wat de Secondaire ubelaangt, esou huet all Secondaireschoul eng Schoulkantin an et muss een och derbäi soen, dass wat d'Offer ubelaangt fir bis véier Auer zum Beispill an der Schoul ze bleiwen, dat schonn zu Gréiwe-maacher praktizéiert gëtt, an de Mamer Lycée, deen am Hierscht seng Dieren opmécht, déi Offre scolaire och ubitt.

Wann ech dat dann alles zesummenziele wat an de Gemenge gemaach gëtt an nach amgaang ass do ze entstoen, plus dat wat mer an den öffentleche Lycéee maachen, dann ass wat déi Offerte, déi d'Betreiung ubelaangt, vun den Infrastrukture bis zu de Strukturen, déi mer hunn, dat schonn déi Privatschoul iwwerschreit, esou dass dat och keen Argument ka sinn.

Et gëtt en Argument gebraucht, dat vun der Autonomie, an et gëtt gesot, do kënn et jo zu enger Concurrence déloyale, well déi Privatschoule vill méi Autonomie hu wéi déi öffentleche. Jo, déi öffentleche Schoul huet a mengen Aen net genuch Autonomie. An dofir hunn ech den 29. Januar e Projet de loi hei déposéiert iwwert d'Organisation vun de Schoulen, deen de Schoulen ebe méi Autonomie soll ginn. Et ass hei gesot ginn, jo dat Gesetz geet awer net wäit genuch. Ech wëll awer net, dass mir als Législateur hei dann am Detail solle virschreiwe wat d'Autonomie ass, mä d'Schoulen d'Méiglechkeet hunn dat vun ënnen erop ze schaffen. Dass dat net einfach ass wësse mer, an et mussen awer och do Bremsen agebaut ginn. Et sinn der och déi verwiesselen Autonomie mat sech kënnen fräi behuelen a just an hirem Klasseraum dat ze maache wat se wëllen. Dat kann d'Autonomie net sinn. D'Autonomie fonctionnéiert nëmme wann ee parallel dozou eng Qualitéitskontroll huet, an dat am Intérêt vun de Kanner.

Ech freeë mech also dass dee Projet de loi, deen ech abuecht hunn, jo dann awer wäert hei op Ënnerstëtzung treffen.

E weidert Argument ass, dass d'Privatschoule géingen am Primaire bevirdeelegt gi vis-à-vis vun de Gemengen. Ech mengen, do si scho genuch Argumenter vu verschidde Riedner hei bruecht ginn.

D'LSAP huet an hirem Pabeier, dee se en Donneschdeg virgestallt huet, gefrot, dass soll mat de Privatschoule kënnen eng Konvention ofgeschloss ginn. Mä da wëll ech awer den Auteurs vun deem Pabeier soen, dass dat am Projet de loi virgesinn ass, nämlech am Artikel 16 steet ganz kloer, dass fir all déi Privatschoulen e Kontrakt gemaach gëtt. Ech sinn net Jurist,

ech weess net wat d'Differenz tëschent engem Kontrakt an enger Konvention ass. Ech ginn awer dovunner aus, dass dat datselwecht ass, sou dass mer dat virgesinn hunn. Et ass net esou dass eng Schoul automatesch Subsidie kritt, mä si muss eng Konvention maachen, well et gi jo dann Obligationen fir déi zwou Parteien, déi sech doraus erginn.

E ganz wichtige Volet bei där Diskussion si selbstverständlech d'Finanzen. A wéi déi Participatioun elo ass, dat huet d'Madame Durdu an hirem Rapport ganz kloer virgeluecht. Et kënnen och keng Abue sinn, well et gëtt e Kontrollorgan wat dat genee iwwerprëft an dat muss mer och maachen.

Ech wëll awer hei betounen, Här President, déi Mehrausgabe mussen am Budget enthalen sinn. Mä dat däréi net op d'Käschte vun der öffentlecher Schoul goen Et steet och an der Regierungserklärung vun '99: „Il est entendu que l'ensemble de ces mesures en faveur de l'enseignement privé ne change aucunement la priorité de l'engagement du Gouvernement en faveur de l'école publique“. An dozou stinn ech an dofir wäert ech mech och nach weider setzen.

De Käschtepunkt ass net ze négligieren, mä dëse Projet dréit einfach just dozou bäi, dass Ongereimtheeten, déi am Laf vun de Joren entstane sinn, aus dem Wee geschafft ginn.

Mä am Fong, wann een iwwer Schoul schwätzt, hei gëtt vill driwwer geschwat, da sinn aner Projete vill, vill méi wichteg. Mir hunn, säit ech '99 ugefaangen hunn, hei zéng Gesetzter gestëmmt an 63 Règlements grand-ducaux, eleng an dëser Legislaturperiod, fir kënnen d'Schoul funktionnéieren ze dinn. D'öffentlecher Schoul muss besser ginn. Et ass nämlech esou, wann een ophält wëlle besser ze ginn, dann huet een einfach schonn opgehale gutt ze ginn. Et muss een also ëmmer probéieren Progrésen ze maachen an dofir muss mer d'öffentlecher Schoul och an d'Lag versetzen dat ze maachen.

Et gëtt elo behaupt, et wir näischt geschitt. Wann ech awer kucken, de Personalmangel, do si mer e gutt Stéck virukomm. Zënter 1999 sinn am Primaire 13,6% méi brevetéiert Enseignanten agestellt ginn. D'Situatioun vun de Chargés de cours ass regulariséiert ginn an am Moment si mer amgaang iwwert de Personalkader ze diskutieren am Postprimaire, wou mer och an der leschter Zäit vill besser konnte rekrutéieren.

Am Primaire ass d'Zuel vun den Inspekteren eropgesat ginn, et si Bureaux régionaux geschafft ginn, ebe just wou d'Leit kënnen, Här Scheuer, déi Schwieeregkeeten hu mat de Kanner, um direkte Wee sech un déi öffentleche Instanze wenden an ech géing do deem Papp, deen lech dee Fax geschéckt huet, wierklech recommandéieren, e soll sech dach wann ech gelift direkt un den Inspekter vum Arrondissement wenden. D'öffentlecher Schoul wäert ëm do hëllefen. Wann d'Kand nëmmen Englesch schwätzt, kann ech och soen, et ass jo nach am Spillschoulsalter, dass mer en Extraprogramm hunn, fir de Kanner ebe Lëtzebuergesch an der Spillschoul bäizebréngen, esou dass ech mengen, dass et do beschteens opgehewe wier.

D'Schoulreformen, déi néideg waren, notamment d'Aféierung vum ënneschten Zyklus am Primaire an d'Reform vun der Division supérieure am Enseignement secondaire, lafen. Déi sinn an d'Realitéit ëmgesat ginn. Iwwert de Projet pilote am Secondaire technique hu mer gëschter geschwat. Mir hunn Neibaute vu Schoulen am Plan sectoriel virgesinn, d'Bauprogrammer si fäerdeg, mir hunn och d'Standardisation vu Schoulbaute gemaach, woubäi u d'öffentleche Internat net vergiess ginn ass. Dat soll jo zu Réiden matgebaut ginn.

D'Schoulautonomie an de Partenariat ginn am Projet de loi iwwert d'Organisation vun de Lycéee gemaach an do hu mer jo d'Procédure législative entaméiert. Wann een awer Schoul seet, da gëtt et Rechter, da gëtt et Flichten. Mä ech muss lech soen, ech wollt hei aushuelen, fir dass net gesot gëtt, mä ass dat do d'Bildungsoffensiv. Dee Projet de loi, deen hei virläit, ass just eng Regulariséierung vun enger Situatioun, déi sech opgebaut huet, mä et geet hei net ëm d'Bildungsoffensiv. Dat hei ass kee Stéck vun der Bildungsoffensiv, well déi Bildungsoffensiv ass scho laang amgaang an déi baue mer weider aus.

Team-teaching, Tutorat, Cours d'appui obligatoire op Septiemen, Classes fondamentales, dat sinn alles Neierungen, déi et awer gëtt an déi sécherlech zu enger Verbesserung bäidroen fir d'Prise en charge vun deem eenzelne Schüler, ëm deen et ons hei geet.

De Pendant vun enger Schoul, déi fördert, dat ass awer selbstverständlich och eng Schoul, déi muss fuerderen. An allze vill oft huet d'Gefor an der Vergaangenheet bestanen, dass een an der Schoul probéiert huet de Chemin de la facilité ze goen, mat deenen Dériveren, déi mer leider konnte constatéieren. Dass dat keng Lösung ka si wësse mer heibannen an dofir pochen ech dorop, dass mer mat Rigueur un d'Affär mussen erugeen, dass mer dat och mussen vermëttelen, dass mer mussen de Goût vum Effort vermëttelen a méi op déi verschidde Flichte vun de Partner an der Schoul agoen an net nëmmen op d'Rechter.

De Projet, deen haut zur Diskussion steet, léist keng pedagogesch Problemer, a scho guer net mat enger Auseenansetzung ob privat oder öffentlecher Schoul. Fir mech mussen déi zwee Systemer, Här President, complémentaire sinn, woubäi d'öffentlecher Schoul eng absolut Prioritéit muss behalen. Ech fannen et just schued, dass vu verschidde Säiten hei mat Attacken an Ennerstellungen operéiert ginn ass, déi einfach an de Faité scho falsch sinn, wat net zu der Objektivitéit vun dësem Débat bäigedroen huet.

Ech wëll all deene merci soen, déi un dëser Debatt konstruktiv deelgeholl hunn, e besonnesche Merci un d'Membere vun der Educatiounskommissioun, un hir Präsidentin a Rapporteuse, fir deen excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

E lescht Wuert, Här President. D'Verrieder vun der LSAP hunn haut gleewe gedinn, an och am Virfeld vun dëser Debatt, de Vote vun dësem Projet wier den Ënnergank vun der öffentlecher Schoul. Ech deelen déi Appréciatioun op kee Fall, well contrairement dann zu der LSAP gleewen ech un déi öffentlecher Schoul an un déi Ressourcen, déi se huet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5029 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 15 si gelies an ugehall.

Den Artikel 16 ass gelies.

Amendement 1

Zum Artikel 16 hu mer en Amendement vum Här Colombara erakritt. Den Amendement ass ausgedeeelt an explizéiert ginn. Dir hutt e virun lech leien. Mir kënnen also direkt driwwer ofstëmmen.

Vote

Wie fir den Amendement ass stëmmt mat Jo, wien dogéint ass stëmmt mat Neen oder enthält sech.

Den Amendement ass verworf mat 35 Nee-, 12 Jo-Stëmmen an 11 Absten-tiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombe-ra, Gast Gibéryen, Fernand Grei-sen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Gar-cia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Mar-cel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Ady Jung), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lu-cien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Mar-co Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emi-le Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stende-bach;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Assel-born, Alex Bodry (par M. Marc Za-nussi), Mme Mady Delvaux-Steh-res, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydia Mutsch), Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Den Artikel 16 ass also ugeholl an där Verfassung wéi e vun der Kom-missiouen virgeschloe ginn ass.

D'Artikele 17 bis 38 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, da géin-ge mer elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5029 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi do-géint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 41 Jo- an 19 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Mar-cel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Ady Jung), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lu-cien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-not Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emi-le Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stende-bach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jac-ques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Meh-len.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot (par Mme Lydia Mutsch), Jean-Pierre Klein (par M. Georges Wohlfart), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Gar-cia, Camille Gira (par M. Robert

Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Jean Huss);

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Dann hätte mer elo och nach eng Motioun, déi vum Här Robert Gar-cia eragereecht ginn ass. Si ass ausgedeelt an explizéiert ginn. Dir hutt se virleien.

Ass e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Mir stëmmen also of iwwert d'Mo-tioun vum Här Garcia.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi do-géint si mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun ass ofgeleent mat 33 Nee-, 17 Jo-Stëmmen an 3 Absten-tiounen.

Ont voté oui: Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohl-fart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jac-ques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Meh-len;

MM. François Bausch, Robert Gar-cia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Ont voté non: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Mar-cel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Ady Jung), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lu-cien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-not Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emi-le Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippin-ger, Marco Schroell, John Schum-mer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Jean Assel-born, Lucien Lux et Jos Scheuer.

Domadder wär dee Punkt vum Or-dre du jour ofgeschloss. Den Här Strotz freet d'Wuert.

5. Dépôt d'une motion par M. Nicolas Strotz relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison au-toroutière vers la Sarre

■ M. Nicolas Strotz (CSV).- Här President, am Numm vun de Majoritéitsfraktiounen wëll ech hei eng Motioun iwwerreechen, déi d'Regierung invitéiert fir schnell-stens e Projet de loi auszeschaffe fir eng Tankstell op d'Saarstrooss ze bauen.

(Hilarité et brouhaha général)

Ech wär frou, wa mer mar no der Diskussioun vum Marchés-publics-Gesetz hei iwwert dës Motioun dis-kutéieren an ofstëmme kéinten.

Motion

La Chambre des Députés,

- *considérant que la construction de la liaison autoroutière avec la Sarre constitue un élément important de la politique gouvernemen-tale visant à garantir le raccorde-ment de notre pays aux grands ré-seaux routiers transfrontaliers;*

- *considérant que cette nouvelle autoroute absorbera une partie substantielle de la circulation rou-tière actuelle, encore contrainte de traverser les localités luxembour-*

geoises situées entre la ville de Lu-xembourg, respectivement la croix de Bettembourg, et les villages frontière de la Moselle;

- *considérant que la construction de la liaison autoroutière avec la Sarre mènera ainsi à un accroisse-ment palpable de la qualité de vie dans les localités actuellement en-core confrontées avec un trafic de transit intense;*

- *considérant que les autoroutes luxembourgeoises disposent toutes de stations service permet-tant aux véhicules de se ravitailler en carburant sans devoir quitter le réseau autoroutier;*

- *considérant que cet état des choses évite une circulation de transit excessive à travers les loca-lités situées aux environs des auto-routes;*

- *considérant que les planifications de la liaison autoroutière vers la Sarre ne prévoient pas encore l'ins-tallation d'une station-service, pourtant indispensable dans la perspective d'une réorientation complète de la circulation de tran-sit vers cette partie de l'Allemagne et pouvant ainsi garantir l'améliora-tion de la qualité de vie dans les lo-calités actuellement encore traver-sées par cette circulation;*

invite le Gouvernement

- *à prévoir l'installation d'une sta-tion-service sur le tracé de la liai-son autoroutière vers la Sarre, afin d'assurer l'utilisation exclusive de la nouvelle autoroute par les véhi-cules en transit vers l'Allemagne;*

- *à planifier cette installation de manière à limiter autant que pos-sible les retombées nocives pour la population des localités situées aux environs du site de la station;*

- *à élaborer à cet effet un projet de loi modifiant la loi du 16 novembre 2001 relative à la construction d'une liaison avec la Sarre;*

- *à élaborer un projet de loi modi-fiant la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un Fonds des Routes, afin de dé-terminer les compétences en ma-tière d'autorisations de construire relatives à la réalisation des projets et équipements routiers énumérés à l'article 6 de la loi précitée.*

(s.) Nicolas Strotz, Jeannot Belling, Lucien Clement, Marie-Josée Frank, Maggy Nagel.

■ M. le Président. - D'Chamber hält Akt vun där Motioun. Mir gi se weider.

Da kéime mer also zur Diskussioun vum Projet de loi 4942/5032 iwwert d'Gestioun vun der Eisebunnsin-frastruktur.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

D'Riedezäit ass nom Modell 1 fest-geluecht. Et sinn agedroen: déi Hären Hauptert, Zanussi, Graas, Greisen a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

6. 4942/5032 - Projet de loi modifiant la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

■ M. John Schummer (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir komme mat dësen zwee Projeten, déi elo um Ordre du jour sinn, zum deiers-te Projet aus dëser Legislatur.

(Coups de cloche de la Prési-dence)

Et geet ëm sage und schreibe zir-ka 900 Milliounen Euro am Dëngscht vum öffentliche Trans-port. Dëse Projet war schonn zu engem groussen Deel an allen De-tailer am Gesetz vum 24. Juli 2000 presentéiert ginn, esou dass ech net méi op all eenzel Detail hei muss agoen, mä mech nach just op d'Differenze beschränke wäert. Am schrëftleche Rapport kënnt Dir souwisou alleguerten déi Detailer in extenso noliessen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 18. Abrëll 2002 ass de Projet 4942 betreffend d'Gestioun vun der Infrastructure ferroviaire hei an der Chamber déposéiert ginn an de Conseil d'Etat ass den 10. Abrëll mat deem Projet saiséiert ginn. De Projet 5032 ass den 8. Oktober 2002 an der Cham-ber déposéiert ginn an de Conseil d'Etat ass den 23. September vum Joer 2002 saiséiert ginn.

(Coups de cloche de la Prési-dence)

D'Regierungsamendementer sinn den 30. respektiv den 31. Dezem-ber un de Conseil d'Etat gaangen. Den 28. Januar 2003 huet de Con-seil d'Etat säin Avis iwwert déi zwee Projete ginn. D'Kommissioun huet an hirer Sitzung vum 18. Mäerz 2002 déi zwee Projeten ex-aminéiert a meng Wéinegkeet als Rapporteur fir déi zwee Projeten hei désignéiert. Vu dass de Conseil d'Etat déi zwee Projeten an engem Avis aviséiert huet, huet d'Kommis-sioun sech un déiselwecht Method gehalen. De Rapport ass den 8. Mee 2003 vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Éischtens also de Projet 4942. Mam Gesetz vum 24. Juli 2000 ass eng éischt Serie vu Mesuren, déi eng Verbesserung vun der Sécher-heet a vun der Qualitéit vum Ré-seau ferroviaire solle garantéieren, ugeholl ginn. D'Commission de l'In-frastructure ferroviaire, déi de Stat agesat huet, ass chargéiert gi fir en Inventaire an en éischte Bilan vum Gesetz vum 24. Juli 2000 ze maa-chen an ze ënnerbreeden. An hi-rem Avis vum 23. November 2001 huet dës Kommissioun op eng Rei Problemer, notament wat d'Be-rechnungen an d'Ennerschätzunge vum Präis vu Säfte vun der CFL-Di-rektioun ubelaangen, opmierksam gemaach.

(Coups de cloche de la Prési-dence)

Et gouf och décidéiert de Projet i-wert d'Moderniséierung an d'Er-neuerung vun der Linn Lëtzebuerg-Klengbetten provisoersch opze-ginn. Ausserdeem gesäit dëse Pro-jet d'Ännerung vum Projet betref-fend d'Remise en état vum Viaduc Polvermillen vir. D'Iddi hei dräi Gleis-er ze baue gouf abandonnéiert an et gouf décidéiert eng nei Linn op de Kierchbiérg via Findel ze bau-en, wat de Bau vun enger neier Bréck, déi zweegleiseg soll sinn, parallel zur jëtzege Bréck Polver-millen, mat sech bréngt.

Eng Réévaluation vun den Aar-bechten op der Linn Kautebaach-Wolz bréngt eng Augmentatioun vum Coût op 31,5 Milliounen Euro, wat laut Artikel 99 vun der Consti-tutioun enger gesetzlecher Basis ënnerläit. D'Kommissioun huet d'Initiativ vum Minister vum Trans-port apprécieiert, fir d'Budgetskon-trollkommissioun schonn am Virfeld vun dësem Projet iwwert déi Pro-blemer ze informéieren.

D'Kommissioun adhëréiert och der Invitatioun un d'CFL fir, an ech zitéieren: „d'une part, à créer au sein de l'entreprise les conditions utiles pour assurer à l'avenir une exécution de leurs obligations lé-gales et à préparer une réévalua-tion des devis sous-estimés tout en expliquant les raisons de l'insuffi-sance des crédits pour certains projets ainsi que de l'abandon d'autres projets dont la réalisation s'avère impossible dans les condi-tions de 2000“.

Ze soe bleift nach, dass soubal e Konsens tëschent Lëtzebuerg an der Belsch fonnt gëtt, wat d'Liaison

Bréissel-Lëtzebuerg betrëfft, dann den Investissement vun der Linn Klengbetten och erëm nogekuckt gëtt. Eis Kommissioun ass der Meenung, dass et gutt wär, wann en Accord kënnt fonnt ginn zwë-schent deenen zwee Länner fir d'Linn Lëtzebuerg-Bréissel, quitte dass mir eng Participation financiè-re missten envisagéieren, wann dat gefrot wär.

Zweetens de Projet 5032. Dëse Projet konzentréiert sech haaptsächlech op déi Projeten, déi am Kader vu „Mobilité.lu“ de 24. Januar vum Joer 2002 an der Chamber presentéiert gi sinn. D'Gesetz vum 24. Juli 2000 hat en Deelausbau op zwee Gleiser vun der Linn Péiteng-Lëtzebuerg virge-sinn. Elo baue mer déi Linn net nëmmen deelweis, mä integral, op zwee Gleiser aus. Sou hu mer d'Méiglechkeet vun enger Aug-mentatioun vun der Offer fir déi Leit, déi aus der Grenzregioun kommen, well mer, duerch deen In-tegralausbau op zwee Gleiser, d'Kadenz vun den Zich kënne méi grouss maachen.

(M. Nico Loes prend la Prési-dence)

Dëse Projet gesäit och en duebelt Gleis tëschent Hamm a Sandweiler vir. Dës gëtt Capacitéite fräi, déi gebraucht gi fir d'Connexioun Train-Tram Findel-Kierchbiérg.

Och de Projet betreffend d'Créa-tioun vun engem faisceau de remi-sage pour le matériel roulant en Gare de Luxembourg“ ass mat dë-sem Projet hei beträff.

En attendant eng Approbatioun vun engem Echangeuprojet gëtt d'Gesetz vum 24. Juli vum Joer 2000 an deem dote Fall bäibeha-len.

De Projet bedréit elo e Montant vun 102,57 Milliounen Euro, géint nëm-me 24,79 an deem Projet virdrun.

Och de Projet fir d'Installatioun be-treffend d'Sécherheet an d'Tele-kommunikatiounen vun de „postes de signalisation“ Wecker, Rued, Èi-ter a Sandweiler-Konter ass hei bëuecht ginn.

De Projet 18 huet also als Objet d'Realisatioun vun engem inte-gréierten numeresche Radio, ERTMS/GSM-R op der Eisebunns-infrastruktur, dréit zur Sécherheet vun den Zich bäi an ass Précurseur vun der Harmonisation vun den „techniques ferroviaires à l'échelon communautaire“, déi nach wäerten op eis zoukommen.

Den Alter an d'Usure vun de Struk-ture vun der Nordstreck bréngt och hei Renouvellementer vun den In-stallatiounen mat sech. De komplet-te Renouvellement vum Tronçon Bierchem/Nord-Èiter an de Bou Al-zeng ass och ënnert dem Ge-sichtspunkt vum neie Viaduc Pol-vermillen ze gesinn. Aus Sécher-heetsgrënn müssen déi Aarbechte virum Bau vum neien Viaduc rea-liséiert ginn. De Conseil d'Etat huet proposéiert, déi zwee Projeten an engem Text ze regroupéieren; wat och d'Kommissioun selbstver-ständlech ugeholl huet.

Ech wëll dann zum Schluss nach déi 20 Punkten opzielen, déi dësen Text virgesäit.

(Interruption)

Allen 20, Här Scheuer, Dir kënnt se awer och am schrëftleche Rapport noliessen, wann et lech ze laang dauert.

■ M. Jos Scheuer (LSAP).- Ech hunn dat gemaach!

■ M. John Schummer (DP), rapporteur.- 1. a) D'Linn Zouftgen-Lëtzebuerg gëtt e Montant vun 12,5 Milliounen Euro.

b) D'Linn Zouftgen-Lëtzebuerg (aménagement d'une troisième voie dans le triangle de Fentange, augmentation de la capacité de ligne par l'optimisation des blocs de section, intégration du poste de Berchem, dans le poste directeur de Luxembourg): 27,5 Milliounen Euro.